


# NATIONALEN AKTIOUNSPLANG FIR DIGITAL INKLUSIOUN 2026-2030

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Impressum**
Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun
**Pluriannuelle Plang**
© Ministère fir Digitaliséierung, Dezember 2025

**Koordinatioun vun den Aarbechte fir d'Ausschaffe vum nationalen Aktiounsplang:**
Ministère fir Digitaliséierung
**An Zesummenaarbecht mam**
Staatsministère (ME)
Inneministère (MAINT)
Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau (MA)
Kulturministère (MCULT)
Ministère fir Digitaliséierung (MinDigital)
Wirtschaftsministère (MECO)
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENEJ)
Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA)
Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil (MFSVA)
Finanzministère (MFIN)
Ministère fir d'Fonction publique (MFP)
Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten (MMTP)
Ministère fir Fuerschung an Héichschoul (MESR)
Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet (M3S)
Aarbechtsministère (MT)
**Publikatiounsdatum:**
16.01.2026
**Produktioun**
Quattro Creative Studio (wearequattro.com)
**Drock**
Imprimerie Reka Luxembourg (www.reka.lu)

MADE IN LUXEMBOURG
myclimate neutral Imprimé
myclimate.org/01-21-303202
BLUE ANGEL THE GERMAN ECOLABEL

# INHALT

**4**

**Virwuert**

**6**

**Aleedung**

- Digital Inklusioun, e gesellschaftlechen Enjeu
- Den éischten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun
- Déi aktuell Situatioun zu Lëtzebuerg
- Déi europäesch Ziler vum digitale Joerzéngt
- Wien ass betraff?
- Komplementaritéit mat deenen anere Strategien a Pläng vun der Regierung
- Elaboratioun vum zweeten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun
- Wat sinn d'Prioritéiten?
- Suivi an Evaluatioun

**27**

**D'strateegesch Hiewelen**

- **A.** Sécherstelle vun der Koordinatioun vum Nationalen Aktiounsplang
- **B.** Verdéiwe vun den digitale Kompetenzen
- **C.** Stäerke vun der Motivatioun a Bilde vun digitalem Vertrauen
- **D.** Erliichtere vum Zougang zu den digitalen Technologien
- **E.** Stäerke vun der Autonomie duerch déi digital Technologien
- **F.** Bäibehale vun enger Alternativ zu den digitalen Technologien

**83**

**Appendixes**

- **Annex 1:** Partie-prenanten
- **Annex 2:** Ofierzungsverzeechnis

# VIRWUERT


**Als zentrale Facteur vun eiser gesellschaftlecher Entwécklung schafen déi digital Technologien nei Méiglechkeeten, stimuléieren d'Innovatioun a stellen d'Aart a Weis, wéi mir eis Zukunft gestalten, a Fro.**



Duerch déi digital Technologië léieren, schaffen an decidéiere mir anescht; duerch d'Donnéeë veränneren sech eist Zesummeschaffen an eis Virstellung vun den ëffentleche Servicer; d'ëffentlech Verwaltung erfënnt sech nei, d'Servicer passen sech un, fir méi Personaliséierung, méi Accessibilitéit an heiansdo souguer méi Anticipatioun unzebidden. Dës Acceleratioun vun der technologescher Entwécklung versprécht eng méi connectéiert an effikass Gesellschaft, mee si bréngt awer och eng Responsabilitéit mat sech: dofir ze suergen, dass jiddereen dorun deelhuele kann.

An enger Welt, wou Demarchen, Rechter, Informatiounen an Echangen digitaliséiert ginn, entwéckelt sech d'Méiglechkeet, dorun deelzehuelen, esouwuel zu engem Citoyennetéits- ewéi och zu engem Kompetenzenjeu. D'digital Inklusioun ass deemno net méi just e sozialen oder technologesche Sujet: Si ass künfteg och e Pilier vun der Demokratie, dee mat de Grondrechter zesummenhänkt. Bei der digitaler Inklusioun handelt et sech ëm all d'Aktiounen an d'Initiativen, déi et jidderengem erméiglechen, säi Liewen an enger Gesellschaft am Wandel aktiv zu gestalten. Dat heescht, d'Mëttele bereetstellen, fir déi digital Welt ze verstoen a doran entspaant handelen a sech beweegen ze kënnen.

Lëtzebuerg ass sech den Enjeuen bewosst an huet sech fir e responsabelen Ëmgang mat den digitalen Technologien entscheet, woubäi net nëmmen d'Qualitéit vun de betreffenden Infrastrukturen zielt, mee och d'Fäegkeet, d'Egalitéit, den Engagement an d'Vertraue vun de Bierger zu stäerken. An dësem Sënn gouf 2021 den éischten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun lancéiert. Heimat konnt de Grondstee fir en zolitte Kader geluecht ginn, an zwar duerch d'Mobiliséierung vun den ëffentlechen a privaten Acteuren, eng ëmfaassend Sensibiliséierung fir d'Wichtegkeet vun der digitaler Inklusioun an d'Initiéiere vu konkreeten Aktiounen, fir d'Begleedung besser ze strukturéieren an Hürden ofzebauen. Dësen éischte Plang, deen 2024 ofgeschloss gouf, huet seng Ziler erreecht: En huet eng nohalteg Dynamik ageleet, d'Pertinenz vu koordinéierten



Aktioune beluecht an d'Noutwendegkeet, fir méi wäit ze goen, bestätegt.

Den zweeten nationalen Aktiounsplang (plan d'action national – PAN) reit sech an dës Kontinuitéit an. E verstäerkt d'Efforten, déi ugefaang goufen, consolidéiert d'Fortschrëtter a schaaft gläichzäiteg nei Perspektiven. E leet de Schwéierpunkt op d'Zesummenaarbecht tëschent den Acteuren an d'Entwécklung vun de Kompetenzen. E stäerkt vertrauenswierdeg digital Ëmfelder a suergt dofir, dass d'Solutioune wierklech accessibel an der Diversitéit vun de Besoinen ugepasst sinn. Leschten Enns ass den neien Aktiounsplang Ausdrock vun enger einfacher Iwwerzeegung: Déi digital Transformatioun huet nëmmen e Sënn, wann se mënschlech, gedeelt an inklusiv ass.

Dëse Plang ass op der Grondlag vun enger participativer a kollaborativer Demarche ausgeschafft ginn. En interministeriellen Aarbechtsgrupp fir digital Inklusioun huet d'Kohärenz vun den Aktiounen an d'Mobiliséierung vun den ëffentlechen Expertise séchergestallt. Et hu Consultatioune bei staatlechen an net staatlechen Acteure stattfonnt, woubäi dës duerch interaktiv Atelieren ergänzt goufen, déi d'Ko-Konstruktioun vun de Prioritéite vum PAN ënnerstëtzt hunn. Ausserdeem gouf et bilateral Echangë mat sämtleche concernéierte Ministèren, wouduerch eng transversal Vue vun den Enjeuen a Besoine séchergestallt gouf.


Deen heiten Aktiounsplang ass d'Resultat vun all dësen Diskussiounen a Consultatiounen an huet d'Zil, d'Entstoe vun enger inklusiver digitaler Gesellschaft ze erliichteren. E consolidéiert déi fundamental Grondlage vum éischte Plang fir nohalteg Aktiounen am Beräich vun der digitaler Inklusioun an huet d'Roll vun engem Facilitateur, fir d'digital Technologien zu engem wirtschaftlechen a sozialen Hiewel fir all déi ze maachen, déi sech fir déi digital Welt entscheeden.

Well d'digital Technologië sinn, wann se fir all Mënsch geduecht sinn, eng Chance fir jiddereen.




**Stéphanie OBERTIN**
Ministesch fir Digitaliséierung

# ALEEDUNG




# Digital Inklusioun, e gesellschaftlechen Enjeu

**Am Zäitalter vun der digitaler Transformatioun huet d'digital Inklusioun sech zu enger weesentlecher Viraussetzung entwéckelt, fir d'Chancëgläichheet an d'Participatioun vun alle Mënschen um sozialen, berufflechen an ziville Liewen ze garantéieren.**



D'digital Inklusioun soll alle Bierger d'Fräiheet an d'Mëttele ginn, fir onofhängeg vun hire Kompetenzen oder hirer sozioekonomescher Situatioun onageschränkt un der digitaler Gesellschaft deelhuelen ze kënnen. Hiert Zil ass et, dofir ze suergen, dass bei der Entwécklung vun den digitalen Technologien a Servicer kee vergiess gëtt.

D'digital Inklusioun beschränkt sech net op den Zougang zu technologeschen Outilen, mee ëmfaasst och d'Fäegkeet, dës Outilen ze notzen, d'Vertrauen, fir se anzesetzen, an d'Méiglechkeet, op Alternativen zeréckzegräifen, wann een déi digital Technologien opgrond vun engem Choix oder bedéngt duerch Contrainten net notze wëll. Et geet drëms, alle Bierger d'Fräiheet an d'Mëttelen ze ginn, ongeschränkt un der digitaler Gesellschaft deelzehuelen.




# Den éischten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun

**Zënter enger Rei vu Jore schafft Lëtzebuerg aktiv dorun, den digitale Gruef méi kleng ze maachen an eng méi inklusiv Gesellschaft ze schafen, esouwuel am digitale Beräich ewéi och am reale Liewen.**

An dësem Zesummenhang goufen eng Rei vu strukturéiernden Initiativen en place gesat, fir dës Ambitioun ze konkretiséieren. Als Reaktioun op déi éischt Constaten am Zesummenhang mat engem digitale Gruef huet Lëtzebuerg 2019 en interministeriellen Aarbechtsgrupp fir digital Inklusioun an d'Liewe geruff an 2021 säin éischten Nationalen Aktiounsplang (Plan d'action national – PAN) fir digital Inklusioun lancéiert. Den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun, deen Enn 2024 ofgeschloss gouf, huet eng wichteg Etapp markéiert, fir de Wee fir nei Projete fräizemaachen an d'Beräicher ze identifizéieren, an deenen nach musse Fortschrëtter gemaach ginn. En huet op enger klorer Visioun berout: jidder Bierger d'Méiglechkeet ginn, un der digitaler Gesellschaft deelzehuelen, an dobäi seng spezifesch Besoinen an seng Contraintë berécksichtegen. Konkreet huet de Plang sech a 40 Initiativen, verdeelt op dräi Achsen, gegliddert – Motivatioun an digitaalt Vertrauen, Accès zu digitalen Technologien an Entwécklung vu Kompetenzen. Dës Aktiounen hunn et notamment erméiglecht:

- **Bevëlkerungsgruppen, déi dem Risk vun enger digitaler Ausgrenzung am meeschten ausgesat sinn, besser ze identifizéieren** (eeler Leit, Demandeur-d'emploien, Stéit mat niddregem Akommes, Leit, déi nei an d'Land komm sinn, et cetera);
- **pedagogesch Outilen an accessibel Formatiounsofferen** op verschiddene Kompetenzniveauen ze entwéckelen;
- **d'Zesummenaarbecht tëscht ëffentlechen Acteuren, Associatiounen a private Partner ze stäerken;**
- **d'Bevëlkerung fir d'Opportunitéiten,** awer och fir d'Risiken ze sensibiliséieren, déi sech aus den digitalen Technologien erginn.

## Alternativen fir Persounen erhalen, déi digital Technologien net notze kënnen oder wëllen.



Dësen éischte Plang huet och eng Katalysaterfunktioun erfëllt, andeem en eng national Dynamik ronderëm d'digital Inklusioun ausgeléist huet. Fir d'éischte Kéier huet eng koordinéiert Strategie zur Mobiliséierung vun engem breede Spektrum vu staatlechen Acteuren an zur Ëmsetzung vun enger Panoplie vu konkreeten Aktioune mat dësem Zweck gefouert.

Duerch dës Mobiliséierung konnte bedéitend Resultater erreecht ginn, mee si huet och d'Ausmooss an d'Komplexitéit vun den zukünftegen Enjeuen däitlech gemaach. Duerch d'Resultater, déi erreecht goufen, sinn och nei Defie siichtbar ginn: d'Noutwendegkeet, d'Offere permanent un d'technologesch Entwécklungen unzepassen, d'Vertrauen an den Ëmgang mat digitalen Technologien ze stäerken an Alternative fir déi Leit ze erhalen, déi déi digital Technologien net notze kënnen oder wëllen.

# Déi aktuell Situatioun zu Lëtzebuerg

**D'Donnéeën, déi aus der Enquête communautaire iwwer d'Notzung vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien (IKT) stamen, déi de STATEC 2024 gemaach huet, an déi am Kader vun engem Projet vum Ministère fir Digitaliséierung an Zesummenaarbecht mam LISER iwwer dräi konsekutiv Joren (2022, 2023 an 2024) analyséiert goufen, bestätegen déi signifikant Fortschrëtter, déi Lëtzebuerg am Beräich vun der digitaler Inklusioun gemaach huet, a maache gläichzäiteg d'Defien däitlech, déi weiderhi bestinn.**[1].

Bei der Analys vum digitale Gruef zu Lëtzebuerg gëtt eng progressiv Verännerung vum Verhältnes vun der Bevëlkerung zu den digitalen Technologien däitlech. D'Zil vun dësen noeneen duerchgefouerten Aarbechten ass et, d'Facteuren ze identifizéieren, déi en Afloss op d'digital Ausgrenzung hunn, d'Notzung vum Internet ze moossen an de Residente vum Grand-Duché hir Perceptioun dovun ze evaluéieren.

Zënter e puer Joer hunn déi digital Technologien sech als onverzichtbare Pilier vum deegleche Liewen imposéiert: administrativ Demarchen, Enseignement, Teletravail, Zougang zur Gesondheetsversuergung an Online-Handel. Duerch dës Generaliséierung vun der Notzung sinn allerdéngs och eng Rei Ongläichheete beim Accès an de Kompetenzen däitlech ginn.

2024 huet bal déi ganz Lëtzebuerger Bevëlkerung den Internet genotzt: Nëmmen 1,1 % vun de Residenten hunn en ni genotzt. Hannert dëser quasi Universalitéit verstoppen sech allerdéngs grouss Ënnerscheeder am Hibléck op d'Notzung an d'Kompetenzen. D'Analys ënnerscheet bei den Internetnotzer dräi Profiller: geréng Notzer (24 %), mëttel Notzer (40 %) an intensiv Notzer (36 %). Tëschent 2022 an 2024 ass den Undeel vun den intensiven Notzer signifikant eropgaang (vun 28 % op 36 %), wärend dee vun de geréngen Notzer zeréckgaang ass (vun 29 % op 24 %). Dës Entwécklung ass en Zeeche vun enger besserer Integratioun vun den digitalen Technologien an d'Lëtzebuerger Gesellschaft, mee si weist awer och kloer, dass et nach ëmmer e Kär vu fragillen Notzer gëtt.

[1] LISER (2025): Rapport «Inclusion numérique – Une analyse de la situation en 2024».
Verfügbar op: Rapport «Inclusion numérique. Une analyse de la situation en 2024».

Haut hunn e bësse méi wéi 60 % vun der Bevëlkerung grondleeënd digital Kompetenzen (60,1 %); dëst ass eng encourageant Zuel, déi awer gläichzäiteg weist, dass e groussen Deel vun der Gesellschaft nach ëmmer Schwieregkeete mat den digitalen Technologien huet oder mësstrauesch ass.[2]


Dës positiv Dynamik kënnt allerdéngs net alle Mënschen op enger equitabeler Manéier zegutt. D'Etüde weisen, dass et konstant Korrelatiounen tëschent Schwieregkeete bei der Notzung a bestëmmten individuellen Eegenschafte gëtt. Eeler Leit, Mënsche mat wéineg Diplomer, Demandeur-d'emploien a Staatsbierger aus Net-EU-Länner sinn nach ëmmer däitlech méi staark vum Risk vun enger digitaler Ausgrenzung betraff. Bei Internetnotzer, deenen hiren Educatiounsniveau dem 1. Zyklus vum Secondaire entsprécht oder dodrënner läit, besteet zum Beispill eng duebel esou héich Warscheinlechkeet, dass se op online Demarchen, wéi fir eng Aarbechtsplaz postuléieren oder medezinesch Resultater entgéinthuelen, verzichten.


D'Etüd weist och, dass 44 % vun den Internetnotzer scho mindestens eemol wéinst der Komplexitéit oder der Noutwendegkeet, den Internet ze notzen, op eng online Demarche verzicht hunn. Déi am meeschte betraffen Demarchë sinn d'Ausfëlle vun administrative Formulairen (23 %), d'Akafe vu Wueren oder Servicer (23 %) an d'Huele vu medezinesche Rendez-vousen (21 %). Dës Zuele weise kloer, wéi wichteg et ass, accessibel net digital Alternative bäizebehalen an d'Begleedung vu vulnerabele Bevëlkerungsgruppen ze stäerken.

En anere beonrouegende Constat ass, dass d'Perceptioun vun den digitalen Technologien sech verännert. Obwuel eng Majoritéit vun Internetnotzer nach ëmmer der Meenung ass, dass den Internet d'Liewe vereinfacht, gëtt dësen Undeel méi kleng (62 % am Joer 2024, wärend et der 2023 nach 72 % waren). Gläichzäiteg hëlt de Stress am Zesummenhang mam Benotze vun digitalen Technologien zou: 27 % vun den Internetnotzer ginn un, dass besonnesch d'Notze vu soziale Medien, administrativen oder Bankservicer mat engem héije Stressniveau verbonnen ass.

Donieft gëtt d'Vitess vum technologesche Wandel vun enger Majoritéit vun Internetnotzer (60 %) als ze séier wouergeholl, wat, besonnesch bei deene Bevëlkerungsgruppen, déi sech beim Notze vun digitalen Outilen am wéinegste wuel fillen, d'Gefill vun Ausgrenzung verstäerke kann.

[2] Eurostat (2025) : Luxembourg 2024 Digital Decade Country Report.
Available on : Luxembourg 2024 Digital Decade Country Report.



Quell: Enquête communautaire iwwer d’Notzung vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien (IKT), STATEC 2022, 2023, 2024; Berechnunge vun den Auteuren.

Dës Constate bestätegen d'Pertinenz vun den Achse vum Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun an erfuerdere gläichzäiteg eng Intensivéierung vun den Efforten. Et ass essenziell, weiderhi cibléiert Formatiounen ze entwéckelen, d'Dispositiffe fir d'Begleedung ze stäerken a méi inklusiv, accessibel a méisproocheg digital Servicer auszeschaffen. Den Enjeu ass kloer: dofir suergen, dass den technologesche Fortschrëtt net zu engem Ausgrenzungsfacteur, mee zu engem Hiewel fir Inklusioun fir all Mënsch gëtt.

Fir dëser Realitéit Rechnung ze droen, ass et essenziell, déi Aktiounen, déi ugefaang goufen, weiderzeféieren an ze verstäerken an dobäi d'Diversitéit vun de Situatiounen an d'Heterogenitéit vun den Zilgruppen ze berécksichtegen.

Dëst ass de Kontext, an deem den zweeten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun entstanen ass. Konzipéiert, fir d'Efforten, déi ugefaang goufen, weiderzeféieren, baut en op den Acquise vum éischte Plang op a bitt gläichzäiteg nei Zukunftsperspektiven. Dësen Aktiounsplang, dee vum Ministère fir Digitaliséierung mat Ënnerstëtzung vum interministeriellen Aarbechtsgrupp a ville Partner aus der Zivilgesellschaft ausgeschafft gouf, ass Ausdrock vum Wëlle vun der Regierung, eng inklusiv an nohalteg digital Gesellschaft ze schafen, déi d'Diversitéite respektéiert. Säin Zil ass et, alle Mënschen Zougang zum digitale Liewen zu ginn an et hinnen ze erméiglechen, aktiv, sécher a mat Vertrauen dozou bäizedroen.

# Déi europäesch Ziler vum digitale Joerzéngt

**Den Engagement vu Lëtzebuerg schreift sech och an e méi grousse Kader an, dee vun der Europäescher Unioun. D'Europäesch Kommissioun huet d'Strategie vum "digitale Joerzéngt" (Digital Decade) lancéiert, déi gemeinsam Ziler festleet, déi bis 2030 erreecht solle ginn. Eng Rei vun Ambitioune betreffen direkt d'digital Inklusioun a gi sämtleche Memberstaaten eng kloer Richtung vir.**

**Vun dësen Ziler hänken der véier besonnesch mat deem heiten Nationalen Aktiounsplang zesummen:**

**Digital Kompetenze fir jiddereen:**
Bis 2030 sollte mindestens 80 % vun den europäeschen Erwuessenen iwwer grondleeënd digital Kompetenze verfügen. Dëst Zil spigelt d'Noutwendegkeet erëm, jidder Bierger drop virzebereeden, sech an enger digitaler Welt ze beweegen, déi sech permanent verännert.

**Accessibel digital ëffentlech Servicer:**
Bis 2030 musse sämtlech essenziell ëffentlech Servicer online verfügbar, einfach ze notzen a fir all Mënsch, och fir Mënsche mat Behënnerungen, accessibel sinn. Dëst setzt e konstanten Effort fir Vereinfachung an inklusiven Design viraus.

Dës **europäesch Ziler** si gläichzäiteg **Kompass a Motor.** Duerch si ka Lëtzebuerg seng **national Efforten no enger kollektiver Visioun ausriichten** a gläichzäiteg déi lokal Specificitéiten an d'Besoine vu senger Bevëlkerung berücksichtegen.

Dësen zweeten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun schreift sech deemno an eng duebel Logik an: de Realitéiten zu Lëtzebuerg gerecht ginn a gläichzäiteg zu de Bestriewunge vun der Europäescher Unioun bäidroen. E berout op der Iwwerzeegung, dass et sech bei der digitaler Inklusioun net nëmmen ëm eng technologesch Fro, mee ëm e reegelrechte Gesellschaftsprojet handelt. Dëse Plang berout ausserdeem op enger staarker Iwwerzeegung: Déi digital Inklusioun kann nëmmen iwwer eng gemeinsam Mobiliséierung vun den ëffentlechen, Veräins- a privaten Acteure geléngen an huet d'Zil, all Form vun digitalem Gruef ze verhënneren an e méi gerecht a fir jiddereen accessibelt Ëmfeld ze schafen, wou jiddereen seng Plaz huet a seng Rechter onageschränkt ausübe kann.

**Ofbau vu sozialen a geografesche Frakturen:**
D'Europäesch Unioun encouragéiert d'Mise en place vun héichwäertegen digitalen Infrastrukturen a sämtleche Regiounen a fir all sozial Gruppen, fir dass kee wéinst sengem Wunnuert oder senger wirtschaftlecher Situatioun benodeelegt gëtt.


**Digital Transformatioun vun de PMEen:**
Bis 2030 sollten 90 % vun den europäesche mëttelstännege Betriber (PMEen) bei der digitaler Intensitéit mindestens e Basisniveau erreechen. Bei dësem Zil geet et drëm, sécherzestellen, dass d'PMEen d'Virdeeler vun den digitalen Technologien onageschränkt notzen, hir Kompetitivitéit stäerken an d'Innovatioun an alle Secteuren ënnerstëtze kënnen.

# Wien ass betraff?

Bei der digitaler Inklusioun handelt et sech ëm en transversalen Enjeu, deen déi ganz Bevëlkerung betrëfft. An enger ëmmer méi connectéierter Welt ka jiddereen, wann och an ënnerschiddlechem Ausmooss, d'Auswierkunge vun den digitalen Transformatiounen ze spiere kréien, ob a sengem perséinlechen, beruflechen oder soziale Liewen. Allerdéngs kënne bestëmmte Liewessituatiounen oder individuell Eegenschaften de Risk vun enger digitaler Ausgrenzung erhéijen. Dës Vulnerabilitéiten hänken net nëmme mat technesche Schwieregkeeten zesummen, mee och mat kulturellen, sozialen, sproochlechen, wirtschaftlechen oder psychologesche Facteuren.

**Zu de Situatiounen, déi d'Liichtegkeet oder d'Autonomie am Ëmgang mat digitalen Technologien aschränke kënnen, gehéieren notamment:**

- **Materiell oder wirtschaftlech Contrainten,** déi den Zougang zu Ekipementer oder zu enger gudder Connexioun aschränken;
- Parcoursen, déi vu **gerénger Vertrautheet mat den Technologien** oder wéineg Vertrauen an hire Gebrauch gekennzeechent sinn;
- **Accessibilitéitsschwieregkeeten**, déi mat kierperlechen, sensoreschen oder kognitive Beanträchtegungen zesummenhänken;
- **Eng onzouräichend Begleedung** oder Ënnerstëtzung beim Léieren a Praktizéieren;
- **Schwieregkeete bei der Uschafung** vu weesentleche Kompetenzen, notamment bei Leit, deenen hire schouleschen oder beruffleche Parcours de Kontakt mat digitalen Technologien net begënschtegt huet;
- **Iwwergangssituatiounen**, wou ee gläichzäiteg nei Solutiounen, nei Outilen oder nei Sprooche léiere respektiv kenne léiere muss;



- **Negativ online Erfarungen**, déi Leit vun enger Notzung ofhale kënnen;

- **Familiär oder edukativ Responsabilitéiten**, déi e spezifesche Besoin un Appui mat sech bréngе kënnen;


- **Oder och eng heefeg Notzung,** déi net richteg maîtriséiert gëtt a bei där e kritescht oder séchert Verstoe vun den digitalen Environnementer net garantéiert ass.

Dës ënnerschiddlech Situatiounen erfuerderen eng Upassung vun den Aktioune fir digital Inklusioun, fir de Besoinen esou gutt ewéi méiglech entgéintzekommen; heibäi sollen d'Diversitéit an d'Heterogenitéit vun de Mënschen, Parcoursen a Liewenswierklechkeeten unerkannt ginn. Fir den heterogeene Besoine vun dëse Gruppen op enger effikasser Manéier gerecht ze ginn, mussen onbedéngt individuell zougeschnidden Aktiounen ausgeschafft ginn, déi d'Varietéit vun de Situatiounen, déi optrieden, berücksichtege kënnen. Vu dass hir Parcourse schwiereg an eenzegarteg sinn, si prezis Interventiounen erfuerdert, déi op enger individuell zougeschniddener Begleedung berouen.

Obschonn d'digital Inklusioun haaptsächlech individuell Mënsche betrëfft, stellt se och fir d'Entreprisen en Enjeu duer. Dës mussen sech net nëmmen den technologeschen Entwécklungen upassen, fir kompetitiv ze bleiwen, mee si mussen och dofir suergen, dass hir Mataarbechter déi néideg Kompetenzen hunn, fir déi digital Outilen effikass ze notzen.

# Complementaritéit mat deenen anere Strategien a Pläng vun der Regierung

**Den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun ass Deel vun enger globaler Approche mam Zil, de sozialen Zesummenhalt ze stäerken an d'Chancëgläichheet am Kontext vun der digitaler Transformatioun sécherzestellen. D'digital Inklusioun däerf net isoléiert betruecht ginn: Si hänkt enk zesumme mat ëffentleche Politicken, déi komplementar Ziler am Beräich vun der Educatioun, der Aarbechtswelt, dem soziale Schutz an der Biergerbedeelegung verfollegen.**



Dëse Plang beweegt sech an engem strateegeschen Ëmfeld, an deem schonn eng Rei vun nationalen Initiativen adoptéiert goufen oder an der Ausschaffung sinn. De PAN ergänzt dës Dispositiffen, andeem e Synergië schaaft an d'interministeriell Koordinatioun ënnerstëtzt. En dréit zur Ëmsetzung vun den europäeschen Engagementer am Beräich vum digitale Wandel bäi a suergt gläichzäiteg fir d'Kohärenz tëschent den Aktiounen an de besteeënden nationale Politicken. Duerch dës Komplementaritéit gëtt garantéiert, dass d'digital Inklusioun net nëmmen en techneschen Zil ass, mee en transversale Pilier vun den ëffentleche Politicken, deen et jidderengem erméiglecht, onageschränkt un der digitaler Gesellschaft deelzehuelen.

Dësen nationale Kontext berout op follgende Strategien a Pläng, déi entweder en cours oder an der Ausschaffung sinn:

**Staatsministère:**

- Stratégie du Luxembourg en matière d'intelligence artificielle
- Décennie numérique – Feuille de route stratégique nationale pour le Luxembourg 2.0
- Stratégie nationale en matière de cybersécurité V (an der Ausschaffung)
- Stratégie nationale de résilience

**Kulturministère:**

- PAN sur l'accès à la culture (an der Ausschaffung)

**Ministère fir Digitaliséierung:**

- Stratégie du Luxembourg en matière de données
- Stratégie « Gouvernement Numérique 2026-2030 »

**Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend:**

- PAN "sécher digital"

**Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit:**

- PAN pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ+
- PAN pour une égalité entre les femmes et les hommes
- PAN « Violences fondées sur le genre »

**Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil:**


- PAN « Bien vieillir » (an der Ausschaffung)
- PAN de mise en oeuvre de la Convention internationale sur l'élimination de toutes les formes de discrimination raciale
- PAN de mise en oeuvre de la Convention relative aux droits des personnes en situation de handicap (an der Ausschaffung)
- PAN pour la prévention et la lutte contre la pauvreté
- PAN du vivre-ensemble interculturel (an der Ausschaffung)

# Elaboratioun vum zweeten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun

D'Analys an d'Evaluatioun vum éischten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun duerch den interministeriellen Aarbechtsgrupp fir digital Inklusioun waren den Ausgangspunkt fir d'Aarbechten um zweeten Aktiounsplang, déi Ufank 2025 ugefaang hunn. Dës grondleeënd Etapp huet et erméiglecht, déi national Situatioun besser ze verstoen: d'Fortschrëtter, déi erreecht goufen, d'Defien, déi et nach ëmmer gëtt, an d'Domäner, an deenen zousätzlech Efforten néideg sinn. Déi nei Phas huet op enger participativer a kollaborativer Demarche berout, déi d'Zil huet, Feedbacken ze integréieren an déi zukünfteg Prioritéiten ze identifizéieren.

Esou gouf et 33 Entretiene mat méi wéi 40 Vertrieder vun esouwuel staatlechen ewéi och net staatleche Schlësselacteuren. Dës Echangen hunn erginn, dass d'Schwieregkeete mat den digitalen Technologië vu Mënsch zu Mënsch staark variéieren: Den Alter, d'Sprooch, d'sozioekonomesch Situatioun, d'Grondkompetenzen oder gegeebenefalls och en Handicap kënnen eng entscheedend Roll spillen. D'Diversitéit vun de Profiller setzt viraus, dass d'Äntwerten ugepasst ginn an evolutiv sinn, well d'Besoinen sech mat der séierer Entwécklung vun den Technologië veränneren.

Dës Echangen hunn et erméiglecht, vill verschidde Perspektive kennen ze léieren an zwee interaktiv a kokreativ Ateliere virzebereeden, wou pro Atelier ronn 30 Leit deelgeholl hunn. D'Zil vun dësen Ateliere war et, gemeinsam d'Prioritéite vum neie Plang festzeleeën an d'Grondlag fir d'bilateral Echangen tëschent dem Ministère fir Digitaliséierung an deenen anere betraffene Ministèren a Verwaltungen ze schafen.




A ronn 30 bilaterale Reunioune konnt duerno geziilt u konkreeten Initiative geschafft ginn, déi an den Aktiounsplang sollten integréiert ginn. Si hunn eng koordinéiert a pragmatesch Approche begënschtegt, woubäi d'Specificitéiten an d'Kompetenze vun all ëffentlechen Acteur berécksichtegt goufen. Dank dësen Aarbechte konnt en État des lieux vun den Aktioune gemaach ginn, déi schonn an Ugrëff geholl goufen, et konnt op d'Schwieregkeeten opmierksam gemaach ginn, op déi d'Bierger gestouss sinn, an et konnte konkreet Propositioune gesammelt ginn, fir dorop ze reagéieren.

Am Laf vun dësen Echangë gouf dat definitiivt Dokument vum zweeten Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun ausgeschafft. Fir eng breet institutionell Zoustëmmung an eng strateegesch Kohärenz ze garantéieren ass et fir Validatioun mat dem interministeriellen Aarbechtsgrupp an alle bedeelegte staatlechen Acteure gedeelt ginn, ier et dem Regierungsrot virgeluecht gouf.

# Wat sinn d’Prioritéiten?

**Den neien Aktiounsplang identifizéiert sechs strateegesch Hiewelen, fir de festgestallte Besoine gerecht ze ginn an déi gesamt Bevëlkerung beim digitale Wandel ze begleeden:**



## A

Sécherstelle vun der Koordinatioun vum Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun, wouzou och d'Aktiounen am Zesummenhang mat der Koordinatioun, der Gouvernance an déi transversal Aktioune gehéieren.

## B

Verdéiwe vun den digitale Kompetenzen, fir dass jiddereen dee Knowhow huet, dee sengem Alldag a sengem beruffleche Parcours ugepasst ass.

## C

Stäerke vun der Motivatioun a Bilde vun digitalem Vertrauen, fir dass d'Bierger de Méiwäert vun den digitalen Outilen erkennen an op eng sécher Manéier domat ëmgoe kënnen.

## D

Erliichtere vum Zougang zu den digitalen Technologien, andeems eng Couverture an Infrastrukture séchergestallt ginn, déi fir jidderee gëeegent an accessibel sinn.


## E

Stäerke vun der Autonomie duerch déi digital Technologien, andeems een de Mënschen déi néideg Mëttele gëtt, fir bei hirer Notzung méi onofhängeg ze ginn.

## F

Bäibehale vun enger Alternativ zu den digitalen Technologien, fir d'Equitéit ze erhalen an déi Mënschen, déi déi digital Outilen net notze wëllen oder kënnen, net auszeschléissen.

# Suivi an Evaluatioun



**D'Ëmsetzung vun engem nationalen Aktiounsplang kann sech net op d'Duerchféierung vun Initiative beschränken: Et gehéieren och e suergfältege Suivi an eng kontinuéierlech Evaluatioun derzou, fir d'Pertinenz, d'Effikassitéit an den Impakt vun de Moossnamen, déi ageleet goufen, sécherzestellen.**

De Suivi an d'Evaluatioun si keng ofschléissend Etappen, mee weesentlech Richtlinnen wärend dem ganze Prozess. Eng besonnesch Opmierksamkeet gëllt dobäi dem Opbau vun engem strukturéierten Dispositif fir de Suivi, deen et erméiglecht, Fortschrëtter ze moossen, Obstakelen ze identifizéieren an d'Aktiounen a Funktioun vun de Realitéiten um Terrain ze ajustéieren. Dës Approche berout op enger Logik vu kontinuéierlecher Verbesserung, déi op konkreeten Donnéeën, Feedback a gemeinsamen Indicateure baséiert. Als Häerzstéck vun dësem Dispositif gëtt e Comité de pilotage en place gesat, deen aus Membere vun deene verschiddene Ministèren a Verwaltunge besteet, déi tatsächlech zum nationalen Aktiounsplang bäidroen, an deen d'Zil huet, d'Ëmsetzung vum Plang ze encadréieren. Hie wäert d'Aufgab hunn, d'Aktiounen ze koordinéieren, hir Kohärenz sécherzestellen an d'Huele vun Decisiounen op der Basis vun de gesammelten Daten an Indicateuren ze ënnerstëtzen.

Fir eng onofhängeg an objektiv Analys ze garantéieren, gëtt eng spezialiséiert Drëttpersoun mat enger externer Evaluatioun vum Aktiounsplang beoptraagt. Dës Evaluatioun leeft an zwou Etappen of: An der Hallschent vum Prozess gëtt en Tëscherapport erstallt, deen et erlaabt, en

éischte Bilan ze zéien, Stäerkten esouwéi Beräicher fir Verbesserungen ze identifizéieren a wann néideg d'Aktiounen ze ajustéieren. Dëse Rapport wäert och als Grondlag fir d'Echangen tëschent de Partie-prenanten déngen an déi gemeinsam Dynamik ronderëm de Plang verstäerken.

Um Enn vun deene fënnef Joer wäert en ofschléissenden Evaluatiounsrapport erstallt ginn. D'Zil ass et hei, de globalen Impakt vum Plang ze moossen, d'Ëmsetzung vun den Initiativen ze analyséieren a Recommandatioune fir déi zukünfteg Politicken am Beräich vun der digitaler Inklusioun ze formuléieren. Dëse Rapport dréit dozou bei, op de Léierprozesser opzebauen an d'Grondlag fir eng nohalteg an evolutiv Strategie ze leeën. Et geet dobäi net nëmmen dorëm, d'Resultater ze dokumentéieren, mee och dorëm, bewäert Praktiken ze valoriséieren, d'Rechenschaftsflicht vun de bedeelegten Acteuren ze verschäerfen a Grondlage fir d'Iwwerleeungen zu künftege Politicken ze liwweren.

Parallel zu dëser externer Evaluatioun gëtt och e reegelméissege Suivi duerch d'Ekippe vum Ministère fir Digitaliséierung séchergestallt; dëst geschitt, an enker Zesummenaarbecht mat de bedeelegte Ministèren, iwwer e Comité de pilotage, deen zu dësem Zweck geschaf gëtt. Qualitativ a quantitativ Indicateuren erlaben et, den Avancement vun den Aktiounen ze verfollegen, d'Resultater ze dokumentéieren a bewäert Praktiken ze valoriséieren.

D'Integréiere vun engem strukturéierten an onofhängegen Evaluatiounsdispositif weist, dass beim Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun e Wëllen zu Transparenz, Responsabilitéit, Effikassitéit a kontinuéierlecher Verbesserung besteet. Den Aktiounsplang versteet sech als evolutiv an dynamesch. En erkennt un, dass et sech bei der digitaler Inklusioun ëm en evolutive Chantier handelt, dee kontinuéierlech Ajustementer an en opmierksaamt Beobachte vun de Besoinen an de Realitéiten um Terrain erfuerdert.

**2025**

Elaboratioun vum PAN fir digital Inklusioun

**2026**

Offiziell Publikatioun vum PAN

**2027**

Suivi vun den Indicateure fir d'Initiativen

**2028**

Publikatioun vum Tëscherapport iwwer d'Ëmsetzung


**2029**

Suivi vun den Indicateure fir d'Initiativen

**2030**

Ofschloss vum PAN mat Publikatioun vum ofschléissende Rapport iwwer d'Ëmsetzung

# D’STRATEEGESCH HIEWELEN



# A

## Sécherstelle vun der Koordinatioun vum Nationalen Aktiounsplang

D'Gelénge vum Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun hänkt gradesou vill vun der Qualitéit vun den ëmgesaten Aktiounen of ewéi vun der Fäegkeet, dës op eng strukturéiert a kohärent Manéier ze koordinéieren. D'Diversitéit vun de bedeelegten Acteuren - Ministèren, Verwaltungen, Partner aus der Zivilgesellschaft an Acteuren aus dem Privatsecteur - erfuerdert d'Mise en place vun enger effikasser Koordinatioun, déi an der Lag ass, d'Kohärenz an d'strateegesch Kontinuitéit tëschent deene verschiddenen Initiativen ze garantéieren.


Eng verstäerkte Koordinatioun erlaabt et, d'Aktiounen ze strukturéieren, d'Zesummenaarbecht tëschent de Partie-prenanten ze ënnerstëtzen, Synergien tëschent komplementare Projeten ze schafen a gläichzäiteg déi erreechte Resultater méi siichtbar ze maachen.

Eng méi staark Koordinatioun vum nationalen Aktiounsplang setzt viraus, dass de Suivi an de Pilotage strukturéiert ginn, dass den Informatiounsaustausch erliichtert gëtt an dass d'Concertatioun ronderëm déi festgeluechte Prioritéiten ënner-

stëtzt gëtt. Et geet och drëm, Evaluatiounsmechanismen en place ze setzen, déi et erlaben, d'Entwécklungen ze verfollegen, bewäert Praktiken ze deelen an den Avancement vun den Initiative reegelméisseg ze evaluéieren.

Nieft der administrativer Organisatioun geet et bei der Koordinatioun och drëm, e kontinuéierlechen Dialog mat de concernéierte Bevëlkerungsgruppen an Acteuren anzeféieren, hire Feedback zesummenzedroen an dës Enseignementer anzebezéien, fir d'Effikassitéit an d'Pertinenz vun den Aktiounen, déi ugefaang goufen, ze verbesseren.

Dësen Hiewel ëmfaasst och transversal Aktiounen, deenen hir Portée net op e spezifescht Zil beschränkt ass, mee zu enger Stäerkung vun der kollektiver Effikassitéit a vun der Gesamtvisioun vum PAN bäidréit.



## ZIL 1
## Organiséieren a Sécherstelle vun enger effikasser Koordinatioun vun der PAN-Gouvernance

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| 1.01 | Koordinéiere vum interministeriellen Aarbechtsgrupp (groupe de travail – GT) fir digital Inklusioun, dee reegelméisseg zesummekënnt, fir sech iwwer d'Thematik zu Lëtzebuerg auszetauschen. | MinDigital | Ministèren, déi dem GT ugehéieren | ▪ Ernennung vun de Membere vum GT<br>▪ Zuel vu Reunioune vum GT pro Joer | **KA** |
| 1.02 | Mise en place a Koordinéiere vun engem Comité de pilotage (COPIL) vum Nationalen Aktiounsplang (PAN) fir digital Inklusioun, dee reegelméisseg zesummekënnt, fir d'Ëmsetzung vum PAN ze verfollegen an ze guidéieren. D'Reegele fir de Fonctionnement vum Comité gi festgeluecht, fir eng fléissend Kommunikatioun sécherzestellen. | MinDigital | Ministèren, déi um PAN bedeelegt sinn | ▪ Ernennung vun de Membere vum Comité de pilotage<br>▪ Zuel vu Reunioune vum Comité de pilotage pro Joer | **KA** |
| 1.03 | Mise en place an Dynamiséiere vun engem Grupp fir e reegelméissegen Dialog mat den Acteuren aus der Zivilgesellschaft ronderëm d'Thematik vun der digitaler Inklusioun zu Lëtzebuerg. | MinDigital | Acteuren aus dem Beräich vun der digitaler Inklusioun | ▪ Zuel vu Reunioune vum Dialoggrupp pro Joer | **KA** |
| 1.04 | Mise en place vun engem externen Evaluatiounssystem fir de PAN mat Publikatioun vun engem Zwëscherapport an engem ofschléissende Rapport iwwer d'Ëmsetzung. | MinDigital | COPIL | ▪ Zwëscherapport iwwer d'Ëmsetzung<br>▪ Ofschléissende Rapport iwwer d'Ëmsetzung | **2026 - 2030** |

## ZIL 2
## Sécherstelle vun engem Suivi vun der Situatioun am Hibléck op d'digital Inklusioun zu Lëtzebuerg

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| 2.01 | Weiderféiere vun der Etüd a Partnerschaft mam LISER iwwer d'Auswierkunge vun den digitalen Transformatiounen op Bevëlkerungsgruppen, déi am Hibléck op d'digital Technologië vulnerabel sinn. | MinDigital | LISER | ▪ Rapport fir d'Joer 2025<br>▪ Rapport fir d'Joer 2026 | **2026 - 2027** |
| 2.02 | Entwéckele vun Indicateuren a vun engem System fir e visuelle Suivi, fir d'Fortschrëtter am Beräich vun der digitaler Inklusioun ze evaluéieren, an zwar duerch d'Schafe vun engem Dispositif fir d'Moossen an d'Visualiséierung vun den Donnéeë mam Zil, d'Analys ze vereinfachen. En interaktiven Tableau de bord, fir d'Niveaue vun der digitaler Inklusioun fir déi verschidden Territoiren an Zilgruppen ze suivéieren, gëtt en place gesat. | MinDigital | / | ▪ Veräffentlechten Tableau de bord | **2028 - 2029** |
| 2.03 | Ophuele vun engem Expert fir digital Inklusioun an den Expertsrot (Conseil d'experts) vun der "Berodung zur Digitaliséierung" (Conseil à la Digitalisation), fir säi Service fir d'Begleedung vu staatlechen Entitéiten ze stäerken, déi hir digital Transformatioun virundreiwe wëllen. | MinDigital | / | ▪ Zuel vu Reunioune vum Expertsrot | **KA** |
| 2.04 | Veräffentleche vum "BEE SECURE Radar", fir d'Entwécklungen an d'Tendenzen am Beräich vun der Notzung vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien (IKT) duerch déi Jonk an déi domat verbonne Risiken ze suivéieren. | MENEJ-BEE SECURE | / | ▪ Veräffentlecht Rapporten | **2025 - 2028** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 3
## Fërdere vun der digitaler Inklusioun duerch Evenementer

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| 3.01 | Organiséiere vun enger nationaler Woch fir digital Inklusioun am Hierscht; heibäi gi participativ Evenementer wéi Konferenzen an Ateliere koordinéiert, fir d'digital Inklusioun duerch geziilt Aktiounen ze fërderen an déi verschidden Zilgruppe fir déi domat verbonnen Enjeuen ze sensibiliséieren. | MinDigital | / | ■ Zuel vun organiséierten Evenementer<br>■ Zuel vu Participanten | **2026 - 2029** |
| 3.02 | Organiséiere vun engem semestriellen interdisziplinäre Forum iwwer digital Inklusioun, fir den Dialog tëschent den Acteure ronderëm d'Enjeue vun der digitaler Inklusioun ze fërderen. D'Opname vun dëse Fore wäerten op der Plattform zesummendigital.lu verfügbar sinn, fir méi e breeden Zougang sécherzestellen. | MinDigital | / | ■ Zuel vu Participanten | **2026 - 2029** |
| 3.03 | Organiséiere vun engem nationale Salon fir digital Inklusioun, fir d'Acteuren esouwéi déi besteeënd Initiative virzestellen. Dëst Evenement erméiglecht et, d'Echangen tëschent de Partie-prenanten an de Bierger ze fërderen a gläichzäiteg d'Visibilitéit vun den entaméierte Projeten ze stäerken. | MinDigital | / | ■ Zuel vu Stänn<br>■ Zuel vu Visiteuren | **2026 - 2029** |
| 3.04 | Promovéiere vun der digitaler Inklusioun a vum PAN duerch eng aktiv Bedeelegung un ëffentlechen a professionelle Manifestatiounen. Dës Evenementer bidden eng Geleeënheet, e breede Public fir d'Enjeue vun den digitalen Technologien ze sensibiliséieren an déi entaméiert Initiativen ze valoriséieren. | MinDigital | / | ■ Zuel vu Bedeelegungen | **2026 - 2029** |

## ZIL 4
## Fërdere vun Innovatioun am Beräich vun der digitaler Inklusioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| 4.01 | Lancéiere vun engem järleche Projetsopruff, fir Pilotprojeten am Beräich vun der digitaler Inklusioun finanziell ze ënnerstëtzen. D'Opriff glidderen sech ronderëm Schlësselthematike wéi den Zougang zu den digitalen Technologien, d'Inklusioun um kommunalen Niveau, d'Sensibiliséierung fir d'Risiken an d'Entwécklung vun den digitale Kompetenzen. Et gi Videoen, wou d'Gewënner virgestallt ginn, produzéiert, fir hir Initiativen ze valoriséieren; dës Videoe ginn op www.zesummendigital.lu gedeelt. | MinDigital | / | ■ Zuel vun ënnerbreete Projeten<br>■ Zuel vu finanzéierte Projeten | **2026 - 2030** |
| 4.02 | Lancéiere vun zwee Opriff fir Léisungen (appels à solutions) iwwer de GovTech Lab als Äntwert op d'Besoinen, déi am Zesummenhang mat der digitaler Inklusioun identifizéiert goufen. Bei dëse kollaborativen Opriff geet et ëm prioritär Thematiken; d'Zil ass et, d'Innovatioun ze stimuléieren a konkreet Outilen ze entwéckelen, fir d'digital Inklusioun an den ëffentleche Servicer ze stäerken. | MinDigital | / | ■ Zuel vu Léisungsopriff, déi gemaach goufen | **2026 - 2030** |
| 4.03 | Lancéiere vun engem järlechen "Tech-in-Gov"-Projetsopruff, fir d'Implementéierung vun neien Technologien am Déngscht vun de Lëtzebuerger ëffentleche Verwaltungen ze stimuléieren; heizou gehéieren och Technologien, déi d'digital Inklusioun fërderen. | MinDigital | / | ■ Zuel vu lancéierte Projetsopriff | **2025 - 2030** |

## ZIL 5
## Sécherstelle vun enger transparenter Kommunikatioun, duerch déi d'Informatioune besser valoriséiert ginn

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **5.01** | Ausschaffe vun enger Kommunikatiounsstrategie, fir reegelméisseg aktuell Informatiounen iwwer den Avancement an d'Resultater vum PAN bereetzestellen. Dës Strategie ëmfaasst d'Publikatioun vun engem Zwëscherapport iwwer d'Ëmsetzung a vun engem ofschléissende Rapport mat detailléierten Informatiounen iwwer d'Fortschrëtter, déi gemaach goufen, d'Defien, déi sech erginn hunn, an d'Ajustementer, déi am Laf vum Prozess stattfonnt hunn. | MinDigital | COPIL | ▪ Kommunikatiounsstrategie en place | **2026** - **2030** |
| **5.02** | Verschécke vun enger Newsletter, fir Initiativen an aktuell Informatiounen am Zesummenhang mat der digitaler Inklusioun ze valoriséieren. Iwwer dësen Informatiounskanal ass et méiglech, e reegelméissege Kontakt mat de Partieprenanten oprechtzeerhalen an d'Visibilitéit vun den Aktiounen, déi am Kader vum PAN ugefaang goufen, ze stäerken. | MinDigital | / | ▪ Zuel vu verschéckten Newsletteren<br>▪ Zuel vun Destinatairen | **2026** - **2030** |
| **5.03** | Neigestaltung a kontinuéierlech Aktualiséierung vun der Plattform zesummendigital.lu, fir d'Pertinenz an d'Accessibilitéit vun den Informatioune sécherzestellen. Eng Rubrik iwwer bewäert Praktike gëtt integréiert, fir konkreet an ureegend Beispiller ze deelen. D'Valorisatioun vun der Plattform gëtt iwwer geziilt Multikanal-Kommunikatiounsaktiounen mat zwou Campagnë pro Joer séchergestallt. | MinDigital | / | ▪ Zuel vun den Aktualiséierungen | **KA** |
| **5.04** | Informéieren iwwer d'Offere vun accessibelen digitale Formatioune fir d'Zilgruppen. Dank dësen Informatioune kënnen déi betraffe Persounen Opportunitéite fir d'Entwécklung vu Kompetenzen identifizéieren a sech op hirem digitalen Inklusiounsparcours besser orientéieren. | MFSVA | Akzent GIE | ▪ Bereetgestallten Informatiounen | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

# B


# Verdéiwe vun den digitale Kompetenzen

D'Entwécklung vun den digitale Kompetenzen ass eng onëmgänglech Viraussetzung, fir onageschränkt un der haiteger Gesellschaft deelzehuelen, an ass gläichzäiteg eng transversal Prioritéit vum Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun. Mat engem Computer ëmgoe kënnen, am Internet surfe kënnen, Risike verstoen oder digital Outile bewosst notze si weesentlech Viraussetzunge fir d'digital Inklusioun.

Laut dem Kader fir d'digital Kompetenze vun de Bierger (DigComp 3.0: European Digital Competence Framework) glidderen d'digital Kompetenzen sech ronderëm fënnef komplementar Domäner, déi déi rezent technologesch Entwécklungen an d'Ufuerderunge fir eng informéiert Participatioun un der digitaler Gesellschaft erëmspigelen.

Si ëmfaassen un éischter Plaz d'Fäegkeet, Informatiounen an Donnéeën ze sichen, kritesch ze bewäerten an ze geréieren. Dëst setzt viraus, dass een informationell Besoinen identifizéiert, Rechercheoutile mobiliséiert – dorënner och KI-baséiert Outilen – an d'Zouverlässegkeet vun de Quellen esouwéi d'Prozesser vun der Produktioun vun Inhalter aschätze respektiv bewäerte kann.

Si beinhalten och déi néideg Kompetenzen, fir an digitalen Ëmfelder ze kommunizéieren, zesummenzeschaffen an um ziville Liewen deelzehuelen an dobäi déi eethesch, rechtlech a sozial Reegelen ze beherrschen a seng digital Rechter a Choixe wouerzehuelen. D'Gestioun vun der digitaler Identitéit, vun der digitaler Reputatioun a vum digitale Foussofdrock ass e weesentleche Volet vun dësem Domän.



De Kader ëmfaasst des Weideren d'Fäegkeet, digital Inhalter ze entwerfen, ze veränneren an ze integréieren esouwéi dobäi den Droit d'auteur a Lizenze richteg unzewenden an, wann dëst ubruecht ass, op Computational Thinking a Programméierung zeréckzegräifen.

En anere wichtege Pilier betrëfft d'Sécherheet, d'Wuelbefannen an de responsabelen Ëmgang mat den Technologien. Dëst beinhalt d'IT-Sécherheet vun de Geräter, de Schutz vu perséinlechen Donnéeën a vun der Privatsphär, d'Preventioun vun digitale Risiken (Cybermenacen, schiedlech Inhalter, Desinformatioun) esouwéi d'Berücksichtege vun de kierperlechen, psychologeschen, sozialen an ekologeschen Auswierkunge vun der Notzung vun digitalen Technologien.

Donieft gehéiert zu den digitale Kompetenzen och d'Fäegkeet, Problemer an ënnerschiddlechen technologeschen Ëmfelder ze erkennen an ze léisen. Dësen Domän ëmfaasst d'Analys vun de Besoinen, d'Upassung vun den Outilen, d'Entwécklung vun innovative Léisungen, bei deenen de Mënsch am Mëttelpunkt steet, an d'Antrieden an eng Dynamik vu kontinuéierlechem Léieren an engem Kontext vu schnelle Verännerungen.

Dës verschidden Dimensioune mussen op eng Manéier entwéckelt ginn, déi de spezifesche Besoine vu jidder Public ugepasst ass, a si musse reegelméisseg aktualiséiert ginn, fir dem Rhythmus vun den digitalen Entwécklunge Rechnung ze droen. Den Aktiounsplang soll dës Kompetenze bei deene Bevëlkerungsgruppe stäerken, déi am mannste mat den digitalen Technologië vertraut sinn, andeem en accessibel, progressiv an adaptéiert Initiative bitt.

## ZIL 1
# Stäerke vun de grondleeënden digitale Kompetenzen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **1.01** | Ausschaffe vun engem "Digitale Bierger"-Formatiounsmodüll, fir déi Erwuessen am Hibléck op e responsabelen an informéierten Ëmgang mat den digitalen Technologien ze begleeden. Dëse Modüllwäert iwwer de Reseau vum Service fir Erwuessenebildung zougänglech sinn an ass geduecht, fir de konkreete Besoine vun den Apprenanten am Beräich vun de grondleeënden digitale Kompetenze Rechnung ze droen. | MinDigital, MENEJ-SFA | / | ■ Zuel vun ugebuedene Formatiounen<br>■ Zuel vu Participanten | **2026 - 2027** |
| **1.02** | Färdere vun enger Kompetenzsteigerung am digitale Beräich duerch fräiwëlleg Projeten, déi den Autoevaluatiounsoutil PIX integréieren; Zil ass et, de personaliséierten Upskilling an Ëmfelder ze encouragéieren, déi vun den Auswierkunge vun den neien Technologië betraff sinn. | ME-SMC | / | ■ Zuel vun Entreprisen, déi matmaachen<br>■ Zuel vun Employéen, déi matmaachen | **2024 - 2028** |
| **1.03** | Ubidde vu Gruppen- oder individuelle Formatiounen, fir déi eeler Leit ze ënnerstëtzen an hinnen den Ëmgang mat den Informatiounstechnologien an den digitalen Outilen ze erliichteren. | MFSVA | Acteuren, déi mam MFSVA konventionéiert sinn | ■ Zuel vun ugebuedene Formatiounen<br>■ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **1.04** | Forméiere vu Benevollen am Beräich vun der digitaler Mediatioun, fir eng intergenerationell Inklusioun ze färderen. D'Zil vun dëser Initiativ ass et, d'géigesäiteg Hëllef ("Seniore fir Senioren") ze encouragéieren, an zwar andeem beim Erléiere vun digitale Fäegkeeten d'Kompetenzen an d'Erfarung vun den eelere Leit am Déngscht vu Gläichaltrege valoriséiert ginn. | MFSVA | Acteuren, déi mam MFSVA konventionéiert sinn | ■ Zuel vu forméierte Persounen<br>■ Zuel vun engagéierte Persounen | **KA** |
| **1.05** | Ënnerstëtze vun enger Stäerkung an Diversifizéierung vun den Offere vun digitale Formatiounen, déi vun den Acteuren um Terrain entwéckelt ginn, fir de villfältege Besoine vun de vulnerabele Bevëlkerungsgruppe besser gerecht ze ginn. | MFSVA | Acteuren, déi mam MFSVA konventionéiert sinn | ■ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **1.06** | Encouragéiere vun der Entwécklung vun der Mediekompetenz fir Bierger vun all Alter an alle Beräicher vun der Gesellschaft. | ME-ALIA | ME-SMC | ■ Entwéckelt Atelieren | **2026 - 2028** |
| **1.07** | Sensibiliséiere fir e sécheren a responsabelen Ëmgang mat de Medien an Technologien, an zwar besonnesch bei Kanner, jonken Elteren a Leit, déi an der Educatioun schaffen. Geziilt Formatiounen erlaben et, bewäerte Praktike weiderzeginn, Risiken am Zesummenhang mat den digitalen Technologien ze vermeiden an d'Kompetenzen an de Beräicher Sécherheet an digital Bierger ze stäerken. | MENEJ-BEE SECURE | / | ■ Zuel vun organiséierte Formatiounen<br>■ Zuel vu Participanten | **2026 - 2028** |
| **1.08** | Iwwerschaffe vum Katalog vun Offere vun allgemengem Interessi, deen op unipop.lu verfügbar ass, mam Zil, méi spezifesch Formulle fir net digital Zilgruppen doran opzehuelen. Bei dëser Upassung geet et drëm, de Besoine vun dësen Zilgruppen am Beräich vum digitale Léiere besser gerecht ze ginn an dobäi hir Profiller an de jeeweilege Rhythmus bei der Uneegnung ze berücksichtegen. | MENEJ-SFA | / | ■ Number of courses on unipop.lu<br>■ Number of registrations | **2025 - 2027** |
| **1.09** | Entwéckelen, Färderen an Ëmsetze vun intergenerationellen Atelieren, wou Schüler aus dem Primär an aus dem Secondaire mat Erwuessenen a Senioren zesummekommen a wou et ëm d'Enjeue vun den digitalen Technologië geet esouwéi ëm d'Geschlechterstereotyppen, déi dës Technologien erëmspigelen oder verstäerke kënnen. An enger Dynamik vun Austausch a géigesäitegem Léiere ginn d'pedagogesch Rollen an dësen Atelieren ëmgedréit: Déi Jonk, déi sech mat den digitalen Outile besser auskennen, féieren déi Erwuessen – virun allem Senioren a besonnesch eeler Fraen – an den aktuellen Ëmgang mat den Technologien an. | MEGA | MFSVA, MinDigital, Acteuren aus der Zivilgesellschaft | ■ Entwéckelt Atelieren<br>■ Zuel vu Participanten | **2026 - 2028** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 2
## Forméieren am Hibléck op d'Notzung vu weesentlechen online Servicer

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **2.01** | Organiséiere vu véier prakteschen Ateliere pro Joer, fir déi eeler Leit bei der Notzung vun der Plattform MyGuichet.lu ze begleeden. D'Zil vun dësen Atelieren, déi beim GovTech Lab ugebuede ginn, ass et, de Senioren den Zougang zu den ëffentlechen digitale Servicer ze erliichteren. | MinDigital, MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vu Participanten | **2025** - **2029** |
| **2.02** | Bereetstelle vun enger "train the trainer"-Dokumentatioun, wou et ëm MyGuichet. lu geet an déi sech un d'Associatioune riicht, déi am soziale Beräich aktiv sinn. Dëse Support soll d'Kompetenze vun de Formateuren am Beräich vun der digitaler Begleedung stäerken an hinne kloer an adaptéiert Ressourcen zur Verfügung stellen. | MinDigital, MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vun Downloaden | **2025** - **2027** |
| **2.03** | Organiséiere vun "DSP on Tour"-Informatiounsversammlunge fir Patienten a Bierger, fir se iwwer den Elektronesche Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé – DSP) an den Elektroneschen Impfpass (Carnet de Vaccination Électronique – CVE) ze informéieren. Bei dëse Seancë geet et drëm, d'Virdeeler vun dësen Outile fir Notzer a Professioneller aus dem Gesondheetsberäich däitlech ze maachen a gläichzäiteg hir weesentlech Fonctionnalitéiten ervirzehiewen. Wann den DSP vun der neier Generatioun (DSP Nouvelle Génération) an den Europäeschen Espace fir Gesondheetsdonnéeën (Espace Européen des Données de Santé – EEDS) disponibel sinn, wäerten dës Begéinungen no an no am Format "DSP NG on Tour" stattfannen; d'Zil ass et hei, de Public beim Entdecke vun den neie Fonctionnalitéiten ze begleeden an hir Uneegnung ze färderen. | M3S, M3S-AeS | / | ▪ Zuel vu Seancen<br>▪ Zuel vu Participanten | **2026** - **2030** |
| **2.04** | Entwéckelen a Diffuséiere vu Kommunikatiouns- a Formatiounssupporten, fir d'Wëssen iwwer déi ugebueden eSanté- Servicer ze verbesseren. Dës Ressourcë beinhalten E-Learning- Modüllen, interaktiv Tutorialen esouwéi Guide-d'utilisationen, déi konzipéiert sinn, fir op eng accessibel Manéier e méi déift Verständnes vun de verfügbare Servicer ze erméiglechen. | M3S-AeS | / | ▪ Zuel vun downgeloate Supporten<br>▪ Zuel vu verdeelte Supporten | **2026** - **2030** |
| **2.05** | Encouragéiere vum Apprentissage vun digitalen Outilen, déi d'geografesch Orientéierung a maschinell Iwwersetzung erliichteren, an zwar am Kader vun den Atelieren "Gestion administrative et mobilité" vum "Dispositif d'Autonomisation du Primo Accueil" (DAPA). Dës Formatiounen erlaben et Leit, déi nei op Lëtzebuerg kommen, sech mat Hëllef vu Geolokalisatiounsapplikatiounen am Land erëmzefannen a mat mobillen Iwwersetzungsoutile méi einfach ze kommunizéieren. | MFSVA-ONA | / | ▪ Zuel vun DAPAFormatiounen<br>▪ Zuel vu Participanten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 3
# Consolidéiere vun der digitaler Inklusioun am Kader vun der formeller Educatioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **3.01** | Entwéckelen an Ëmsetze vun der Initiativ "Medienkonzept" am Secondaire, fir eng méi grouss Kohärenz bei de pedagogesche Praktiken ze garantéieren. | MENEJ-DGES | MENEJ-SCRIPT | ■ Zuel a Qualitéit vun den ausgeschaffte "Medienkonzepter" | *** 2025 - 2026** |
| **3.02** | Ëmsetze vun der Initiativ "KI Kompass", fir de Schoulen eng praktesch Orientéierung esouwéi Geleeënheete fir Echangë ronderëm d'Kënschtlech Intelligenz ze bidden. Dës Demarche ëmfaasst d'Proposéiere vun enger Strategie, d'Online-Stelle vun enger interaktiver Websäit esouwéi d'Bereetstelle vun engem Implementéierungskit mat pedagogesche Supporten, Videoen, Iddie fir Coursen an Atelieren an der Schoul. Et ginn och Formatiounen duerch den IFEN esouwéi Praxisgemeinschaften ugebueden, fir déi grondleeënd digital a KI-Kompetenzen ze stäerken a méi kohärent Unterrechtspraktiken ze ënnerstëtzen. | MENEJ-SCRIPT | MENEJ-IFEN, MENEJ-DGES, MENEJ-DGEF, MENEJ-SFP, MENEJ-OEJQS | ■ Number of website visits<br>■ Number of training participations | *** 2025 - 2026** |
| **3.03** | Am Kader vum neie Plan d'études vun der Grondschoul (ab dem Schouljoer 2025/2026), Computational thinking als transversal Thematik an d'pedagogesch Mathematiksupporten integréieren. D'Zil vun däser Approche ass et, vum Primär u Kompetenzen an der Logik an am algorithmeschen Denken a Verbindung mat de Léierziler an der Mathematik ze entwéckelen. | MENEJ-SCRIPT | / | ■ Feedback vun den Enseignanten<br>■ PISA-Resultater | *** 2025 - 2026** |
| **3.04** | Lancéiere vu Pilotprojete ronderëm d'PIX-Plattform fir d'Zertifizéierung an d'Entwécklung vun digitalen a KI-Kompetenzen. D'Zil vun der Initiativ ass et, d'Potenzial vu PIX als Diagnos-, Léieran Zertifizéierungsoutil ze validéieren a gläichzäiteg déi sproochlech, technesch a pedagogesch Besoinen ze identifizéieren. | MENEJ-SCRIPT | MENEJ-IFEN, ME-SMC | ■ Ofschlosstaux a Kompetenz-Autoevaluatiounen<br>■ Feedback vun den Notzer | **2026** |
| **3.05** | Entwéckelen a Verbreede vu pedagogeschen Atelieren iwwer d'Kënschtlech Intelligenz an déi associéiert Geschlechterstereotyppe bei de Schüler aus dem Primär an dem Secondaire, mam Zil, déi Jonk an d'Kënschtlech Intelligenz anzeféieren a se gläichzäiteg fir d'Stereotyppen ze sensibiliséieren, déi dës Technologië reproduzéieren oder verstäerke kënnen. | MEGA | Acteuren aus der Zivilgesellschaft | ■ Zuel vun entwéckelte Coursen<br>■ Zuel vu Participanten | **2025 - 2026** |
| **3.06** | Ophuele vun engem Cours iwwer d'eSanté-Servicer an iwwer d'Digitaliséierung am Gesondheetssecteur an d'Studieprogrammen am Gesondheetsberäich (Bachelor Medezin Uni.lu, École nationale de santé du Luxembourg, Association luxembourgeoise pour la formation médicale continue, DeWidong et cetera) an am Informatikberäich. | M3S-AeS | MENEJ-ENSA, Uni.lu, DeWidong, ALFORMEC, etc. | ■ Zuel vu Schüler<br>■ Zuel vu Stonnen, wou Course gehal goufen | **2026 - 2030** |

***** Vum Schouljoer ---- un

## ZIL 4
# Déi digital Technologien als Inklusiounsvecteur an d'Educatioun integréieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **4.01** | Ëmsetze vu Pilotprojeten, wou d'Kënschtlech Intelligenz am Déngscht vun der schoulescher Inklusioun integréiert gëtt. Heibäi sollen differenzéiert an accessibel pedagogesch Praktike getest ginn, woubäi Schoulen a Pilotklassen aktiv bedeelegt solle ginn. Eng besonnesch Opmierksamkeet gëllt heibäi der Inklusioun vu Schüler mat spezifesche Besoine bei Aktivitéiten, déi mat KI zesummenhänken. Déi entwéckelt Praktike ginn dokumentéiert an et ginn dozou accessibel pedagogesch Ressourcë zur Verfügung gestallt. | MENEJ-SCRIPT | MENEJ-DGI | ▪ Zuel vu Schoulen a vu Pilotklassen, déi bedeelegt sinn<br>▪ Zuel vu produzéierte pedagogesche Ressourcen<br>▪ Feedback vun den Notzer | **2026 - 2027** |
| **4.02** | Aféiere vun de Schüler vum Centre de Logopédie (CL) an d'Kodéieren; dëst erfollegt duerch adaptéiert Coursen an d'Bereetstellung vu pedagogeschem Material an der Ludothéik. Mat dem verfügbare Material kënnen d'Schüler hire Léierprozess autonom a progressiv fortsetzen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CL | ▪ Zuel vun ugebuedene Coursen | **KA** |
| **4.03** | Bereetstelle vun Tablette mat gëeegenten Applikatiounen an de verschiddene Klassen, fir de Léierprozess vu Schüler mat besonneschem Färderbedarf duerch d'Ubidde vun accessibelen a personaliséierten digitalen Outilen ze ënnerstëtzen. Déi ausgewielten Applikatiounen orientéieren sech un de pedagogeschen Ziler an erlaben et, d'Autonomie an den Engagement vun de Schüler bei hire schouleschen Aktivitéiten ze stäerken. | MENEJ-DGI | MENEJ-CL | ▪ Zuel vun Emprunte vu Material | **KA** |
| **4.04** | Organiséiere vu spezifesche Léierateliere am Beräich vu projetsbezunnener Pedagogik fir Jonker, déi am Kompetenzzenter fir Kanner a Jugendlecher mat enger Héichbegabung (CEJHP) suivéiert ginn, fir hir digital, technesch a kreativ Kompetenzen ënner Berücksichtegung vun de Besoine vum Aarbechtsmaart weiderzeentwéckelen. Dës Ateliere beinhalten Aktivitéite wéi:<br>• kreatiivt Schaffen an engem Makerspace,<br>• Produktioun vu Podcaste mat engem dofir ageriichten Opnamestudio,<br>• kënschtleresch a kreativ Projete mat Kodéieren (iwwer Scratch oder aner Programméiersproochen). | MENEJ-DGI | MENEJ-CEJHP | ▪ Zuel vun organiséierten Atelieren<br>▪ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **4.05** | Ubidde vun enger Offer vu ronn 40 Coursen am Beräich digital Accessibilitéit, déi spezifesch fir Mënsche konzipéiert sinn, déi Problemer mat der Vue hunn. | MENEJ-DGI, MENEJ-CDV | MENEJ-SFA | ▪ Zuel vu Schüler<br>▪ Zuel vun ausgestallte Certificaten | **KA** |
| **4.06** | Organiséiere vun der Formatioun "Seeing Neurodiversity through Opportunities and Challenges in the Tech World", fir d'Enseignanten an aner Acteuren aus der Educatioun fir d'Neurodiversitéit am Kontext vun den Technologien ze sensibiliséieren. D'Zil vun dëser Formatioun ass et, op d'Atouten an d'Defien am Zesummenhang mat der Neurodiversitéit an der digitaler Welt opmierksam ze maachen a gläichzäiteg inklusiv Approchë fir den Enseignement an d'Begleedung vun de Schüler ze proposéieren. | MENEJ-DLH | / | ▪ Zuel vu Sessiounen<br>▪ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **4.07** | Kontinuéierlecht Entwéckele resp. Weiderentwéckele vun enger accessibeler digitaler mobiller App, fir d'intern Informatiounen a Ressourcë vum "Centre pour le Développement des compétences relatives à la Vue" ze zentraliséieren. Dës App erlaabt d'Integréiere vun aktuellen Informatiounen, Prozeduren, Demarchen an Dokumenter, fir dass all Mataarbechter, dorënner och blann oder staark sehbehënnert Persounen, autonom op d'Inhalter zougräife kënnen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDV | ▪ Zuel vu Mataarbechter, déi d'App notzen<br>▪ Zuel vun accessibelen Dokumenter, Formulairen a Prozeduren | **2026** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 5
# Den Enseignanten déi néideg Outile ginn

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **5.01** | Stäerke vun den digitale Kompetenze vum Educatiounspersonal duerch d'Organiséiere vu geziilte Formatiounen iwwer d'Integréiere vun digitalen Outilen an d'pedagogesch Praxis. An dëse Formatioune ginn eng Rei Schlësselthematiken abordéiert, wéi digital Kultur, Sécherheet, Kënschtlech Intelligenz, Kodéieren, Zesummenaarbecht, Erstelle vun Inhalter esouwéi Schutz a Gestioun vun Donnéeën. | MENEJ-IFEN | / | ■ Zuel vun ugebuedene Formatiounen | **KA** |
| **5.02** | Ubidde vun enger Weiderbildung mam Titel "Data & AI Literacy pour enseignants" (DALI4US), fir den Enseignanten aus der Grondschoul déi néideg Outile fir eng responsabel an inklusiv Abezéiung vun den Donnéeën an der Kënschtlecher Intelligenz ze ginn. De Formatiounsparcours ass modulär a beinhalt Thematike wéi RGPD, Ethik, generativ KI an Dateverwaltung. | MENEJ-SCRIPT | MENEJ-IFEN | ■ Zuel vu Participanten<br>■ Ofschlosstaux | **2025 - 2027** |
| **5.03** | Organiséiere vun enger nationaler Konferenz iwwer d'Kënschtlech Intelligenz fir d'Enseignanten an d'Direktioune vun den Etablissementer. Dës beinhalt Plenarsëtzungen, praktesch Atelieren an d'Bereetstelle vun engem Kit mat pedagogesche Ressourcen. Duerch dës Konferenz ass et méiglech, d'Froen an d'Besoine vun de Participanten zesummenzedroen, fir eng gemeinsam Visioun ze schafen a konkreet Aktiounslinne fir d'Integratioun vun der KI an der Schoul festzeleeën. | MENEJ | MENEJ-IFEN | ■ Zuel vu Participanten | **2026** |
| **5.04** | Ausschaffe vun engem pedagogeschen Dossier iwwer d'Noriichten an Informatiounskompetenz (news and information literacy) fir d'Enseignanten an den ieweschte Klasse vum Secondaire. Dësen Dossier gëtt duerch praktesch Atelieren an der Schoul ergänzt, fir d'kritescht Denke vun de Schüler am Zesummenhang mat Medieninhalter ze entwéckelen an hir Kompetenze fir d'Analyséiere vun Informatiounen ze stäerken. | ME-ALIA | Zentrum fir politesch Bildung (ZpB), Conseil de presse | ■ Zuel vu realiséierten Atelieren<br>■ Zuel vun downgeloaten Dossieren | **2026** |
| **5.05** | Organiséiere vu Weiderbildunge fir d'Enseignanten an d'psychoedukatiivt Personal aus dem Fondamental an dem Secondaire vum "Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa" (CDA) iwwer de Gebrauch vum iPad als Kompensatiounsoutil. D'Zil vun dëse Formatiounen ass et, e méi déift Verständnis vun de pedagogeschen a kompensatoreschen Notzunge vum iPad fir Schüler mat spezifesche Besoinen ze entwéckelen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDA | ■ Zuel vun ugebuedene Formatiounen<br>■ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **5.06** | Sensibiliséiere vum Educatiounspersonal fir d'Enjeuen an d'Notzung vun der Kënschtlecher Intelligenz duerch d'Formatioun "Elements of AI", déi duerch ënnerstëtzend Gruppenatelieren ergänzt gëtt. Bei dëser gemeinsamer Initiativ, déi an d'Weiderbildungsoffer vum IFEN integréiert ass, geet et drëm, d'KIBildung am edukative Secteur ze demokratiséieren. | MENEJ-IFEN | ME-SMC, MinDigital, MENEJ-DLH | ■ Zuel vun IFEN-Participanten<br>■ Ofschlosstaux | **2024 - 2027** |
| **5.07** | Entwéckele vun den Enseignanten hiren digitale pedagogesche Kompetenzen duerch eng Begleedung um Terrain vun den ICNen (Enseignanten, déi op digital Kompetenzen spezialiséiert sinn) bei enger grousser Zuel vun Thematiken (z.B. Computational Thinking, Game-based Learning). | MENEJ-IFEN | MENEJ-DGEF, Grondschoulen | ■ Zuel vu begleete Schoulen<br>■ Zuel vu realiséierten Atelieren | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **5.08** | Deployéiere vum "ePortfolio" a progressiivt Integréieren heivun an d'initial Formatioun esouwéi an d'Weiderbildung vun de Grondschoulenseignanten. Beim "ePortfolio" handelt et sech ëm e strukturéierenden Outil, mat deem d'Enseignanten hir pedagogesch Praktiken dokumentéieren, analyséieren a weiderentwéckele kënnen. | MENEJ-IFEN | / | ▪ Zuel vun Notzer | *** 2026** |
| **5.09** | Färdere vun der Motivatioun, fir mat digitalen Technologien ze experimentéieren, an zwar duerch d'Kokreatioun an d'Ariichte vun innovative Léierraim mat Hëllef vum pedagogeschen Innovatiounslaboratoire "F.use" (Future Space for Education), deen en Experimentatiounskader fir aktiv Pedagogie an digital Innovatioun bitt. | MENEJ-IFEN | / | ▪ Zuel vu realiséierten Atelieren<br>▪ Zuel vu realiséiertePilotprojeten | **KA** |
| **5.10** | Steigere vum Vertrauen a vun der Aisance vun de Formateuren an Enseignante beim Notze vun den digitale Formatiounsoutilen iwwer d'Plattform "LearningSphere". D'Plattform bitt e Léierëmfeld, dat duerch Ressourcen, Tutorialen a Seancë mat individueller Begleedung beräichert gëtt, fir d'Uneegnung vun den digitalen Outilen ze erliichteren an d'Qualitéit vun den ugebuedene Formatiounen ze verbesseren. | MENEJ-IFEN | / | ▪ Zuel vun hebergéierte Formatiounen<br>▪ Zuel vu veräffentlechten Tutorialen | **KA** |
| **5.11** | Stäerke vun der Fäegkeet vun den Direktiounen a Coordinateuren, fir hir Ekippe bei der digitaler Transformatioun ze begleeden, a Weiderentwéckele vum pedagogesche Féierungshandelen (leadership pédagogique) an engem Kontext vun zouhuelender Digitaliséierung. D'Aktioun stäipt sech op Formatiounen iwwer d'Gestioun vum digitale Wandel, iwwer hybrid Kommunikatioun an iwwer de Pilotage vun Ekippen op Distanz, fir en effikassen Change Management ze ënnerstëtzen. | MENEJ-IFEN | / | ▪ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **5.12** | Entwéckele vun der digitaler Kultur a Stäerke vum Vertrauen an de responsabelen Ëmgang mat de Medien an der Kënschtlecher Intelligenz duerch Sensibiliséierungsaktivitéite mat Hëllef vu Mediatioun an der Valorisatioun vun der digitaler Kultur. Dës Initiativ beinhalt Weiderbildungen a geziilt Begleedungsmoossnamen am Zesummenhang mat den digitale Bierger, Online-Sécherheet an digitaler Kreativitéit, fir en informéierten a responsabelen Ëmgang mat den digitalen Technologien ze férderen. | MENEJ-IFEN | / | ▪ Zuel vu Sensibiliséierungsatelieren | **KA** |
| **5.13** | Sécherstellen, dass fir d'Enseignanten an d'psychoedukatiivt Personal, déi mat Schüler mat besonneschem Férderbedarf schaffen, eng reegelméisseg spezialiséiert Ënnerstëtzung verfügbar ass, fir Äntwerten op Froen am Zesummenhang mat der Notzung vum iPad als Kompensatiounsoutil ze bidden. D'Aktioun baséiert op enger Offer vu personaliséierter Berodung an der Moderatioun vun engem Grupp fir Erfarungsaustausch iwwer d'Plattform Teams. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDA | ▪ Zuel vun Demanden | **KA** |
| **5.14** | Erliichtere vum Zougang zu pedagogesche Ressourcen an zu enger Communautéit vu Formateuren iwwer d'Plattform TrainerHub. Bei TrainerHub handelt et sech ëm en digitale Referenzespace fir d'Formateure vum IFEN, wou Dokumenter, Guiden, Ressourcen an Austauschforen zentraliséiert ginn. | MENEJ-IFEN | / | ▪ Zuel vu veräffentlechte Ressourcen<br>▪ Notzungsgrad | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun *Vun ---- un

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **5.15** | Sécherstelle vun engem einfachen, zentraliséierten an inklusiven Zougang zu den digitale Plattforme vum IFEN. Den digitalen Ekosystem, deen aus LearningSphere, MyIFEN an Edvance besteet, erliichtert d'Aschreiwungen, de Suivi an d'Deelhuelen un den Online- a Blended-Learning-Formatiounen. | MENEJ-IFEN | MENEJ-CGIE | ▪ Zuel vun accessibelen Online-Formatiounen<br>▪ Taux vun Aschreiwungen iwwer MyIFEN | **KA** |
| **5.16** | Ubidde vun der Kaligo-App op Däitsch an op Franséisch fir de Lëtzebuerger Educatiounssystem am Kader vum Projet Alpha. Bei dësem Outil geet et drëm, op eng spilleresch Aart a Weis ze léieren, Buschtawen an Zifferen ze schreiwen. | MENEJ-DGI | MENEJ-SCRIPT, MENEJ-CDA | ▪ Zuel vun Downloade vun der App | **KA** |
| **5.17** | Ubidde vun "TippTraining"-Weiderbildunge fir déi Professionell aus dem Educatiounssecteur. Mat dëse Formatioune kënnen se Schüler mat besonneschem Férderbedarf bäibréngen, um Clavier ze tippen, an dobäi hir Autonomie an hir Inklusioun an d'digital Léierprozesser férderen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDA | ▪ Zuel vun ugebuedene Formatiounen | **2024 - 2030** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 6
## De Public an déi nei Technologien aféieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **6.01** | Organiséiere vun Aféierungsatelieren an d'Kënschtlech Intelligenz fir eeler Leit. D'Zil vun dësen Atelieren ass et, d'Verstoe vun de Grondprinzippie vun der KI ze férderen an d'Vertrauen an hiren deeglleche Gebrauch ze stäerken. | MinDigital | Luxembourg Tech School ASBL | ■ Zuel vu realiséierten Atelieren | **2026 - 2027** |
| **6.02** | Envisagéiere vu Collaboratioune mam "University of Luxembourg Institute for Digital Ethics" (ULIDE), fir d'Educatioun an d'Sensibiliséierung am Hibléck op d'Datekompetenz an d'Dateneethik am Zesummenhang mat neien Technologië wéi KI ze férderen. | MinDigital | Uni.lu, ULIDE | ■ Zuel vu Collaboratiounen | **2026 - 2030** |
| **6.03** | Férdere vun der Notzung vu Kënschtlecher Intelligenz a vun hiren Applikatiounen duerch Aféierungsformatiounen an d'Kënschtlech Intelligenz. D'Zil vun dëser Formatioun ass et, d'Konzepter vun der KI méiglechst ville Leit zougänglech ze maachen an dobäi e kritescht an informéiert Verständnes ze férderen. | MENEJ-DLH | / | ■ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **6.04** | Ubidde vu Basiscoursen iwwer Cybersécherheet, bei deenen d'Enjeuen am Zesummenhang mam Dateschutz, der Preventioun vu Cybermenacen an dem Adoptéiere vu bewäerten online Praktiken abordéiert ginn. | MENEJ-DLH, MECO-LHC/NC3 | / | ■ Zuel vun ugebuedene Formatiounen<br>■ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **6.05** | Stäerke vun der Kompetenz am Beräich vun der Kënschtlecher Intelligenz duerch de Programm "Elements of AI Luxembourg", deen duerch d'Ubidde vun enger accessibeler a strukturéierter Formatioun engem breede Public dobäi héllefe soll, d'KI besser ze verstoen. | ME-SMC | MENEJ-DLH, MENEJ-IFEN, Universitéit Helsinki, MinnaLearn Finnland | ■ Prozentsaz vun der aktiver Populatioun, déi d'Formatioun ofgeschloss huet | **2021 - 2029** |
| **6.06** | Ubidde vun der Formatioun "Data Protection Basics" am Hibléck op eng Sensibiliséierung fir d'Grondprinzippie vum Schutz vu perséinlechen Daten. Dës Formatioun riicht sech un e Public vun Ufänger, déi privat oder beruflech interesséiert sinn, an huet als Zil, de Leit ze héllefen, den RGPD besser ze verstoen, an op digital Risike wéi Spam, Intrusiounen a Risikomanagement opmierksam ze maachen. | ME-CNPD | / | ■ Number of participants | **KA** |
| **6.07** | Ubidde vun der online Formatioun "DAAZ – Data Accountability from A to Zen", fir d'Mise en conformité mam RGPD ze begleeden an am Hibléck op de Schutz vu perséinlechen Daten esouwéi d'digital Kompetenz ze sensibiliséieren. Dës Formatioun, déi fir all Wëssensniveauen zougänglech ass a sech u Privatleit, Professioneller an Entreprenere riicht, déi hir digital Bildung an hir Kenntnisser am Beräich vum Dateschutz verbessere wëllen, abordéiert d'Grondprinzippie vum RGPD, d'Erfaassen a Beschreiwe vun den Dateveraarbechtungen (cartographie des traitements), d'Sécherheetsmoossnamen, de Risikomanagement, d'Transparenz an d'Dategovernance. | ME-CNPD | MECO-LHC | ■ Evaluatiounsrapporten<br>■ Zuel vu generéierten Ofschlosscertificaten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 7
## D'Kompetenze vun den Demandeurd'emploie stäerken

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **7.01** | Objektiivt Bewäerte vun den digitale Kompetenze vun den Demandeur-d'emploien, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, an zwar mat Hëllef vun engem online Test, fir d'Profiller vun den Demandeur-d'emploien besser ze erfaassen; d'Zil ass et, se a gëeegent Formatiounsprogrammen ze orientéieren an esou eng séier an dauerhaft Insertioun an den Aarbechtsmaart ze erliichteren. | MT-ADEM | ME-SMC | ▪ Zuel vu finaliséierten digitalen Tester<br>▪ Resultater vun de PIXTester | **2026 - 2027** |
| **7.02** | Ëmsetze vun Aféierungsprojeten an déi grondleeënd Kompetenzen am Beräich vun den digitalen Technologien an der Bürostechnik, fir d'digital Autonomie an d'Beschäftegungsfäegkeet vun den Demandeur-d'emploien ze stäerken. Dës Projeten, wéi "Digital Fundamentals" (mam CNFPC, e Projet, deen iwwer 2025 eraus dauerhaft weidergefouert gëtt) a "Basic Digital Skills" (en FSE+- Projet vun 2023 – 2025 a Partnerschaft mam HoT an der CSL), riichten sech u Persounen, déi keng oder nëmme wéineg Erfarung hunn. Si bidden d'Méiglechkeet, progressiv ze léieren an d'digital Autonomie esouwéi d'Beschäftegungsfäegkeet vun de Participanten ze stäerken. | MT-ADEM | MENEJ-CNFPC, House of Training, CSL, LLLC, FSE+ | ▪ Zuel vu finaliséierten digitalen Tester<br>▪ Resultater vun de PIXTester | **KA** |
| **7.03** | Ëmsetze vum "E-Office"-Formatiounsprojet, dee ganz online stattfënnt a bei deem et ëm d'Entwécklung vun den Demandeurd'emploien hire Kompetenzen am Beräich vun den digitalen Technologien a vun der Bürostechnik geet. Dës Aktioun riicht sech u Persounen, déi scho Basiskompetenzen am Beräich vun derInformatik hunn, an huet d'Zil, hir Fäegkeeten am Ëmgang mat de Microsoft Office-Outilen ze consolidéieren an ze professionaliséieren. | MT-ADEM | CSL, LLLC | ▪ Zuel vun "e-office" Lizenzen, déi vun den Demandeurd'emploien aktivéiert goufen | **2025 - 2026** |
| **7.04** | Verbessere vum Zougang vun den Demandeur-d'emploien zu gratissen digitale Formatiounen duerch d'Ëmsetzung vun der Partnerschaft tëschent der ADEM, dem Ministère fir Educatioun an dem "Digital Learning Hub" (DLH). D'Zil vun dëser Partnerschaft ass et, d'Visibilitéit vun de Formatiounen, déi vum DLH ugebuede ginn, ze stäerken, an d'Participatioun vun den Demandeur-d'emploien ze encouragéieren, fir digital Kompetenzen, déi um Aarbechtsmaartgesicht ginn, ze entwéckelen. | MT-ADEM | MENEJ-DLH | ▪ Zuel vun Demandeurd'emploien, déi all Joer an de Formatiounen ageschriwwe sinn | **KA** |
| **7.05** | Systematescht Integréiere vun transversale Modüllen am Beräichvun den digitale Kompetenzen an all Aktivéierungs- an Orientéierungsformatiounen, déi Demandeur-d'emploien ugebuede ginn. Dës Modüller ginn a Formatioune wéi "Boost your Skills", "Skills4Job", "Start your Career", "Secrétariat", "Comptabilité" et cetera integréiert. Si erlaben et, den Niveau vun den transversalen digitale Kompetenze vun den Demandeurd'emploie global ze verbesseren, fir dass se um Aarbechtsmaart méi autonom, méi upassungsfäeg a méi performant ginn. | MT-ADEM | / | ▪ Zuel vun entwéckelte Coursen<br>▪ Zuel vun Demandeurd'emploien, déi un den "digital skills"- Modüllen deelhuelen | **KA (komplett Integratioun 2026)** |
| **7.06** | Ëmsetze vun der Formatioun "IT Essentials +", fir de Reskilling vun den Demandeur-d'emploien fir Astigsberuffer am Beräich vun der Informatik ze fërderen. Um Enn vun dëser Formatioun, déi Grondkenntnisser an de Beräicher Informatik, Reseauen a Cybersécherheet vermëttelt, kritt een unerkannte Certificatiounen, wouduerch d'Ëmschoulung hin zu technesche Beruffer aus dem digitale Beräich erliichtert gëtt. | MT-ADEM | CSL, LLLC | ▪ Zuel vun Demandeurd'emploien, déi un de Formatiounssessiounen deelhuelen | **2025 - 2026** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **7.07** | Deployéiere vum "KI-E-Learning"-Programm, fir d'Demandeurd'emploien an d'Grondprinzippie vun der Kënschtlecher Intelligenz anzeféieren an doran, wéi se am beruffleche Kontext kann op eng eethesch Manéier genotzt ginn. | MT-ADEM | / | ■ Zuel vu Lizenzen, déi vun Demandeurd'emploien aktivéiert goufen | ***<br>2026** |
| **7.08** | Ëmsetze vum FSE+-Projet "Skills4job2.0" an Entwéckele vu gëeegente beruffleche Kompetenze fir den digitalen Zäitalter duerch kollektiv Atelieren iwwer Thematike wéi digital Transformatioun, Kënschtlech Intelligenz an d'Notze vu kollaborativen Outilen. | MT-ADEM | FSE+, House of Training | ■ Zuel vu Sessioune vu kollektiven Atelieren, déi organiséiert goufen | **2025<br>-<br>2027** |
| **7.09** | Verbessere vun der Beschäftegungsfäegkeet vun de Refugiéen zu Lëtzebuerg duerch d'Abezéie vun den digitale Kompetenzen an déi adaptéiert berufflech Formatioune vum FSE+Projet "ReStart !" | MT | FSE+, Coopération Nord-Sud | ■ Zuel vun Aschreiwungen an eng Beruffsausbildung | **2025<br>-<br>2026** |
| **7.10** | Stäerke vun de Kompetenzen am Beräich vun der Compliance an dem digitale Finanzwiesen duerch spezialiséiert Formatiounen am Kader vum FSE+-Projet "Concepts of AML, KYC & Compliance". | MT-ADEM | FSE+, House of Training | ■ Zuel vu Formatiounssessiounen am Beräich "Finance Digitale", déi duerchgefouert goufen<br>■ Taux vun de Reussitten am Examen "Digital Operational Resilience Act – DORA" | **2025<br>-<br>2026** |

*Vun ---- un

## ZIL 8
# D'Kompetenze vun de Professionelle weiderentwéckelen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **8.01** | Ënnerstëtze vun den Acteuren aus der Sozial- a Solidarwirtschaft (économie sociale et solidaire – ESS), déi am Beräich vun der digitaler Inklusioun engagéiert sinn. Op der Grondlag vum ministeriellen Agrement als Sozialentreprise (société d'impact sociétal – SIS) gi Servicer, fir d'Entreprisen ze begleeden, an Aktivitéiten, fir d'Kompetenzen ze stäerken, en place gesat. Dës Aktioune ginn iwwer de "Social Business Incubator" (SBI) deployéiert, deen sech zu engem Kompetenzzenter fir sozial Innovatioun entwéckele wäert. | MT | MT-ESS, MT-SBI | ▪ Zuel vun Entreprisen, déi am Beräich vun der digitaler Inklusioun aktiv sinn an den Agrement als SIS kritt hunn<br>▪ Zuel vun Acteuren aus der Sozial- a Solidarwirtschaft, déi am Beräich vun der digitaler Inklusioun aktiv sinn a vun de Servicer vum SBI profitéiert hunn | **KA** |
| **8.02** | Ënnerstëtze vun entrepreneurialen an innovativen Initiativen am Beräich vun der digitaler Inklusioun. E "Social Innovation Camp/Lab" wäert all Joer an Zesummenaarbecht mam "House of Startups" ronderëm en Defi organiséiert ginn, fir deen innovativ Léisunge solle fonnt ginn. D'digital Inklusioun gëtt als Thematik fir eng vun den nächsten Editiounen zeréckbehalen, fir d'Kreativitéit an den Engagement vun de Participanten an dësem Beräich ze stimuléieren. | MT | MT-ESS, MT-SBI, HoSt | ▪ Konkreet Propositiounen an Aktiounen, déi vun de Participanten entwéckelt ginn | **2027 - 2028** |
| **8.03** | Ëmsetze vum FSE+-Projet "New Tech Adaptation for Companies" (NTAC) mam Zil, privat an ëffentlech Organisatioune beim Identifizéieren an Entwéckele vun den digitale Kompetenzen ze begleeden; dëst geschitt duerch:<br>• den Outil PIX (adaptiv Autoevaluatioun vun den digitale Kompetenzen, déi konform zum europäesche Kader DigComp ass),<br>• "Peer-Mentoring"-Aktivitéiten,<br>• interaktiv Atelieren,<br>• dediéiert Evenementer, déi vun IMS Luxembourg assuréiert ginn. | ME-SMC | MT, MinDigital, IMS Luxembourg | ▪ Zuel vu Participanten<br>▪ Zuel vun Entreprisen, déi matmaachen | **2025 - 2026** |
| **8.04** | Ubidde vu Coursen a verschiddene Beräicher vun den digitale Kompetenzen, als Fortbildungen an am Sënn vun enger beruflecher Ëmschoulung. | MENEJ-DLH | / | ▪ Zuel vu Participanten<br>▪ Zuel vu Sessioune pro Joer | **KA** |
| **8.05** | Proposéiere vun der Programméierschoul "42 Luxembourg" als innovativ Formatiounsinitiativ am Beräich vun den digitale Beruffer. Dëse Programm, fir dee keng Diplomer virausgesat ginn, bitt eng projetsbezunne Pedagogik an erlaabt et den Apprenanten, zolidd Kompetenzen am Beräich vun der Programméierung, der Algorithmik an der Softwareentwécklung opzebauen. | MENEJ-DLH | / | ▪ Zuel vu Participanten<br>▪ Zuel vu Selektiounsphase ("Piscinnen") pro Joer | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 9
# D'Kompetenze vun de Mataarbechter aus dem ëffentlechen Déngscht verdéiwen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **9.01** | Entwéckele vun engem "Data Escape Game", fir d'Mataarbechter vum Staat op eng spilleresch an interaktiv Manéier mat de Konzepter ronderëm d'Donnéeë vertraut ze maachen. D'Zil vun dësem pedagogesche Spill ass et, d'Enjeuen am Zesummenhang mat den Donnéeën duerch eng immersiv a kollaborativ Approche besser verstoen ze léieren. | MinDigital-GTL | / | ■ Zuel vu Participanten<br>■ Zuel vu Sessiounen | **2026** |
| **9.02** | Objektiivt Bewäerte vun den digitale Kompetenze vun den ADEM Mataarbechter duerch en online Test, deen am Kader vun enger globaler Initiativ fir d'Erfaasse vun de berufflech Kompetenze stattfënnt. D'Bewäertung ass Deel vun enger méi breeder Strategie fir d'Valoriséierung an d'Entwécklung vun interne Kompetenzen. | MT-ADEM | ME-SMC, MFP-CGPO, Pix (Frankräich) | ■ Zuel vu Mataarbechter, déi ufroen, fir den Test ze maachen<br>■ Zuel vu finaliséierten digitalen Tester<br>■ Resultater vun de PIXTester | **2025** - **2026** |
| **9.03** | Kontinuéierlecht Weiderentwéckele vun der Offer vu Formatiounen an de Beräicher:<br>■ digital Kompetenzen,<br>■ digital Accessibilitéit,<br>■ RGPD,<br>■ Informatiounssécherheet<br>fir d'Mataarbechter aus dem ëffentleche Secteur, an zwar engersäits iwwer de Katalog vum INAP an anerersäits iwwer individuell zougeschnidde Formatiounen, déi et erlaben, geziilt op déi konkreet Enjeuen anzegoen, mat deenen d'Ministèren an d'Verwaltunge konfrontéiert sinn. | MFP-INAP | Themebezunnen Experte vun deenen anere Ministèren ofhängeg vum Sujet, dorënner ME-SIP, MENEJ-CDV, MFSVAOSAPS, MinDigital-CTIE, ME-HCPN-ANSSI, MECNPD, MinDigital-CGPD | ■ Zuel vun entwéckelte Formatiounen<br>■ Zuel vun Apprenanten<br>■ Zefriddenheetsgrad | **KA** |
| **9.04** | Sensibiliséieren a Begleede vun de Verwaltunge bei der Mise en place vun engem Kompetenzentwécklungsplang an hirer Organisatioun. Déi ugebuede Begleedung erlaabt et de Verwaltungen, kloer Ziler ze definéieren, déi gëeegent Ressourcen ze mobiliséieren an eng kohärent an nohalteg Kompetenzsteigerung vun de Mataarbechter ze begënschtegen. | MFP-INAP | MFP-CGPO | ■ Zuel vu begleete Verwaltungen<br>■ Réckgang vun der Zuel vun Demandë fir individuell zougeschnidde Formatiounen, déi net gëeegent sinn | **KA** |
| **9.05** | Organiséiere vu reegelméissege Sensibiliséierungs- a Formatiounsseancen iwwer d'Informatiounssécherheet | ME-HCPN | ME-HCPN-ANSSI | ■ Zuel vun duerchgefouerte Seancen | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **9.06** | Organiséiere vu Formatioune fir staatlech a kommunal Mataarbechter iwwer d'digital Accessibilitéit vu PDFen (PDF-UA) mat Hëllef vun InDesign an Acrobat. Duerch dës Formatioune sollen d'Mataarbechter besser an der Lag sinn, accessibel digital Dokumenter no de gültegen Normen ze erstellen. | MFP-INAP | MENEJ-CDV | ▪ Zuel vun uerchgefouerte Coursen | **KA** |
| **9.07** | Ubidde vu Formatiounen iwwer d'digital Accessibilitéit fir d'Mataarbechter aus dem ëffentleche Secteur. D'Zil vun dëse Formatiounen ass et, d'Participantë fir d'Enjeue vun der digitaler Accessibilitéit ze sensibiliséieren an hinnen déi néideg Kompetenzen ze ginn, fir Inhalter ze entwerfen, déi de gültegen Normen entspriechen. | ME-SIP | MinDigital, MFSVA-OSAPS | ▪ Zuel vun duerchgefouerte Coursen | **2025** - **2030** |
| **9.08** | Ausschaffe vun engem Konzept fir e "Centre de carrière" an der Fonction publique, fir d'Mataarbechter bei hire Projete fir hir beruflech Entwécklung ze begleeden. D'Zil vun dësem Dispositif ass et, Mataarbechter, déi dëst wëllen, duerch Kompetenzbilanen, geziilt Formatiounen, Coaching oder Mentoring eng personaliséiert Ënnerstëtzung ze bidden. | MFP-CGPO | MFP, MFP-INAP | ▪ Ausgeschaffte Konzept | **2025** - **2027** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 10
# D'STEM-Fächer férderen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **10.01** | Encouragéiere vun enger Orientéierung vu Meedercher a Fraen hin zu STEM-Studiegäng a Karriären am digitale Beräich duerch de Projet "Girls : Deploy Your Talents!". Dëse Programm soll d'Lycéesschülerinnen derzou incitéieren, d'Beräicher vun den Naturwëssenschaften, der Technik, dem Ingenieurswiesen an der Mathematik (STEM) a virun allem d'Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien (IKT) ze entdecken. | ME-SMC, MEGA, MENEJ-SCRIPT, MENEJ-MO | MT, IMS Luxembourg (Träger vum Projet), Partnerlycéeën a Partnerentreprisen, FSE+ | ▪ Entwéckelt Coursen<br>▪ Zuel vu Participanten | **2025** - **2027** |
| **10.02** | Organiséieren an Ënnerstëtze vu "Girls in ICT"-Evenementer an änlechen Initiativen, fir d'Plaz vun de Meedercher am digitale Beräich ze stäerken. Dës Aktiounen, wéi " d'Journée internationale des filles dans les technologies de l'information et de la communication", sollen d'Participatioun vu Meedercher a Fraen an de Beräicher vun den Naturwëssenschaften, der Technik, dem Ingenieurswiesen an den digitalen Technologien encouragéieren. | MEGA, ME-SMC | MinDigital, WIDE&Co, IMS Luxembourg, Code Club Luxembourg, MakeIT | ▪ Zuel vu Participanten | **2025** - **2027** |
| **10.03** | Organiséiere vun engem Evenement zum Thema Fraen an den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien (IKT), fir hir Parcoursen, Reussitten an Defien ze valoriséieren. D'Zil vun dësem Evenement ass et, ze inspiréieren, ze sensibiliséieren an d'Participatioun vun de Fraen an den digitale Beruffer ze encouragéieren. | MEGA, ME-SMC | / | ▪ Zuel vu Participanten | **2026** - **2027** |
| **10.04** | Deelhuelen un der "FIRST LEGO League", fir d'STEM-Fächer, d'digital Kompetenzen an d'spillbaséiert Inklusioun ze férderen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CL | ▪ Participatiounstaux<br>▪ Resultater beim Concours | **KA** |
| **10.05** | Ausweide vun de Lycéesaktivitéiten, fir de Label "Sustainable Entrepreneurial Schools" kréien ze kënnen. Un dësem Projet sinn Etablissementer bedeelegt, déi am Kader vum Programm "Sustainable Entrepreneurial Competence" engagéiert sinn, esouwéi extern Wirtschaftspartner. Zu den Aktivitéiten, déi erfuerdert sinn, fir de Label ze kréien, gehéieren Initiativen an de Beräicher Digitaliséierung, Kënschtlech Intelligenz a Computersécherheet, déi de Schüler hir entrepreneurial an digital Kompetenze stäerke sollen. | MENEJ-SCRIPT | MECO, Jonk Entrepreneuren ASBL | ▪ Zuel vu Lycéeën, déi de Label kritt hunn | **2025** - **2030** |
| **10.06** | Férdere vun Austausch an Zesummenaarbecht tëschent den Enseignanten an de STEM-Fächer duerch de gemeinsamen "STEAM Teacher Day". Dëst Evenement leet den Accent op d'Interdisziplinaritéit an encouragéiert d'Kombinéiere vu verschiddene wëssenschaftleche Beräicher, fir Coursen ze entwéckelen, déi fir d'Schüler méi attraktiv a méi ureegend sinn. | MENEJ-SCRIPT | / | ▪ Zuel vu Participanten<br>▪ Feedback vun de Participanten | ***** **2026** - **2027** |
| **10.07** | Zum Formatiounsprogramm BTS en cybersécurité contribuéieren, dee vum Lycée Guillaume Kroll zu Esch-Uelzecht ugebuede gëtt. Am Kader vun dësem Studiegang am Enseignement professionnel supérieur assuréiert d'CNPD eng Rei vu Modüllen notamment iwwer den RGPD, d'Sécherheet bei der Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën, den Ëmgang mat Verstéiss géint den Dateschutz an de Log Management. Vun 2026 u kënnt enAféierungsmodüll an d'Kënschtlech Intelligenz derbäi. D'Zil vun dëser Aktioun ass et, d'Kompetenzen am techneschen an am reglementaresche Beräich vun den zukünftege Professionellen aus dem STEM-Secteur ze stäerken. | ME-CNPD | Lycée Guillaume Kroll | ▪ Zuel vu Participanten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

*Vum Schouljoer ---- un (fënnt all zwee Joer statt)

## ZIL 11
## D'Formatioun am Beräich vun den digitale Kompetenzen ënnerstëtzen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **11.01** | Lancéiere vun enger Machbarkeetsetüd iwwer d'Mise en place vun engem nationale Service fir digital Mediatioun. Dës Etüd erméiglecht eng prealabel Evaluatioun vun de Viraussetzunge fir d'Schafung a vun de Modalitéite fir d'Strukturéierung vun engem nationalen Dispositif fir digital Mediatioun an Digitalassistenz. | MinDigital | / | ■ Realiséiert Etüd | **2027** - **2028** |
| **11.02** | Organiséiere vu monatlechen "IT Trainer Meetups"-Treffen, fir d'Virgoensweise vun de Formateuren am Beräich vun der digitaler Inklusioun ze harmoniséieren. | MinDigital | ErwuesseBildung ASBL | ■ Zuel vun duerchgefouerte ■ Seancen Zuel vu Participanten | **2024** - **2026** |
| **11.03** | Färderen a Valoriséieren vun der "trainer.ewb.lu" Plattform an den drop integréierten Formatiounsmodüllen" déi fir Acteuren aus dem soziale Beräich gratis online zougänglech sinn. | MinDigital | ErwuesseBildung ASBL | ■ Zuel vu Persounen, déi op der Plattform enregistréiert sinn ■ Zuel vu Visitten op der Plattform | **2026** - **2027** |
| **11.04** | Encouragéiere vun de konventionéierte Partner (ASBLen, Gemengen a Lycéeën), fir méi Coursen iwwer d'digital Technologië fir net digital Zilgruppen unzebidden. | MENEJ-SFA | Konventionéiert Partner | ■ Zuel vu Coursen ■ Zuel vun Aschreiwungen | **2025** - **2027** |
| **11.05** | Bereetstellen, wärend de Vakanzperioden, vu Strukturen oder Säll fir aner Acteuren, fir d'geografesch Verdeelung vun den digitale Programmen ze färderen. D'Zil vun dëser Moossnam ass et, d'Notzung vun de besteeënden Infrastrukturen ze optimiséieren an den Zougang zu digitale Formatiounen a verschiddene Regiounen ze erliichteren. | MENEJ-SFA | / | ■ Zuel vun Demanden an Ëmsetzungen | **2025** - **2027** |
| **11.06** | Forméiere vum Féierungspersonal a vun de Begleeder vu Partnerassociatiounen am Kader vu "Formatioune fir d'Formateuren" iwwer d'Notzung vum Elektronesche Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé – DSP); d'Zil ass et, dass se "Ambassadeuren" ginn, déi an der Lag sinn, d'Patiente beim Ëmgang mat an dem Verstoe vum DSP ze begleeden. | M3S-AeS | Patientenassociatiounen, Gemengen | ■ Zuel vu Seancen ■ Zuel vu Participanten | **2026** - **2030** |
| **11.07** | Bessert Informéiere vun de Bierger iwwer d'Formatiounsofferen am Beräich vun den digitale Kompetenzen, andeem notamment d'Sozialämter mobiliséiert ginn. | MFSVA, MinDigital | Sozialämter, aner Partner | ■ Zuel vu Sozialämter, déi op d'mannst eemol pro Trimester Informatiounen iwwer d'Formatiounen am Beräich vun den digitale Kompetenze verbreet hunn ■ Zuel vu Partner, déi Informatiounen iwwer d'Formatiounen am Beräich vun den digitale Kompetenze verbreet hunn | **KA** |
| **11.08** | Encouragéiere vun der Entwécklung vu regionalen Offeren, fir d'digital Kompetenze vu vulnerabele Persounen ze stäerken an e gerechten Zougang zu digitalem Material um ganzen Territoire ze garantéieren. Dës Offere gi vun dediéiertem Personal begleet a lokal deployéiert, wouduerch eng besser territorial Ofdeckung erméiglecht gëtt. | MFSVA | Acteuren um Terrain, déi mam MFSVA konventionéiert sinn | ■ Entwéckelt Formatiounen ■ Zuel vu Participanten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 12
# D'Kompetenze vun de Professionellen aus dem sozioedukative Secteur stäerken

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **12.01** | Reegelméissegt Organiséiere vun der Formatioun "Inclusion numérique dans l'action sociale", fir d'Acteuren aus dem Sozialwiese fir d'digital Inklusioun ze sensibiliséieren. | MinDigital | FEDAS | ▪ Zuel vun duerchgefouerte Formatiounen<br>▪ Zuel vu Participanten | **2026 - 2030** |
| **12.02** | Organiséiere vun enger Kommunikatiounsaktioun bei den Assistantsocialen, fir se iwwer d'Ëmsetzung vun enger neier online Demarche fir d'Areeche vun Demandë fir Sozialsubsiden ze informéieren. Dës Aktioun ëmfaasst d'Verschécke vun enger Note explicative mat detailléierten Informatiounen iwwer déi nei Prozedur esouwéi d'Organiséiere vu Presentatiounswebinaren. D'Zil vun dëse Supporten ass et, de concernéierte Professionellen d'Uneegnung vum Dispositif ze erliichteren. | M3S | / | ▪ Zuel vun Acteuren, déi un den Informatiounssessiounen deelhuelen | **2025 - 2026** |
| **12.03** | Organiséiere vun Informatiouns- a Formatiounsversammlunge fir déi Professionell aus dem Gesondheetsberäich, fir d'Fortschrëtter bei den eSanté-Projeten, déi nei Servicer an déi verfügbar Fonctionnalitéite virzestellen. Dës Treffe beinhalte allgemeng Sessiounen esouwéi spezifesch Formatiounen am Kader vum "Éischt Schrëtt Pack" (Pack Premiers Pas – PPP), bei deenen et drëm geet, de Professionellen aus dem Secteur d'Uneegnung vun den digitalen Outilen ze erliichteren. | M3S-AeS | Gesondheetsariichtungen a -strukturen, Associatioune vu Professionellen aus dem Gesondheetsberäich | ▪ Zuel vu Seancen<br>▪ Zuel vu Participanten | **2026 - 2030** |
| **12.04** | Ubidde vu "LunchTalk"-Formatioune fir déi Professionell aus dem Gesondheetsberäich am Zesummenhang mam Elektroneschen Impfpass (Carnet de Vaccination Électronique – CVE); d'Zil ass et, déi nei Fonctionnalitéiten an d'Weiderentwécklunge vum Service virzestellen.<br>Dës Formatioune ginn ergänzt duerch d'Bereetstelle vu kuerze Guiden a vun Tutorialen, déi d'Uneegnung vun den Outilen an hire Gebrauch an der deeglecher Praxis erliichteren. | M3S-AeS | M3S-DISA | ▪ Zuel vu Seancen<br>▪ Zuel vu Participanten<br>▪ Zuel vu Professionellen aus dem Gesondheetsberäich, déi de CVE notzen | **2026 - 2030** |
| **12.05** | Organiséiere vu Formatioune fir déi Professionell aus dem Gesondheetsberäich iwwer déi nei Fonctionnalitéite vum Elektronesche Gesondheetsdossier vun der neier Generatioun (Dossier de Soins Partagé (DSP) Nouvelle Génération) esouwéi iwwer d'Hannerleeë vun neien Aarte vu Gesondheetsdaten. Dës Informatioune gi bei den trimestrielle Reuniounen, de Formatiounen "eSanté Éischt Schrëtt Pack" (Pack Premiers Pas eSanté) weiderginn an duerch d'Bereetstelle vu kuerze Guiden a vun Tutorialen ergänzt. | M3S-AeS | Gesondheetsariichtunge /-strukturen, Associatioune vu Professionellen aus dem Gesondheetsberäich | ▪ Zuel vu Seancen<br>▪ Zuel vu Participanten<br>▪ Zuel vun aktivéierten eSanté-Accounten | **2029 - 2030** |
| **12.06** | Ophuele vu Formatiounen iwwer d'Preventioun bei de Videospiller an iwwer d'Mediekompetenz an de Katalog vun de Weiderbildunge fir déi Professionell aus dem Secteur vun der net formeller Educatioun. | MENEJ-AQUEN | Zentrum fir politesch Bildung (ZpB), respect. lu, Zenter fir exzessiivt Verhalen a Verhalenssucht (ZEV) | ▪ Zuel vu Formatiounen, déi pro Joer ugebuede ginn<br>▪ Zuel vu Participantë pro Joer | **Vum 30. Oktober 2025 un** |


# C

# Stäerke vun der Motivatioun a Bilde vun digitalem Vertrauen

D'digital Inklusioun berout och op méi subtillen Dimensiounen: dem Interêt um Léieren, dem Gefill, dass et legitim ass, digital Outilen ze notzen, an dem Vertrauen a sech selwer an an déi technologesch Ëmfelder. Dës oft net siichtbar Elementer hunn en déifgräifenden Afloss op d'Fäegkeet vun den eenzelne Mënschen, sech digital Technologien unzëeegnen.

A Laf vun den Echangen, déi am Kader vum Ausschaffe vum nationalen Aktiounsplang stattfonnt hunn, ass däitlech ginn, dass vill Mënschen déi digital Technologien net prinzipiell ofleenen, mee dass se Zweifelen un hiren Fäegkeeten hunn, se richteg ze notzen, oder d'Konsequenze vun enger net maîtriséierter Notzung fäerten. Dës Angscht kann op negativ Erfarungen zeréckzeféiere sinn, op e Mangel u Begleedung oder ganz einfach op Onwëssenheet iwwer d'Enjeuen am Hibléck op d'Sécherheet, d'Confidentialitéit oder d'Zouverlässegkeet vun den online Servicer. D'Motivatioun, fir digital Technologien ze notzen, an d'Vertrauen an dës Technologië sinn d'Viraussetzung fir hir konkreet Notzung.

D'Motivatioun hirersäits hänkt oft mat der Perceptioun vum Notzen zesummen. Wann een den Androck huet, dass déi digital Outile wäit vun den deegleche Problemer ewech sinn oder dass et ze komplex ass, se ze maîtriséieren, léisst den Interessi no. Wann d'Notzung dogéint konkreet an accessibel ass a gräifbar Virdeeler bitt, gëtt de Wonsch, ze léieren a Fortschrëtter ze maachen, méi staark. Eng motivéiert Persoun erkennt den Notze vun den digitalen Outilen an online Servicer a versteet,




wéi déi digital Technologië Verbesserungen an hirem Alldag an am Beruff mat sech brénge kënnen.

D'Vertrauen an déi digital Welt berout op der Fäegkeet, Risiken ze identifizéieren an domat ëmzegoen, bewäert Sécherheetspraktiken ze kennen an d'Outile sécher ze notzen. Dëst Vertrauen ass och en entscheedende Facteur, fir Mënschen, déi no negativen Erfarungen zu den digitalen Technologien op Distanz gaange sinn, nei ze integréieren, a fir d'Angscht am Zesummenhang mat der Notzung vun den digitalen Outilen ze reduzéieren.

Den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun soll en Ëmfeld schafen, wou d'Bierger op hirem digitale Parcours Vertrauen hunn a sech ënnerstëtzt a valoriséiert spieren. Dëst geschitt iwwer pedagogesch Approchen, déi op Entgéintkomme berouen, iwwer lokal Ënnersëtzungsofferen an eng kloer an éierlech Kommunikatioun iwwer d'Enjeue vun den digitalen Technologien.

## ZIL 1
# Fir d’digital Inklusioun sensibiliséieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **1.01** | Produzéiere vun enger Serie vun Temoignage-Videoen, déi den Impakt illustréieren, deen d’Digitaliséierung an d’Aktioune fir digital Inklusioun op Bevëlkerungsgruppen hunn, déi mat den digitalen Technologië wéineg vertraut sinn. Dës Videoen, bei deenen et ëm konkreet Erfarunge geet, valoriséieren déi positiv Auswierkunge vun den digitalen Initiativen op d’Autonomie vun de concernéierte Persounen an hiren Zougang zu essenzielle Servicer. | MinDigital | Acteuren aus der Zivilgesellschaft | ▪ Zuel vu realiséierte Videoen | **2027** |
| **1.02** | Produzéiere vun enger Serie vu Videoen, déi wichteg Initiativen am Beräich vun der digitaler Inklusioun an de Mëttelpunkt stellen an déi bewäert Praktiken esouwéi exemplaresch Projeten illustréieren. Dës Videoe sollen innovativ Demarchë valoriséieren an zum Reproduzéiere vun effikasse Léisungen um gesamten Territoire ureegen. | MinDigital | Acteuren aus der Zivilgesellschaft | ▪ Zuel vu realiséierte Videoen | **2028** |
| **1.03** | Sensibiliséiere vun de Membere vum Biergerpakt fir d’digital Inklusioun. Informatiouns- a Mobiliséierungsaktioune bei de Membere sollen hinnen hëllefen, d’Enjeue vun der digitaler Inklusioun besser ze verstoen, an se derzou encouragéieren, sech aktiv ze bedeelegen. | MFSVA | / | ▪ Zuel vun Aktivitéiten iwwer d’digital Inklusioun<br>▪ Zuel vu Participanten | **KA** |
| **1.04** | Fërdere vun Assistenztechnologien, mat deene Mënsche mat Behënnerungen Hindernisser iwwerwanne kënnen. Organiséiere vun Evenementer iwwer d’Inklusioun, fir dës Léisunge virzestellen, derzou bäizedroen, dass se adoptéiert ginn, an déi concernéiert Acteuren ze sensibiliséieren. | MFSVA | MinDigital | ▪ Zuel vun organiséierten Evenementer | **All 2 Joer** |
| **1.05** | Fërdere vum Verstoen a vun der Notzung vun technologeschen Outilen als Kompensatiounsmëttel fir vulnerabel Schüler. Dës Demarche beinhalt d’Sensibiliséierung vu Schüler, Elteren a Professionellen duerch eng individuell a professionell Begleedung, déi op d’Psychoeducatioun vum Schüler baséiert ass, Erklärungen an der Schoul an d’Organisatioun vun Informatiounsowender fir d’Elteren. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDA | ▪ Zuel vun Evenementer, Interventiounen a Participanten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 2
# Fir déi nei Technologië sensibiliséieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **2.01** | Organiséiere vun engem Sensibiliséierungsevenement fir eeler Leit am Kader vum europäeschen Dag vun der Internet-Sécherheet "Safer Internet Day" | MENEJ | MFSVA, Acteuren aus der Zivilgesellschaft | ■ Zuel vu Participanten | * |
| **2.02** | Entwéckelen a Verbreede vum digitale Spill "Influenceurs & Médias" am Kader vum INTERREG-Projet "Engagement'GR", fir d'digital Biergerkompetenze vun de Schüler ze stäerken. Dëst Spill besteet aus interaktiven Episode mat pedagogesche Guide fir d'Enseignanten, Fiché fir d'Schüler an engem Bewäertungsprotokoll. De validéierte Prototyp gëtt a Pilotschoule getest. | MENEJ–SCRIPT | / | ■ Validéierte Prototyp<br>■ Zuel vu Pilotschoulen<br>■ Notzungsdauer am Unterrecht | **2025 - 2027** |
| **2.03** | Proposéiere vum Projet "WTOON", bei deem et drëm geet, Jugendlecher a Notzer vu soziale Medien op eng spilleresch an accessibel Manéier fir d'Risiken am Zesummenhang mat der Notzung vun online Plattformen ze sensibiliséieren an iwwer déi bewäert Praktiken ze informéieren, déi unzewende sinn, fir de Schutz vu perséinlechen Daten a méi allgemeng de Schutz vun der Privatsphär am Internet ze erméiglechen. De Projet, deen op enger medieniwwergräifender Approche baséiert, beinhalt kuerz Videoen, Bande-dessinéeën, eng Plattform fir digitaalt Léieren, e kollaboratiivt digitaalt Spill an e Kaartespill. Dat Ganzt ass a 4 Sproochen (LU + DE + FR + EN) verfügbar. | ME-CNPD | MENEJ-BEE SECURE, 7 Lycéeën, LMDDC GIE, Lëtzebuerger Auteur an Illustrateur | ■ Zuel vu Klassen, déi matmaachen<br>■ Zuel vu forméierte Professeren<br>■ Analytics, déi aus den digitalen Outilen stamen | **2024 - 2026 **** |
| **2.04** | Proposéiere vun der Initiativ "Klara, Alex & les données", fir d'Schüler aus der Grondschoul fir de Schutz vu perséinlechen Daten an d'Privatsphär ze sensibiliséieren. Dobäi ginn zweesproocheg Ressourcen (FR/DE) bereetgestallt, déi kënne gedréckt ginn an digital verfügbar sinn an déi duerch Aktivitéitsfichen an Evaluatiounsoutilen ergänzt ginn. | MENEJ-SCRIPT | / | ■ Zuel vu Klassen, déi matmaachen<br>■ Ofschlossquot | **KA** |
| **2.05** | Organiséiere vu Sensibiliséierungsaktioune ronderëm d'Enjeuen am Zesummenhang mat der Notzung vun den digitalen Technologien; dëst betrëfft besonnesch d'Theme Mediekompetenz, psychesch Gesondheet, süchteg maachenden Design, betrügeresch Praktiken, digital Kompetenz an Desinformatioun. Dës Aktioune fannen a Form vu geziilten Evenementer statt, wéi Campagnen an de soziale Medien, ëffentlech Konferenzen an Table-rondë mat Experten. D'Zil ass et, e kritescht Verständnis vun den digitalen Ëmfelder ze stäerken an eng responsabel an informéiert Notzung ze encouragéieren. | ME-ALIA | Schoulen, Lycéeën, Medien, ZpB | ■ Zuel vun duerchgefouerten Aktivitéiten<br>■ Zuel vu Participanten (falls zoutreffend) | **KA** |
| **2.06** | Proposéiere vu Projeten an Atelieren iwwer de pedagogesche Volet vun den digitale Spiller an d'Preventioun bei de Videospiller. Dës Initiative bidde villfälteg Approchen, fir déi Professionell aus dem Secteur vun der net formeller Educatioun esouwéi Kanner a Jugendlecher fir e gesonden an equilibréierten Ëmgang mat den Ecranen ze sensibiliséieren. | MENEJ-AQUEN | ZEV, respect.lu, infoMann, Fédération Luxembourgeoise d'Esport, Hariko | ■ Zuel vun Atelieren, déi pro Joer ugebuede ginn<br>■ Zuel vu Participantë pro Joer | **Vum 30. Oktober 2025 un** |
| **2.07** | Fërdere vun der Mediekompetenz vu Klengem un am Kader vun der "Nationaler Resilienzstrategie" (Stratégie nationale de résilience), an zwar duerch Sensibiliséierungsaktiounen, déi an d'Schoul- esouwéi an d'Universitéitsprogrammen integréiert ginn. Dës Aktioun gëtt ergänzt duerch d'Verbreede vu pedagogeschen Inhalter iwwer Internetsitten, sozial Medien an aner gängeg digital Kanäl. | MENEJ, MESR | ME-HCPN | ■ Prozentsaz vu Schoulprogrammen, déi e Modüll iwwer Mediekompetenz beinhalten | **KA** |

* Jäerlecht Evenement ** Entwécklung an Ëmsetzung, duerno kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 3
# Informatiounen a Begleedung am Zesummenhang mat online Servicer strukturéieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **3.01** | Förderere vun enger moderner a proaktiver Multikanal- Kommunikatioun fir eng besser Informatioun a Begleedung vun de Bierger am Hibléck op MyGuichet.lu als eenzeg Kontaktstell fir sämtlech digital Servicer, dorënner och kommunal Demarchen an d'Servicer am Zesummenhang mam Elektronesche Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé – DSP). D'Offer gëtt ergänzt duerch automatesch Rappelle fir kommend Demarchen, personaliséiert Suggestiounen a Funktioun vun de Liewensereegnesser an interaktiv Outilen – Online-Chatten an Chatbotten –, fir den Zougang an d'Begleedung ze vereinfachen. | MinDigital-CTIE | / | ■ Mise en place vun neie Kommunikatiounskanäl | **2025 - 2029** |
| **3.02** | Zentraliséiere vun der Beschreiwung vu sämtlechen administrativen Demarchen um Informatiounsportal Guichet.lu. Dës Initiativ soll de Bierger eng kloer a strukturéiert Iwwersiicht iwwer déi verfügbar Prozedure bidden an esou den Zougang zu den ëffentlechen online Servicer vereinfachen. | MinDigital-CTIE | / | ■ Zuel vu beschriwwenen administrativen Demarchen | **KA** |
| **3.03** | Organiséiere vun Informatiounsseancë fir Patienten a Bierger am Kader vun der Initiativ "DSP on Tour / DSP NG on Tour", fir d'Virdeeler an déi wichtegst Fonctionnalitéite vum Elektronesche Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé – DSP) virzestellen esouwéi d'Moossnamen, déi en place gesat goufen, fir d'Sécherheet an den Dateschutz ze garantéieren. Dës Seancë gi fir ënnerschiddlech Zilgruppen ugepasst:<br>• Servicer fir eeler Leit;<br>• Membere vum Biergerpakt;<br>• Mënsche mat Behënnerungen, an Zesummenaarbecht mat Ënnerbréngungsstrukturen an Associatiounen;<br>• de Grand public, an Zesummenaarbecht mat de Gemengen. | M3S-AeS | MFSVA, associations, accommodation facilities, municipalities | ■ Number of sessions<br>■ Number of participants<br>■ Number of eHealth accounts activated | **2026 - 2030** |
| **3.04** | Organiséiere vun Informatiounsversammlungen iwwer den "DSP", den "DSP NG" an den "EEDS"-Referentiel, déi sech un déi Professionell aus dem Gesondheetsberäich riichten. D'Zil vun dëse Sessiounen ass et, déi nei Fonctionnalitéite vum Elektronesche Gesondheetsdossier vun der neier Generatioun (Dossier de Soins Partagé Nouvelle Génération) ze presentéieren an déi konkreet Virdeeler fir déi Professionell aus dem Gesondheetsberäich an der deeglecher Praxis virzestellen. | M3S-AeS | Gesondheetsariichtungen /- strukturen, Associatioune vu Professionellen aus dem Gesondheetsberäich | ■ Zuel vu Seancen<br>■ Zuel vu Participanten | **2026 - 2030** |
| **3.05** | Produzéieren an Diffuséiere vu Kommunikatiouns- a Formatiounssupporten, fir d'Wëssen iwwer déi ugebueden eSanté-Servicer ze verbesseren. Dës Supporten ëmfaassen ELearning- Modüller, interaktiv Tutorialen a Benotzer-Guide, déi konzipéiert sinn, fir e verdéift an accessibelt Verständnis vun de verfügbaren Outilen ze bidden. | M3S-AeS | MENEJ-CDA | ■ Zuel vun verbreete Supporten | **2026 - 2030** |
| **3.06** | Organiséiere vu Formatiouns- a Sensibiliséierungsseancë fir d'Bierger, bei deenen et ëm d'Kommunikatiounsoutilen a Krisesituatioune geet an déi am Kader vun der "Nationaler Resilienzstrategie" (Stratégie nationale de résilience) stattfannen. D'Zil vun dëse Seancen ass et, Plattforme wéi infocrise.lu, lualert.lu, sozial Medien an aner digital Outile bekanntzemaachen an hire Gebrauch ze encouragéieren. | ME, MAINT | ME-HCPN, concernéiert Verwaltungen | ■ Zuel vu forméierte Participanten<br>■ Zuel vu Visitten op de respektive Sitten | ***** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

* Laut Implementéierungsplang vun der "Nationaler Resilienzstrategie"

## ZIL 4
# Risike vun digitalen Technologië

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **4.01** | Ëmsetze vum Projet "Zivilcourage im Netz", fir den Zivilcourage um Internet ze stäerken an Haassrieden op de Lëtzebuerger digitale Plattformen ze bekämpfen. | MEGA | Ëffentlech Institutiounen (Parquet, Police Grand-Ducale), respect.lu, Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft | ▪ Deploiement vum Projet | **2025** - **2026** |
| **4.02** | Lancéiere vun enger Sensibiliséierungscampagne an de soziale Medien iwwer verschidden Themen am Zesummenhang mat der Kënschtlecher Intelligenz, virun allem Deepfaken, konversationell KI-Systemer wéi Chatbotten a Sproochassistenten, KI-Agenten an aner nei Technologien. D'Zil vun däser Campagne ass et, d'Notzer ze informéieren a fir d'Risike vum Gebrauch vun dësen Technologien ze sensibiliséieren, ob am Zesummenhang mat visuelle Manipulatiounen, Designmechanismen, déi d'Interaktiounsdauer verlängere sollen, oder automatiséierte Verhalensweisen, déi Entscheedunge beaflosse kënnen. Et geet och drëm, eng méi bewosst, kompetent an equilibréiert Notzung vun dësen Outilen ze fërderen a bewäert Praktiken esouwéi e kritescht Verständnis vun hiren Enjeuen ze encouragéieren. | ME-ALIA | / | ▪ Engagement rate an de soziale Medien<br>▪ Zuel vu Visitten um Internetsite | **2025** - **2026** |
| **4.03** | Entwéckelen, am Kader vum Projetsopruff "Tech-in-Gov", vun enger technologescher Léisung, fir duerch Kënschtlech Intelligenz manipuléiert Inhalter (Videoen, Biller, Audio) ze detektéieren an ze labelen an de Räsonement, deen zur Conclusioun gefouert huet, dass et sech ëm en Deepfake handelt, transparent ze erklären. | MinDigital | ME-ALIA | ▪ Erkennungstaux vun Deepfaken an Erklärbarkeet | **2026** |
| **4.04** | Ubidden, iwwer d'BEE SECURE Helpline, vun engem confidentielle Service fir Assistenz a praktesch Berodung am Zesummenhang mat online Sécherheet an der Kompetenz am Ëmgang mat den digitale Medien. Dëse Service ass fir jiddereen iwwer Telefon oder schrëftlech zougänglech a soll d'Bierger beim Léise vu Problemer am Zesummenhang mat der Notzung vun den digitalen Technologië begleeden. | MENEJ-BEE SECURE | / | ▪ Gesamtzuel vu Kontakter (Uriff a schrëftlech Demanden) déi pro Joer erfollegt sinn | **2025** - **2028** |
| **4.05** | Deployéiere vun enger Sensibiliséierungscampagne fir d'BEE SECURE Helpline, fir hir Visibilitéit ze stäerken an den Zweck vum Service ze erklären. | MENEJ-BEE SECURE | / | ▪ Visibilitéitsgrad vun de Visuellen, gemooss duerch eng ILRES-Etüd | **07/2025** - **06/2028** |
| **4.06** | Dem Public d'Méiglechkeet ginn, potenziell illegal Inhalter, déi um Internet fonnt goufen, anonym iwwer d'BEE SECURE Stopline ze mellen. D'Meldunge ginn analyséiert a gegeebenefalls un déi zoustänneg Autoritéite weidergeleet. | MENEJ-BEE SECURE | / | ▪ Zuel vu Rapporten | **07/2025** - **06/2028** |
| **4.07** | Deployéiere vun enger Sensibiliséierungscampagne fir d'BEE SECURE Stopline, fir hir Visibilitéit ze stäerken an den Zweck vum Service ze erklären. | MENEJ-BEE SECURE | ME-HCPN | ▪ Visibilitéitsgrad vun de Visuellen, gemooss duerch eng ILRES-Etüd | **07/2025** - **06/2028** |

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **4.08** | Färdere vun der Educatioun, der Formatioun an der Sensibiliséierung am Hibléck op d'Sécherheet vun den Informatiounssystemer am Kader vun der "Nationaler Resilienzstrategie" (Stratégie nationale de résilience). Dës Aktioun gesäit d'Schafe vu spezifesche Programme vir, déi an d'Léier- a Studiepläng vun de Schoulen an Héichschoulen integréiert ginn, esouwéi d'Deployéiere vun Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen. | MENEJ, MESR | ME-HCPN | ■ Percentage of school curProzentsaz vu Schoulprogrammen, déi e Modüll ze dësem Thema beinhalten | * |
| **4.09** | Entwéckele vu reaktiven a cibléierte Sensibiliséierungscampagnen ("Hot Topics") a Form vun dräi järleche Sprint-Campagnen. Dës Campagnen erlaben et, nei digital Risike séier vis-à-vis vun de Jonken, den Elteren an dem Grand public unzeschwätzen a dobäi den aktuellen Enjeuen an de spezifesche Besoine vun deene verschiddenen Zilgruppe Rechnung ze droen. | MENEJ-BEE SECURE | / | ■ Visibilitéitsgrad vun de Visuellen, gemooss duerch eng ILRES-Etüd | **2025 - 2028** |

## ZIL 5
## D'Bedeelegung vun den Zilgruppe färderen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **5.01** | Identifizéiere vu Punkten, déi am Zesummenhang mat administrativen Demarchë potenziell zu Frustratioun bei de Bierger féieren, dëst am Kader vun de Projeten "Zesumme- Vereinfachen" a "Café de la simplification". D'Zil vun dëser Demarche ass et, gemeinsam, mat sämtlech Partie-prenanten, déi envisageabel Upassungspisten ze analyséieren, fir Frustratioun a Stigmatiséierung ze vermeiden. | MinDigital | / | ■ Zuel vun organiséierten Evenementer<br>■ Identifizéiert administrativ Demarchen | **KA** |
| **5.02** | Duerchféiere vun enger interner an externer Enquête bei de Mataarbechter vun der ADEM, den Demandeur-d'emploien an den Employeuren, fir d'Preferenzen am Hibléck op d'digital Kanäl an de jee no Service gewënschte Grad un Autonomie ze identifizéieren. D'Resultater vun dëser Enquête wäerten als Grondlag fir d'Opmaache vun neien digitale Kanäl wéi Instant Messaging oder Videovirstellungsgespréicher déngen, fir d'Servicer den Erwaardunge vun den Notzer unzepassen an hir Accessibilitéit ze verbesseren. | MT-ADEM | / | ■ Resultater vun der Enquête | **2025 - 2026** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

*Laut Implementéierungsplang vun der "Nationaler Resilienzstrategie"

# D

## Erliichtere vum Zougang zu den digitalen Technologien


Den Zougang zu den digitalen Technologien ass eng Viraussetzung fir all Inklusiounsdemarche. E kann net op d'Verfügbarkeet vun engem Ekipement oder enger Verbindung reduzéiert ginn: En ëmfaasst sämtlech Facteuren, déi et enger Persoun erméiglechen, déi digital Outilen op eng autonom, sécher a senger Situatioun ugepassten Aart e Weis ze notzen. Fir en tatsächlechen Zougang zu den digitalen Technologien ze garantéieren, muss en inklusiivt Ëmfeld geschaf ginn, wou jiddereen déi digital Outilen autonom, onofhängeg vu sengem Alter, senger sozialer Situatioun oder sengem Handicap notze kann.

D'Dimensioun vun der digitaler Accessibilitéit ass an dësem Kontext besonnesch wichteg. Et geet dobäi drëm, ze garantéieren, dass d'Interfacen, d'Inhalter an d'Servicen, déi online verfügbar sinn, esou konzipéiert sinn, dass se vun all Mënsch, och vu Mënsche mat Behënnerungen, genotzt kënne ginn. D'Anhale vun den Accessibilitéitsnormen ass e weesentlechen Hiewel, fir eng tatsächlech Inklusioun sécherzestellen.

Den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun erkennt un, dass et zu Lëtzebuerg nach ëmmer Disparitéite beim Zougang gëtt, an zwar esouwuel op materiellem ewéi och op funktionalem Plang. Verschidde Leit hu Schwieregkeeten, déi mat hirer wirtschaftlecher, geografescher oder sozialer Situatioun zesummenhänken, wärend anerer mat techneschen oder ergonomeschen Hindernisser konfrontéiert sinn, déi hir Fäegkeet zur Interaktioun mat den digitale Servicer aschränken. Dës Realitéite weisen, dass den Zougang esouguer an engem technologesch fortgeschrattene Land keng Selbstverständlechkeet ass. Den Aktiounsplang gesäit aus deem Grond Moossname vir, déi den Zougang zu den digitalen Technologien an all sengen Aspekter verbessere sollen: Optimiséierung vum Zougang, Ënnerstëtzung beim Ekipement vu vulnerabele Bevëlkerungsgruppen, Entwécklung vu Plaze mat engem begleeten Zougang a Färderung vun der Accessibilitéit beim Entwéckele vun de Servicer. D'Zil vun dësen Aktiounen ass d'Schafe vun engem inklusiven digitalen Ëmfeld, wou jiddereen d'Méiglechkeet huet, seng Rechter

auszeüben, op Informatiounen zouzegräifen an onageschränkt um sozialen an ziville Liewen deelzehuelen.

D'Erliichterung vum Zougang zu den digitalen Technologien heescht deemno, dass een op e puer Fronten aktiv muss sinn: Duerch d'Abezéie vun dësen Dimensioune soll den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun en Ëmfeld schafen, wou en universellen, gerechten an nohaltegen Zougang zu den digitalen Technologië séchergestallt ass.



## ZIL 1
# Den Zougang zu den digitalen Technologië verbesseren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **1.01** | Ubidde vun engem System mat Connectivitéitsbonge fir Stéit, déi d'Zoulag fir d'Liewensdeierecht (allocation de vie chère) an d'Energieprimm (prime énergie) kréien, mam Zil, d'Käschte vun enger fester Internetverbindung mat illimitéiertem Debit ze reduzéieren. De Bong gëtt all Joer am Januar verschéckt. | ME-SMC | MFSVA, FNS | ■ Zuel vun ausgestallte Bongen<br>■ Zuel vun aktivéierte Bongen | **2026** - **2030** |
| **1.02** | Ubidde vun digitale Bornen an de physesche Guichete vu Guichet.lu, fir den Zougang zu den online Servicer ze erliichteren. | MinDigital-CTIE | / | ■ Zuel vu Bornen | **KA** |
| **1.03** | Promovéiere vun der YourConnectivity Box, fir d'Bierger fir de Konsumenteschutz am Telekommunikatiounssecteur ze sensibiliséieren. | ME-SMC | MyConnectivity GIE | ■ Publikatioun vun der YourConnectivity Box | **2026** - **2027** |

## ZIL 2
# Den Zougang zu Material förderen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **2.01** | Erliichtere vum Zougang zu digitalen Ekipementer fir Stéit, déi a prekäre Verhältnesser liewen, an zwar duerch d'Mise en place vun Dispositiffen, déi Donen, Prêten oder cibléiert Hëllef virgesinn an op informatescht Material vum CTIE zeréckgräifen, dat vun dësem net méi benotzt gëtt. Duerch en net exklusive Konventiounskader kënnen dës Ekipementer der ASBL Digital Inclusion iwwerlooss ginn, wouduerch d'digital Inklusioun vun de vulnerabele Bevëlkerungsgruppe gestäerkt gëtt. | MinDigital-CTIE | Digital Inclusion ASBL | ■ Material, dat verdeelt gouf | **KA** |
| **2.02** | Deployéiere vum Programm "One2One" (iClass, iShare, MyDevice), fir e gerechten Zougang zu digitalen Ekipementer fir all Schüler ze garantéieren. | MENEJ-CGIE | MENEJ-SCRIPT | ■ Taux vun ekipéierte Schüler<br>■ Taux vun Etablissementer mat engem validéierte Medieplang | ***** **2025** - **2026** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun      * Vum Schouljoer --- un

## ZIL 3
# Den Zougang zu essenzielle Servicer verbesseren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **3.01** | Ausweide vun der Offer vun Tutorialen, déi op Guichet.lu verfügbar sinn, fir d'Notzung vun den online Servicer ze erliichteren. D'Zil vun dëse pedagogeschen Inhalter ass et, d'Notzer duerch kloer an accessibel Erklärungen an hiren digitalen Demarchen ze begleeden. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vu veröffentlechten Tutorialen | **KA** |
| **3.02** | Erliichtere vum Zougang zu Hëllefen duerch d'Uwendung vum "Once Only"-Prinzip an duerch d'Entwécklung vu proaktive Servicer. D'Ëmsetze vum "Once Only"-Prinzip erliichtert eng gemeinsam Datennotzung am ëffentleche Secteur mam Zil, d'Charge administrative ze reduzéieren an den Zougang zu de finanziellen Hëllefe vum Staat ze vereinfachen. | MinDigital, MinDigital-CTIE | Concernéiert Verwaltungen | ▪ Zuel vun entspriechenden administrativen Demarchen, bei deenen de "Once Only"- Prinzip berücksichtegt gëtt | **2026** |
| **3.03** | Implementéiere vun enger Fonctionnalitéit fir en digitaalt Mandat op der Plattform MyGuichet.lu, fir enger Drëttpersoun d'Méiglechkeet ze ginn, am Numm vun engem Notzer online administrativ Demarchen ze maachen. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vun ausgestallte Mandaten | **2026** |
| **3.04** | Deployéiere vun enger Fonctionnalitéit op MyGuichet.lu, déi gesetzlechen Tuteuren d'Méiglechkeet gëtt, administrativ Demarchen am Numm vun de Persounen ze maachen, déi se vertrieden. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vun Demarchen, déi mat der Fonctionnalitéit gemaach goufen | **2026** |
| **3.05** | Entwéckele vun den éischten digitalen Assistenten op MyGuichet.lu a "Leichter Sprache" an a "Langage facile", fir d'online Servicer méi accessibel ze maachen. Dës Assistenten erlaben d'Begleede vu Persoune mat spezifesche Besoinen am Hibléck op d'Verstoen, andeem een hinnen eng vereinfacht an adaptéiert Navigatioun bitt. | MinDigital-CTIE | APEMH, Klaro | ▪ Zuel vun entwéckelten digitalen Assistenten a "Langage facile" | **2026** - **2029** |
| **3.06** | Erliichtere vum Zougang vun europäesche Staatsbierger zu de Lëtzebuerger ëffentlechen online Servicer duerch eng Stäerkung vun der Interoperabilitéit vun den digitalen Outilen. Et gëtt eng technesch Léisung bereetgestallt, fir bei online Demarchen eng qualifizéiert Ënnerschréft ze erméiglechen an esou d'Sécherheet an d'Rechtsgültegkeet vu grenziwwerschreidenden Transaktioune sécherzestellen. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vun online administrativen Demarchen déi mam OOTS verbonne sinn<br>▪ Zuel vu Justificatiffen, déi am Kader vun online Demarchen iwwer den OOTS weidergeleet an/oder entgéintgeholl goufen | **2026** - **2030** |
| **3.07** | Notze vum technesche System "Once Only Technical System" (OOTS) vum "Single Digital Gateway", fir am Kader vun online administrativen Demarchë Justificatiffen tëscht den zoustännegen Autoritéite vun deene verschiddenen EUMemberstaaten auszetauschen. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vun online administrativen Demarchen déi mam OOTS verbonne sinn<br>▪ Zuel vu Justificatiffen déi am Kader vun online Demarchen iwwer den OOTS weidergeleet an/oder entgéintgeholl goufen | **2026** - **2027** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **3.08** | Ausweide vun der Plattform MyGuichet.lu op d'Gemengen an d'Etablissement-publicken, woubäi déi kommunal Demarchen no an no integréiert ginn. | MinDigital-CTIE | / | ■ Zuel vu Gemengen an Etablissement-publicken, déi a MyGuichet.lu integréiert sinn<br>■ Zuel vun duerchgefouerten Demarchen | **2026 - 2030** |
| **3.09** | Optimiséiere vum Elektronesche Gesondheetsdossie (Dossier de Soins Partagé – DSP), fir d'Benotzererfarung, d'Qualitéit vun den Donnéeën an d'Effikassitéit vun den Echangen tëscht den Acteuren aus dem Gesondheetsberäich ze verbesseren. Dës esouwuel technesch ewéi och ergonomesch a funktional Optimiséierung soll d'Notzung vum DSP an der deeglecher Praxis stäerken an den Zougang vun de Patienten zu hire medezineschen Informatioune vereinfachen. Den Zougang zum DSP gëtt iwwer MyGuichet.lu ausgeweit an d'Ergonomie vum Portal gëtt geméiss den Accessibilitéitskrittäre verbessert. Bis 2029 wäert de Gesondheetsdossier vun der neier Generatioun (DSP Nouvelle Génération) ausserdeem erweidert Fonctionnalitéite bidden. Am Kader vum Europäeschen Espace fir Gesondheets-donnéeën (Espace Européen des Données de Santé) wäerten d'Dossieren dann op europäeschem Niveau missen interoperabel sinn an et de Patienten esouwéi de Professionellen aus dem Gesondheetsberäich erméiglechen, a sämtleche Memberstaaten op déi entspriechend medezinesch Informatiounen zouzegräifen. | M3S | M3S-AeS | ■ Zuel vun aktivéierten eSanté - Accounten<br>■ Zuel vun Donnéeën, déi an den DSPen hannerluecht / consultéiert goufen | **KA** |
| **3.10** | Bereetstelle vu geziilte Benotzer-Guiden, Tutorialen a Videoe fir déi Professionell aus dem Gesondheetsberäich an d'Patienten, an zwar esouwuel op Pabeier ewéi och an digitaler Form. D'Zil vun dëse pedagogesche Supporten ass eng vereinfacht Handhabung vun den digitale Gesondheetsoutilen duerch d'Bereetstelle vun Inhalter, déi de Besoinen an dem jeeweilege Kompetenzniveau vun de verschiddenen Zilgruppen ugepasst sinn. | M3S-AeS | / | ■ Zuel vu Visitten<br>■ Zuel vu verbreete Supporten | **2026 - 2030** |
| **3.11** | Virstelle vun der Méiglechkeet, en "DSP-Assistent" ernennen ze kënnen, an zwar am Kader vu Kommunikatiounsaktiounen, déi sech un déi concernéiert Patiente riichten. Beim DSPAssistent handelt et sech ëm eng Vertrauenspersoun, déi habilitéiert ass, fir den Elektronesche Gesondheetsdossier (DSP) zesumme mam Detenteur vum DSP oder aplaz vum Detenteur ze geréieren. Dës Fonctionnalitéit ass eng Aart digital Procuratioun, duerch déi den Zougang an d'Gestioun vum DSP vereinfacht ginn. | M3S-AeS | / | ■ Number of registered DSP assistants | **2026 - 2030** |
| **3.12** | Diversifizéieren an Zougänglechmaache vun den Alert- an Informatiounsmessagen am Kader vun der "Nationaler Resilienzstrategie" (Stratégie nationale de résilience). D'Diffusiounskanäl ginn erweidert, fir e Maximum vu Leit ze erreechen. | MAINT, ME-HCPN | MMTP | ■ Zuel vu genotzten Diffusiounskanäl<br>■ Prozentsaz vu geografesche Gebidder/ Uertschaften, déi ofgedeckt sinn | ***** |

* Laut SNRImplementéierungsplang

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **3.13** | Sécherstellen, dass d'Alert- an Informatiounsmessagë fir déi gesamt Bevëlkerung a besonnesch fir déi vulnerabelst Persounen accessibel sinn, woubäi dëst am Kader vun der "Nationaler Resilienzstrategie" (Stratégie nationale de résilience) erfollegt. Dës Accessibilitéit berout op der Notzung vun Technologië wéi Sproochsynthees, Gebäerdesproochdolmetschen an engem méisproochege Support. | MAINT, ME-HCPN | / | ■ Zuel vun accessibele Formater<br>■ Prozentsaz vu Messagë mat Gebäerdesproochdolmetschen et cetera | * |
| **3.14** | Mise en place, am Kader vum PAN fir d'Preventioun an d'Bekämpfung vun der Aarmut, vun enger zentraliséierter digitaler Plattform (Dossier Social Partagé). Dës Plattform erlaabt et de Leit, hir perséinlech an administrativ Donnéeën esou wäit ewéi méiglech ze regruppéieren, fir d'Zuel vu repetitiven Demarchen ze reduzéieren an den Zougang zu Hëllefen ze vereinfachen, woubäi se gläichzäiteg en transparenten a séchere Suivi duerch d'Verwaltungen an déi ernannte Vertrauenspersounen erméiglecht. De Fonctionnement vum "Dossier social partagé" gëtt fënnef Joer, nodeem e lancéiert gouf, evaluéiert. | MFSVA | MinDigital-CTIE | ■ Mise en place vun der Plattform<br>■ Duerchgefouert Evaluatioun | **2027** |
| **3.15** | Verbessere vun der Accessibilitéit vun den ëffentleche Servicer fir Cliente vun der ADEM, déi bei hiren Demarchë begleet musse ginn. Et gëtt e physeschen Accueilsberäich en place gesat, deen duerch en digitalen eADEM-Beräich mat enger Born mat informateschem Material ergänzt gëtt. | MT-ADEM | / | ■ Zuel vun Demandeurd'emploien, déi d'Borne notzen | **Vun 2025 un** |
| **3.16** | Ariichte vu räsonabelen Amenagementer fir d'Astellungstester esouwéi fir d'Examen-de-fin-de-stagen an d'Examen-de-finde- carrièren. D'Zil vun dësen Ajustementer ass et, e gläichberechtegten Zougang sécherzestellen an de spezifesche Besoine vun de Kandidate Rechnung ze droen. | MFP | MFP-CGPO, MFP-INAP | ■ Zuel vu Moossname fir räsonabel Amenagementer | **2026** |
| **3.17** | Neigestaltung vum eSanté-Portal (www.esante.lu), fir d'Ergonomie an d'Accessibilitéit ze verbesseren. Den Inhalt gëtt ugepasst, fir dass e méi pregnant an einfach gëtt an doduerch d'Navigatioun, d'Verständnis an d'Accessibilitéit erliichtert. | M3S-AeS | / | ■ Zuel vu Visitten op de Säite vum Site | **2026 - 2030** |
| **3.18** | Reforméiere vun de Plattforme luxembourgticket.lu, echo.lu a culture.lu, fir den Zougang zu kulturellen Informatiounen a Servicer ze vereinfachen an d'Benotzererfarung ze verbesseren. Dës Plattforme wäerten eng kloer Iwwersiicht iwwert Plazen a kulturell Manifestatioune ginn an d'Méiglechkeet bidden, Billjeeën zu engem reduzéierte Präis ze kafen an de Kulturpass online ze kréien. | MCULT | Luxembourg Ticket GIE | ■ Zuel vu Consultatiounen<br>■ Zuel vu Billjeestransaktiounen | **2026** |
| **3.19** | Ubrénge vu Plackette mat engem QR-Code op sämtleche Busarrêten. D'Zil ass et, d'Accessibilitéit vun den Informatioune fir d'Voyageuren direkt um Terrain ze verbesseren, andeem eng digital Léisung ugebuede gëtt, déi ee consultéiere kann, ouni fir d'éischt eng mobil Applikatioun installéieren ze mussen. Iwwer dës Plattform kënnen d'Notzer an Echtzäit déi nächst Departe vun de Buslinne fir e bestëmmten Arrêt consultéieren. | MMTP-ATP | MMTP | ■ Zuel vu Plackette mat engem QR-Code, déi op de Busarrêten, déi vum RGTR a vum TICE desservéiert ginn, ubruecht goufen<br>■ Zuel vu QR-Code-Scannen, déi gemaach goufen | **2026** |

## ZIL 4
# D'digital Accessibilitéit verbesseren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **4.01** | Integréieren, Promovéieren a Weiderentwéckele vum Inklusiouns- an Accessibilitéitsprinzip am Kader vun der Stratégie Gouvernement numérique 2026-2030. Dëse Prinzip wäert als eng vun den Haaptachse vun der Strategie unerkannt ginn a seng Bedeitung wäert bei allen Iwwerleeunge betount ginn, déi mat der digitaler Verwaltung an der Digitaliséierung vun den Interaktiounen tëschent der Verwaltung, de Bierger an den Entreprisen zesummenhänken. Déi nei Technologië wäerte mobiliséiert ginn, fir den Zougang zu de Servicer besonnesch fir déi Leit ze verbesseren, déi am Moment net esou mat den digitalen Technologië vertraut sinn. | MinDigital, MinDigital-CTIE | / | ■ Veröffentlechung vun der Strategie | **2026** |
| **4.02** | Weidert Verbessere vun der digitaler Accessibilitéit a vun der Benotzererfarung op de Sitten an Applikatiounen, déi vum CTIE erstallt goufen a Konformitéit mam Referentiel "Renow". | MinDigital-CTIE | Concernéiert Ministèren a Verwaltungen | ■ Accessibilitéitsgrad<br>■ Retoure vun den Notzer | **KA** |
| **4.03** | Sécherstellen, dass d'Accessibilitéit vun de Sitten a mobillen Applikatiounen am ëffentleche Secteur duerch reegelméisseg Auditen iwwerwaacht gëtt. Dës Audite wäerten et erlaben, d'Konformitéit zu de gültegen Accessibilitéitsnormen ze evaluéieren an noutwendeg Verbesserungen ze identifizéieren. | ME-SIP | / | ■ Zuel vun duerchgefouerten Auditen | **2026 - 2030** |
| **4.04** | Duerchféiere vun Auditen iwwer d'Accessibilitéit vun den digitalen Dokumenter esouwéi iwwer d'Internetsitte vun de verschiddene Verwaltungen a Servicer vum Staat. Dës Audite wäerten et erlaben, d'Konformitéit zu den Accessibilitéitsnormen ze evaluéieren an noutwendeg Verbesserungen ze identifizéieren. | MENEJ-CDV | / | ■ Zuel vun duerchgefouerten Auditen | **KA** |
| **4.05** | Digital Dokumenter a Formulairen op Demande vun den ëffentleche Verwaltungen an Entitéiten accessibel maachen. | MENEJ-CDV | Ministèren a Verwaltungen | ■ Dokumenter, déi accessibel gemaach goufen | **KA** |
| **4.06** | Duerchféiere vun engem Audit iwwer d'Accessibilitéit vun der E-Learning-Plattform LMS vum INAP. Dësen Audit wäert et erlaben, d'Konformitéit vun der Plattform zu den Normen am Beräich vun der digitaler Accessibilitéit ze evaluéieren an déi noutwendeg Verbesserungen ze identifizéieren, fir eng inklusiv Notzung sécherzestellen. | MFP-INAP | / | ■ Duerchgefouerten Audit | **2026 - 2027** |
| **4.07** | Iwwerpréiwen, ob d'Produiten a Servicer, déi ënner d'Gesetz vum 8. Mäerz 2023 falen, de virgesinnen Accessibilitéitsufuerderungen entspriechen. Op der Grondlag vun de gültegen europäeschen Norme gi reegelméisseg Kontrollen duerchgefouert, fir sech ze vergewësseren, dass déi concernéiert Produkter a Servicer konform sinn; dëst betrëfft besonnesch informatesch Ekipementer, Self-Service- Terminalen, digital Servicer, E-Commerce-Plattformen a Bankservicer. | MFSVA-OSAPS | Partie-prenanten, déi fir dëse Beräich zoustänneg sinn | ■ Zuel vun Demarchen, déi entgéintgeholl goufen<br>■ Zuel vun duerchgefouerte Kontrollen | **2025 - 2030** |
| **4.08** | Ausschaffe vun engem prakteschen online Guide fir d'PMEen, fir se bei der Ëmsetzung vum Gesetz vum 8. Mäerz 2023 iwwer d'Accessibilitéitsufuerderunge fir Produiten a Servicer ze begleeden. Dëse Guide stellt déi gesetzlech Verflichtunge vir, presentéiert bewäert Praktiken, déi schonn an der Entwécklungsphas ze adoptéiere sinn, a bitt konkreet Beispiller fir Upassungen. | MFSVA-OSAPS | Zoustänneg Organisatiounen | ■ Ausgeschaffte Guide<br>■ Zuel vun Downloaden | **2026** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **4.09** | Bereetstelle vu Berodung a Ressourcen, fir de Mikroentreprisë beim Anhale vum d'Gesetz vum 8. Mäerz 2023 iwwer d'Accessibilitéitsufuerderunge fir Produiten a Servicer ze hëllefen. Dobäi gi Begleedungsoutile bereetgestallt, fir d'Verstoe vun de gesetzleche Verflichtungen ze erliichteren an d'Integréiere vun der Accessibilitéit vun der Entwécklungsphas un ze encouragéieren. | MFSVA-OSAPS | LMDDC GIE | ■ Zuel vu bereetgestallte Guiden<br>■ Zuel vun duerchgefouerten ELearning-Formatiounsmodüllen | **2025 - 2032** |
| **4.10** | Duerchféiere vun engem Accessibilitéitsaudit iwwer d'digital Tester vun der Épreuve d'aptitude générale, fir dass d'Examenssupporten den Accessibilitéitsnormen entspriechen. | MFP-CGPO | MENEJ-DGI, MENEJ-CDV | ■ Duerchgefouerten Audit | **2026** |
| **4.11** | Fërdere vun der progressiver Accessibilitéit vun den audiovisuelle Medieservicer fir Mënsche mat Behënnerungen. D'Ausschaffen an d'Ëmsetzung vun Accessibilitéitsprogramme ginn aktiv ënnerstëtzt; heizou gehéiere Moossname wéi Ënnertitelen, Audiodeskriptioun, Gebäerdesprooch a adaptéiert Interfacen. D'ALIA iwwermëttelt der Europäescher Kommissioun all dräi Joer e Rapport iwwer d'Fortschrëtter, déi zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Accessibilitéit vun den audiovisuelle Medieservicer gemaach goufen. | ME-ALIA | Fournisseure vun Televisiouns-, Radiosa Video on demand déi ënner d'Zoustännegkeet vu Lëtzebuerg falen | ■ Konkreet Moossnamen, déi en place gesat goufen<br>■ Iwwermëttelt Rapporten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 5
## Fir d’digital Accessibilitéit sensibiliséieren a forméieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **5.01** | Organiséiere vun Informatiounsseancen iwwer digital Accessibilitéit an Deelhuelen un dediéierten Evenementer a Konferenzen, fir d’ëffentlech Stellen fir d’Enjeuen ze sensibiliséieren a bewäerte Praktiken am Beräich Accessibilitéit ze fërderen. | ME-SIP | MinDigital-CTIE, MFSVA-OSAPS | ■ Zuel vun organiséierte Seancen<br>■ Zuel vun duerchgefouerte Presentatiounenn | **2026 - 2030** |
| **5.02** | Informéiere vun de Bierger a Wirtschaftsacteuren iwwer hir Rechter a Flichten am Beräich vun der Accessibilitéit vun de Produiten a Servicer. Et gi Sensibiliséierungs-campagnen duerchgefouert, fir déi gesetzlech Verflichtunge bekanntzemaachen, déi duerch d’Gesetz vum 8. Määerz 2023 festgeluecht goufen; dëst betrëfft besonnesch d’Verflichtungen an de Beräicher digital Produkter, Bankservicer, E-Commerce an online Plattformen. Fir déi concernéiert Acteure bei der Mise en conformité ze begleeden, gi pedagogesch Supporten an Informatiounssessiounen ugebueden. | MFSVA-OSAPS | ME-SIP, MinDigital | ■ Zuel vun organiséierte Seancen<br>■ Zuel vu veröffentlechte pedagogesche Videoen | **2025 - 2031** |
| **5.03** | Ubidde vu Formatiounen iwwer accessibel Kommunikatioun am Beräich vun den digitalen Technologien. An dëse Formatioune léieren déi Professionell d’Prinzippie vun der digitaler Accessibilitéit beherrschen, fir inklusiv Internetsitten, Inhalter a Servicer ze entwéckelen, déi fir all Zilgruppe gëeegent sinn. | MFSVA | Akzent GIE | ■ Zuel vun ugebuedene Formatiounen | **KA** |
| **5.04** | Ausschaffe vu Leitlinnen iwwer d’Accessibilitéit vun de Walmessagen, déi vun den ëffentlech-rechtlechen audiovisuelle Mediendéngschter diffuséiert ginn. Dës Leitlinne sollen, notamment duerch Ënnertitelen an alternativ Formater, sécher-stellen, dass d’Walmessagë fir jiddereen, och fir Mënsche mat Behënnerungen, accessibel sinn. | ME-ALIA | Fournisseure vun Televisiouns-, Radiosa Video on demand, déi ënner d’Zoustännegkeet vu Lëtzebuerg falen | ■ Veröffentlecht Leitlinnen | **2026 - 2027** |
| **5.05** | Ubidde vu Coursen iwwer digital Accessibilitéit mam Zil, d’Participantë fir d’Enjeue vun der digitaler Accessibilitéit ze sensibiliséieren an hinnen déi néideg Kompetenzen ze ginn, fir inklusiv digital Inhalter a Servicer ze entwéckelen. | MENEJ-DLH | / | ■ Number of participants<br>■ Number of sessions per year | **KA** |
| **5.06** | Sensibiliséiere vu sämtlechen Enseignante fir d’Notzung vun accessibelen digitalen Dokumenter, dëst a Verbindung mat de Formatiounen, déi vum Centre pour le développement des compétences relatives à la vue (CC-CDV) ugebuede ginn. D’Zil vun dëser Aktioun ass et, inklusiv Praktike bei der Produktioun an der Notzung vun digitale Ressourcen ze fërderen a gläichzäiteg d’Kompetenzen am Beräich vun der Accessibilitéit ze stäerken. | MENEJ-DGI, MENEJ-CDV | MENEJ-IFEN, MFP-INAP | ■ Zuel vun Enseignanten, déi un der Formatioun deelhuelen<br>■ Zefriddenheet vun de Participanten | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 6
# D'sproochlech Accessibilitéit vun den digitalen Technologië weiderentwéckelen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **6.01** | Entwéckelen an Deployéieren, iwwer de Léisungsopruff "AccessiLingua" vum GovTech Lab, vun enger KI-Léisung, fir Inhalter an enger einfacher an accessibeler Sprooch ze generéieren. D'Ëmsetzung vun dëser Léisung féiert derzou, dass et méi einfach gëtt, Texter an einfacher Sprooch ze schreiwen an dass ëffentlech Informatioune besser verstane ginn. | MinDigital | MinDigital-CTIE | ■ Deploiement vun der Léisung | **2026** |
| **6.02** | Organiséiere vu Formatiounen iwwer de "Langage facile", fir d'Ëmsetzung vun der Léisung, déi am Kader vum Léisungsopruff "AccessiLingua" entwéckelt gouf, ze begleeden. | MinDigital | APEMH, Klaro | ■ Zuel vun durchgefouerte Formatiounen | **2026 - 2027** |
| **6.03** | Promovéiere vum Site akzent.lu iwwer d'accessibel Kommunikatioun. De Site wäert notamment Informatiounen doriwwer enthalen, wéi ee Sitten accessibel mécht a wéi een eng online Kommunikatioun a "Langage facile" realiséiert. | MFSVA | Akzent GIE | ■ Zuel vu Consultatioune vum Site | **KA** |
| **6.04** | Verëffentleche vun engem online Guide iwwer accessibel Kommunikatioun, dee Recommandatiounen an Astucen enthält, fir d'online Kommunikatioun méi kloer an inklusiv ze gestalten; d'Zil ass et, den Zougang zu Informatioune fir all Zilgruppen ze vereinfachen. | MFSVA | Akzent GIE | ■ Ausgeschaffte Guide<br>■ Zuel vun Downloaden | **2026** |
| **6.05** | Ausschaffe vu Recommandatioune fir eng "Liicht Sprooch" op Lëtzebuergesch. D'Zil vun dësem Projet, deen an Zesummenaarbecht mat de Partie-prenanten duerchgefouert gëtt, ass et, Texter besonnesch fir Mënsche mat Lies- oder Verständnisschwieregkeete méi einfach, méi kloer a méi accessibel ze maachen, fir eng besser Inklusioun a Participatioun am deegleche Liewen ze färderen. | MCULT-ZLS | Apemh, Klaro | ■ Zuel vu Webinhalter, déi a lëtzebuergescher Liichter Sprooch verfügbar sinn | **2026+** |
| **6.06** | Ubidde vum Internetsite info-dpi.lu an 13 Sproochen, fir den Zougang zur Informatioun ze erliichteren a sämtlech nëtzlech Informatiounen iwwer d'Demarchen op eng einfach an accessibel Aart a Weis bereetzestellen. | MFSVA-ONA | MinDigital-CTIE | ■ Zuel vu Visitte vum Site | **KA** |
| **6.07** | Iwwersetze vun den Internetsitte vun der Direction générale de l'inclusion a "Langage facile", fir eng optimal Accessibilitéit vun der Informatioun ze garantéieren. | MENEJ-DGI, MENEJ-CDI, MENEJ-CGIE | / | ■ Zuel vu Sitten, déi a "Langage facile" verfügbar sinn | **KA** |
| **6.08** | Produzéiere vu kuerze Videoen ("Videokapselen") mat Ënnertitelen an Iwwersetzung a Gebäerdesprooch, fir sécherzestellen, dass déi audiovisuell Inhalter fir daf oder héiergeschiedegt Mënschen accessibel sinn. | MENEJ-DGI | MENEJ-CL | ■ Zuel vun accessibele "Videokapselen" | **KA** |
| **6.09** | Aféiere vun engem Service fir d'Schreiwen a "Leichter Sprache" mat enger zentraliséierter Datebank. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDI, MENEJ-CGIE | ■ Zuel vu produzéierten Dokumenter a "Leichter Sprache"<br>■ Automatiséierungsgrad vun den interne Prozesser (Status vun deene verschiddene Modüllen)<br>■ Notzungsgrad vun der zentraliséierter Datebank | **2026 - 2027** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

**ZIL 7**


## D'Zilgruppen un der Entwécklung vun accessibele Léisunge bedeelegen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **7.01** | Bedeelege vun den Zilgruppe vum Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil un der Entwécklung vun neien digitalen Outilen. Abezéie vun dësen Zilgruppen an d'Entwécklung an d'Verbesserung vu Léisunge wéi der digitaler Plattform vum "Guichet social unique", fir d'Pertinenz an d'Accessibilitéit vun dëse Léisungen ze garantéieren. | MFSVA | MFSVA-ONIS | ■ Zuel vu Persounen, déi sech un der Entwécklung vun der digitaler Plattform vum Guichet social unique fir Sozialhëllefe bedeelegt hunn | **2025 - 2026** |
| **7.02** | Identifizéiere vun den administrativen Demarchen, déi als komplex wouergeholl ginn, an Analyséiere vun hirem Komplexitéitsgrad an Zesummenaarbecht mat sämtleche Partie-prenanten am Kader vun de Projeten "Zesumme-Vereinfachen" a "Café de la simplification". | MinDigital | Concernéiert Verwaltungen | ■ Identifizéiert Demarchen | **KA** |
| **7.03** | Mise en place vun engem Expertsgrupp, deen sech aus concernéierte Persounen zesummesetzt an deen am Zesummenhang mat dësen hire Besoinen am Beräich Accessibilitéit am Kader vun der Ëmsetzung vum Gesetz vum 8. Mäerz 2023 consultéiert gëtt. Dëse Grupp hëlleft, d'Hindernisser ze identifizéieren, op déi d'Notzer stoussen, a konkreet Recommandatiounen ze formuléieren, fir d'Accessibilitéit vun de Produiten an de Servicer ze verbesseren. | MFSVA-OSAPS | Zivilbevëlkerung | ■ Zuel vu Consultatioune vum Grupp | **2025 - 2035** |
| **7.04** | Réaliséiere vun neie Benotzertester mat den Zilgruppen, fir d'Accessibilitéit vun de Regierungssitten ze verbesseren. Duerchféiere vun Tester op Guichet.lu, MyGuichet.lu an anere Plattformen, déi vum CTIE entwéckelt goufen, fir d'Benotzererfarung ze optimiséieren an eng systematesch Ko-Konstruktioun mat den Notzer ze förderen. | MinDigital-CTIE | / | ■ Zuel vun duerchgefouerten<br>■ Retoure vun den Notzer | **KA** |
| **7.05** | Duerchféiere vun enger Enquête bei de Mataarbechter vun der ADEM, den Demandeur-d'emploien an den Employeuren, fir d'Preferenzen am Hibléck op d'digital Kanäl an de jee no Service gewënschte Grad un Autonomie ze identifizéieren. Op der Grondlag vun de Resultater vun der Enquête nei Kanäl wéi Instant Messaging a Videovirstellungsgespréicher opmaachen, fir d'Accessibilitéit an d'Qualitéit vun de Servicer ze verbesseren. | MT-ADEM | / | ■ Resultater vun der Enquête | **2025 - 2026** |
| **7.06** | D'Produzente vu Gesondheetsdonnéeën derzou incitéieren, sech op den Elektronesche Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé – DSP / DSP NG) ze connectéieren an d'Kritäre vum EEDS-Referentiel anzehalen. D'Zil vun dëser Demarche ass et, d'Interoperabilitéit, d'Qualitéit an d'Sécherheet vun den Echangë vu Gesondheetsdaten ze garantéieren an hir Integratioun an den nationalen digitale Gesondheetssystem ze erliichteren. | M3S-AeS | Professioneller aus dem Gesondheetsberäich (Fräiberuffler, Gesondheetsstrukturen), Produzente vu Gesondheetsdaten | ■ Zuel vun neie "Produzente vu Gesondheetsdaten" | **2026 - 2030** |
| **7.07** | Entwéckele vu Partnerschaften a vun Uwendungsfäll (cas d'usage) ronderëm den Elektronesche Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé – DSP / DSP NG) an Zesummenaarbecht mat Corps-de-métieren, Patientenassociatiounen, Gesondheetsstrukturen a staatlechen Organisatiounen oder Ministèren. D'Zil vun dëse Partnerschaften ass et, d'Ëmsetzung vu konkreeten Uwendungsfäll ze erliichteren, an deenen den automatiséierte Partage vu Gesondheetsdaten iwwer den DSP derzou bäidréit, d'Koordinatioun vun de Soinen an d'Effikassitéit vun de Servicer ze verbesseren. | M3S-AeS | Corps-de-métieren, Patientenassociatiounen, Gesondheetsstrukturen a staatlech Organisatiounen/ Ministèren | ■ Zuel vun neie Partnerschaften<br>■ Zuel vun Uwendungsfäll | **2026 - 2030** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

# E

# Stäerke vun der Autonomie duerch déi digital Technologien



An enger Zäit vun enger intensivéierter digitaler Transformatioun entwéckelt sech d'Autonomie vun de Bierger bei der Notzung vun den Technologien zu engem zentralen Enjeu vun der Inklusioun. Déi digital Technologien, déi oft als Ausgrenzungsfacteur fir déi Leit wouergeholl ginn, déi am mannsten domat vertraut sinn, kënnen e wichtegen Hiewel fir Emanzipatioun a Participatioun sinn, virausgesat, si ginn op eng inklusiv Aart a Weis konzipéiert an deployéiert. D'Stäerkung vun der Autonomie duerch déi digital Technologië bedeit deemno, d'Viraussetzungen ze schafen, fir dass jiddereen, onofhängeg vu sengen Originnen, sengem Alter oder senger Situatioun, vun hire Méiglechkeete profitéiere kann.

Dës Prioritéit setzt d'Entwécklung vun accessibele Léisunge viraus, déi einfach ze benotze sinn an de Besoine vun deene vulnerabelste Bevëlkerungsgruppe gerecht ginn. Donieft geet et drëm, Dispositiffe fir eng mënschlech Begleedung ze entwéckelen, déi et erlaben, net nëmmen technesch Schwieregkeeten ze iwwerwannen, mee déi digital Technologien och zu engem Vecteur fir Egalitéit a Solidaritéit ze maachen. Am Plaz, Ongläichheeten ze verstäerken, kënnen déi digital Technologien esou zu engem wichtegen Inklusiounsoutil ginn a jidderengem erëm d'Fäegkeet ginn, ze handelen an onageschränkt um Liewe vun der Gemeinschaft deelzehuelen. Den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun schreift sech an dës Logik an. En erkennt un, dass digital Outilen, déi accessibel, verständlech an de Besoine vun den Notzer ugepasst sinn, et vulnerabele Persounen erméigleche kënnen, bei hiren Demarchen, an hirer Kommunikatioun oder bei hirem Zougang zu Informatiounen erëm eng Form vun Autonomie ze kréien, an dëst onofhängeg dovun, ob se vun enger prekärer sozialer Situatioun, enger Behënnerung, Isolatioun oder schwaache digitale Grondkompetenze betraff sinn. Den Aktiounsplang soll op d'Viraussetzungen hiweisen, déi erfëllt si mussen, fir dass d'digital Technologien zu engem Vecteur vun Autonomie an net zu engem Facteur vun Ofhängegkeet ginn. En ënnersicht d'Hiewelen, déi ee mobiliséiere muss, fir jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn, sech déi digital Outilen a sengem eegene Rhythmus, a Funktioun vu sengen eegene Besoinen an an engem sécheren a favorabele Kader unzëeegnen. D'Zil ass et, déi digital Technologien zu engem Outil fir eng aktiv Inklusioun ze maachen, deen an der Lag ass, déi individuell Fäegkeeten ze stäerken an eng onageschränkt Participatioun un der haiteger Gesellschaft ze férderen. Et geet deemno drëm, d'Viraussetzungen ze schafen, fir dass jiddereen en aktiivt a vu Vertraue gepräägtent Verhältnis zu den Technologien entwéckele kann.

## ZIL 1
# Bereetstelle vun digitalen Assistenzléisungen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **1.01** | Bereetstelle vum Outil "Transcribo Vox" fir d'Organisatiounen aus dem ëffentleche Secteur; dësen Outil fir Sproochtranskriptioun soll d'Verschrëftlechung vu geschwatener Sprooch erliichteren an d'Accessibilitéit esouwéi d'Effikassitéit vun den Echangen an de concernéierte Servicer verbesseren. | MinDigital, ME-SIP | MinDigital-CTIE | ▪ Zuel vun ëmgeschriwwene Stonne vun Audio-/ Videofichieren | **2026** |
| **1.02** | Notze vu Kënschtlescher Intelligenz, fir d'Interaktioun tëschent de Bierger an den ëffentleche Servicer ze verbesseren. Deployéiere vu KI baséierte Léisunge fir Recherchen ze maachen, a Mise en place vun Chatbotten op Guichet.lu, fir d'Bierger beim Siche vun Informatiounen op Regierungssitten ze ënnerstëtzen. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Mise en place vun Chatbotten | **2026 - 2030** |
| **1.03** | Entwéckele vun der éischter Sproochsynthees a Lëtzebuerger Sprooch, déi fir Screenreadere gëeegent ass a mat enger Rei vu Plattforme kompatibel ass. | MinDigital, ME-SIP | MinDigital-CTIE, MENEJ-CDV | ▪ Duerchgefouert Zefriddenheetsëmfro | **2026** |
| **1.04** | Lancéiere vun engem Fuerschungsprojet mam Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST), fir innovativ Léisungen am Hibléck op d'Accessibilitéit vu visuellen Inhalter ze entwéckelen. Dëse Projet erfuerscht d'Notzung vun den neien hapteschen an tangibelen Technologien, fir Mënschen, déi Problemer mat der Vue hunn, e besseren Zougang zu visuellen Inhalter ze erméiglechen. | MENEJ-DGI | LIST, MENEJ-CDV | ▪ Lancéiere vum Fuerschungsprojet | **2027 - 2031** |
| **1.05** | Bereetstelle vun Hëllefsmëttele fir Schüler mat visuelle Stéierungen, fir d'Accessibilitéit vun den digitale Formatiounen an Inhalter sécherzestellen an esou en inklusiivt Léieren ze erméiglechen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDV | ▪ Zuel vun accessibelen digitale Supporten | **KA** |
| **1.06** | Bereetstelle vun digitalen elektronesche Supporten (supports électroniques digitaux – SED), déi fir Mënsche gëeegent sinn, déi e Problem mat der Vue oder eng (neuro) visuell, neuromotoresch oder motoresch Stéierung hunn. Dës Bereetstellung berout op de Bestëmmunge vum Artikel 10ter vum geännerte Gesetz vum 18. Abrëll 2001, déi et erlaben, geschützte Wierker a Formater, déi fir Mënsche mat Behënnerungen accessibel sinn, ze notzen. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDV | ▪ Number of digital electronic materials | **KA** |
| **1.07** | Entwéckelen an Deployéiere vun engem Sproochsyntheesoutil a Lëtzebuerger Sprooch, der "Liesmaschinn", fir d'digital Accessibilitéit am Kader vun der Plattform "Sproochmaschinn" (www.sproochmaschinn.lu) ze verbesseren. D'Ëmsetzung erlaabt et, geschriwwen Texter an natierlech Stëmm ëmzewandelen an den Zougang zu Informatioune fir sehbehënnert Persounen oder Mënsche mat Liesschwieregkeeten ze erliichteren. | MCULT-ZLS | / | ▪ Zuel vun Internetsitte mat enger Sproochsyntheesfunktioun | **2026+** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 2
# Ubidde vun digitale Léisunge fir méi Autonomie

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **2.01** | Deployéiere vum universellen awer fakultativen "EU Digital Identity Wallet" mat enger dediéierter Begleedung fir d'Notzer. Eng Authentifikatiounsalternativ gëtt fir all ëffentlech Servicer, online oder en présentiel, séchergestallt. Den Zougang zu den digitale Servicer gëtt vereinfacht, woubäi gläichzäiteg en héije Sécherheets-, Zouverlässegkeets- an Dateschutzniveau séchergestallt gëtt. Administrativ Demarchë kënnen, besonnesch bei Persoune mat ageschränkter Mobilitéit, op Distanz gemaach ginn, ouni dass een sech no den Ëffnungszäite vun de physesche Guichete riichte muss. | MinDigital | MinDigital-CTIE | ■ Zuel vun Downloade vum EUDI Wallet<br>■ Undeel vun den online Authentifikatiounen, déi mam EUDI Wallet gemaach goufen | **2026 - 2030** |
| **2.02** | Entwéckelen, am Kader vum Projetsopruff "Tech-in-Gov", vun engem Chatbot, fir den Zougang zu de Géoportail-Donnéeën ze verbesseren an esou d'Recherche an d'Notzung vu geografeschen Informatiounen duerch Bierger a Professioneller ze vereinfachen. | MinDigital, MFIN-ACT | / | ■ Mise en place vum Chatbot | **2026** |
| **2.03** | Entwéckele vun engem Chatbot fir de Site MengStudien.lu, fir den Zougang zu Informatioune fir d'Notzer ze vereinfachen. Integréiere vun interaktive Fonctionnalitéiten, fir op heefeg Froen ze äntwerten an d'Notzer bei hiren Demarchen ze orientéieren. | MESR | MinDigital-CTIE | ■ POC vun engem Chatbot fir MengStudien.lu | **2026 - 2027** |
| **2.04** | Opmaache vu perséinleche MyADEM-Espacë fir d'Demandeurd'emploien an d'Employeuren op MyGuichet.lu, fir den Zougang zu den online Servicer vun der ADEM ze vereinfachen. Iwwer dës Espacë kann ee finanziell Hëllefen ufroen, sech aschreiwen an administrativ Demarchë maachen. | MT-ADEM | MinDigital-CTIE | ■ Volume vun Demarchen, déi online ënnerbreet goufen<br>■ Volume vu Bäihëllefen, déi online ugefrot goufen | **2025 - 2026** |
| **2.05** | Lancéiere vu Pilotprojete mat Kënschtlecher Intelligenz, fir d'Kompetenze vun den Demandeur-d'emploien ze identifizéieren. Deployéiere vun engem interaktiven Chatbot, fir den Austausch mat den Notzer ze vereinfachen an d'Analys vun de Profiller ze automatiséieren. | MT-ADEM | / | ■ Notzervolume<br>■ Evaluatiouns- a Promotiounssystem | **2025 - 2026** |

## ZIL 3
# D'digital Inklusioun vun de PMEe guidéieren

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **3.01** | Begleede vun de PMEe bei der Integratioun vun digitalen Outilen iwwer den "SME Packages – Digital"-Programm. Ubidde vun Ënnerstëtzung duerch Experte beim Ëmsetze vu Léisungen an de Beräicher digitale Marketing, Gestion d'entreprise an elektronesch Facturatioun, mat enger ëffentlecher Kofinanzéierung vu bis zu 70 %. | MECO | House of Entrepreneurship, Chambre de Commerce, Chambre des Métiers | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2030** |
| **3.02** | Begleede vun de PMEe bei der Integratioun vu KI-Léisungen iwwer den "SME Packages – AI"-Programm. Proposéiere vun einfachen a gëeegenten Initiativen, déi eng Evaluatioun vun de Besoinen an d'Ëmsetzung vu KI-Outile mat enger ëffentlecher Kofinanzéierung vu bis zu 70 % erlaben. | MECO | House of Entrepreneurship, Chambre de Commerce, Chambre des Métiers | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2030** |
| **3.03** | Begleede vun de PMEe bei der Stäerkung vun hirer Cybersécherheet iwwer den "SME Packages – Cybersecurity"-Programm. Evaluéiere vun hirem Sécherheetsniveau, Erliichtere vun der Konformitéit mat der NIS2-Direktiv a Färdere vun der Implementéierung vu gëeegenten Technologien a Prozeduren, woubäi et eng ëffentlech Kofinanzéierung vu bis zu 70 % gëtt. | MECO | Luxembourg House of Cybersecurity, House of Entrepreneurship, Chambre de Commerce, Chambre des Métiers | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2030** |
| **3.04** | Deployéiere vun de "Fit4"-Programmen (Digital, KI, Cybersécherheet), fir d'digital Maturitéit vun den Entreprisen ze evaluéieren an eng prezis Feuille de route ze definéieren. Dës kofinanzéiert Begleedung erméiglecht et, d'Besoinen ze identifizéieren an déi am beschte gëeegent Léisungen auszewielen. | MECO | Luxinnovation | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2030** |
| **3.05** | Ubidde vu Servicer, déi ganz iwwer den "Luxembourg – Digital Innovation Hub" (L-DIH) finanzéiert ginn, dorënner d'Sensibiliséierung fir déi verfügbar Finanzéierungsméiglechkeeten, Tester vun Technologien, d'Evaluatioun vun der digitaler Maturitéit an d'Ënnerstëtzung beim Ausschaffe vun enger Feuille de route. D'Zil vun dëse Servicer ass et, d'Effikassitéit, d'Qualitéit an d'Nohaltegkeet vun den Entreprisen duerch d'Digitaliséierung ze verbesseren. | MECO | Luxinnovation | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2030** |
| **3.06** | Mise en place vun Investitiounsbäihëllefen, fir d'Adoptioun vun neien Technologien an de PMEen ze färderen. Dës Bäihëllefen decke bis zu 30 % vun den Depensen am Zesummenhang mat Digitaliséierungsprojeten of, déi zu enger Verbesserung vun de Prozesser, vun der Produktivitéit a vun der Kompetitivitéit féiere sollen. | MECO | / | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2030** |
| **3.07** | Begleede vun den Entreprisen duerch "D'AI Factory" bei allen Etappe vun der Integratioun vu Kënschtlecher Intelligenz: Evaluéiere vun hirer Maturitéit, Entwéckele vu fortschrëttleche Léisungen, Bereetstelle vu rechtleche Kaderen, Austauschen an Notze vun den Daten. | MECO | Luxinnovation, LuxProvide, LIST, Uni.lu, LNDS | ■ Zuel vun ënnerbreeten Demanden | **2025** - **2028** |

## ZIL 4
# Entwéckele vun online Plattformen

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **4.01** | Deployéiere vun enger neier "JobBoard"-Plattform, déi d'Sich no enger Aarbecht vereinfache soll an esouwuel online ewéi och an der Agence op all Typ vun informateschem Ekipement zougänglech ass. Garantéiere vun enger Accessibilitéit, déi de Standarde vun der digitaler Inklusioun entsprécht. | MT-ADEM | / | ▪ Akzeptanzquot vun den digitalen Technologië bei de Cliente vun der ADEM | **2026** - **2027** |
| **4.02** | Ëmsetze vum "E-Languages"-Projet, enger gratisser E-Learning- Plattform, fir Sproochen online ouni zäitlech oder raimlech Contrainten ze léieren an d'Sproochkompetenzen am Hibléck op eng besser Beschäftegungsfäegkeet ze stäerken. | MT-ADEM | FSE+, Babbel | ▪ Zuel vu "Babbel"-Lizenzen, déi vun den Demandeur-d'emploien aktivéiert goufen | **2024** - **2026** |
| **4.03** | Mise en place vun engem online Guichet fir schoulesch Inklusioun, wou d'Informatiounen an d'administrativ Demarchen zentraliséiert ginn. D'Méiglechkeet bidden, Dokumenter ze hannerleeën, e personaliséierte Suivi vun den Dossieren erlaben an eng Accessibilitéit garantéieren, déi de "WCAG"-Standarden entsprécht. | MENEJ-DGI | MENEJ-SNEI, MENEJ-CGIE | ▪ Zuel vun Demarchen, déi online iwwer de Guichet gemaach goufen<br>▪ Zuel vu Unique Users / Web Traffic | **2025** - **2026** |
| **4.04** | Färdere vun der Notzung vum MyIFEN-Portal a vum online Katalog, fir d'Autonomie vum Educatiounspersonal bei senge Weiderbildungsdemarchen ze stäerken; heibäi sollen d'Sich, d'Aschreiwungen an d'Gestioun vun de Formatioune vereinfacht an administrativ Hürden ofgebaut ginn. | MENEJ-IFEN | MENEJ-CGIE | ▪ Zuel vun online Aschreiwungen<br>▪ Zefriddenheetsgrad vun den Notzer | **KA** |
| **4.05** | Mise en place vu "leveled.lu", enger accessibeler Plattform, fir d'Preventioun bei de Videospiller an de Katalog vun Atelieren ze promovéieren. | MENEJ-AQUEN | / | ▪ Zuel vu Visitten | **Vum 30. Oktober 2025 un** |
| **4.06** | Entwéckele vun engem eenheetleche Portal iwwer d'Accessibilitéit vun den ëffentlech zougängleche Plazen, wou d'Ariichtungen, d'Programmatiounen an d'Acteuren, déi d'Accessibilitéitskrittären erfëllen, regruppéiert ginn. Dëse Portal ëmfaasst eng Datebank, en Internetsite an eng mobil Applikatioun mat erweiderte Sichfilteren, fir inklusiv Offere méi einfach identifizéieren ze kënnen. | MFSVA, MECO, MCULT | Info-Handicap ASBL | ▪ Zuel vu Visitten<br>▪ Zuel vun Downloade vun der Applikatioun | **2026** |
| **4.07** | Realiséiere vu "Museonet" als digital Referenzplattform fir den online Zougang zu Muséessammlungen, am Hibléck op eng Kultur, déi fir jiddereen accessibel ass. Dësen Dispositif, deen déi traditionell Offer duerch nohalteg an inklusiv Léisungen ergänzt, färdert eng aktiv Participatioun vu Leit, déi wäit ewech oder verhënnert sinn, an dréit zu enger Kultur ouni physesch oder sozial Barriäre bäi. | MCULT | Kulturinstituter; regional Muséeën | ▪ Zuel vu Muséeën, déi dem Museonet-Reseau ugehéieren<br>▪ Zuel vun Indexéierungen an der gemeinsamer Museonet-Datebank | **2026** - **2027** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

# F


# Bäibehale vun enger Alternativ zu den digitalen Technologien

An engem Kontext, wou d'Digitaliséierung vun de Servicer sech ëmmer méi séier weiderentwéckelt, gëtt d'Bäibehale vun enger Alternativ zu den digitalen Technologien zu enger demokratescher Noutwendegkeet. Och wann déi digital Technologien onbestreitbar Opportunitéiten am Hibléck op Effikassitéit, Accessibilitéit a Vereinfachung bidden, kënne se awer net deen eenzege Kanal ginn, iwwer deen een Zougang zu Rechter, Servicer oder Informatiounen huet. Digital Inklusioun bedeit net, dass ee verflicht ass, déi digital Technologien ze notzen, mee dass een d'Méiglechkeet huet, dat ze maachen — fräi, onopgefuerdert an andeem ee weess, wat ee mécht.

D'Aarbechten am Kader vum zweeten nationalen Aktiounsplang hunn eng Realitéit däitlech gemaach, déi oft net beuecht gëtt: Et gëtt Leit, déi déi digital Outilen net notze wëllen oder kënnen, sief et aus Gesondheetsgrënn oder wéinst perséinlechen Iwwerzeegungen, feelendem Vertrauen oder Schwieregkeeten, déi trotz den Ënnersëtzungsofferen nach ëmmer bestinn. Fir dës Bevëlkerungsgruppen ass d'Bestoe vun engem alternative Wee net nëmmen noutwendeg, mee och berouegend.

Dës Approche stellt d'digital Transformatioun net a Fro, mee encadréiert se an enger Logik vu Respekt a Gerechtegkeet. Esou ka verhënnert ginn, dass d'Digitaliséierung, virun allem fir déi vulnerabelst oder am mannste connectéiert Leit, zu enger weiderer Quell vun Ausgrenzung gëtt. Duerch d'Alternative gëtt séchergestallt, dass all Bierger weiderhin Zougang zu ëffentleche Servicer, Informatiounen an administrativen Demarchen hunn, och wann se déi digital Technologien net notzen. Dëst setzt och viraus, dass déi weesentlech Informatiounen an ënnerschiddleche Formater verfügbar sinn, déi jidderee verstoen an notze kann.

Andeem den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun dës nei Prioritéit a seng Strategie ophëlt, erkennt en un, dass zur



Inklusioun och de Respekt virun der Entscheedung vum eenzelne Mënsch gehéiert. Op dës Manéier gëtt séchergestallt, dass kee lénks leie gelooss gëtt an dass beim digitale Wandel d'Ënnerschiddlechkeeten an d'Liewensparcourse berücksichtegt ginn. Si dréit ausserdeem derzou bäi, Stigmatiséierung a Frustratioun ze vermeiden an eng universell a gerecht Offer vu Servicer an der Gesellschaft ze erhalen.

## ZIL 1
# Bäibehale vun engem physeschen Accueil

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **1.01** | Bäibehale vum physesche Guichet vu Guichet.lu an der Stad, fir e gerechten Zougang zu den ëffentleche Servicer sécherzestellen. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Frequentatioun vum physeschen Accueil vu Guichet.lu | **KA** |
| **1.02** | Erweidere vum physeschen Accueil vu Guichet.lu duerch e mobille Guichet de proximité. Duerch d'Aféierung vun engem mobille physesche Guichet ka séchergestallt ginn, dass d'Servicer de ganzen Territoire op eng gerecht Manéier ofdecken. Fir den Zougang zu den ëffentleche Servicer an alle Gemengen ze garantéieren, gi regional Tournéeën organiséiert. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Frequentatioun vum mobille physesche ▪ Zuel vu Gemengen, an déi e kënnt | **2026 - 2030** |
| **1.03** | Organiséiere vu Promotiounscampagnen, fir d'Ëffentlechkeet iwwer déi physesch Guichete vu Guichet.lu, a besonnesch iwwer de mobille Guichet an de Guichet an der Stad, ze informéieren, fir den Zougang zu den ëffentleche Servicer ze vereinfachen. | MinDigital | MinDigital-CTIE | ▪ Duerchgefouert Campagnen | **2026 - 2030** |
| **1.04** | Erstelle vun enger interaktiver Kaart mat den zukünftege Standuerter vum mobille Guichet vu Guichet.lu, fir d'Bierger iwwer déi regional Tournéeën ze informéieren. Duerch d'Visualiséiere vun de Plazen, wou de mobille Guichet um gesamten Territoire hikënnt, gëtt den Zougang zu den ëffentleche Servicer vereinfacht. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Lancement vun der interaktiver Kaart | **2026 - 2030** |
| **1.05** | Stäerke vun de Kompetenze vun de Mataarbechter am physeschen Accueil vu Guichet.lu, inklusiv dem mobille Büro an dem Helpdesk, andeem eng Weiderbildung vun de Mataarbechter séchergestallt gëtt. D'Mataarbechter aus dem Accueil gi forméiert, fir de Besoine vum Zilpublikum op eng e[ikass Manéier gerecht ze ginn an eng qualitativ héichwäerteg Begleedung sécherzestellen. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vu Formatiounen | **2026 - 2030** |
| **1.06** | Entgéinthuele vun de Bierger hiren Umierkungen am Accueil vu Guichet.lu iwwer eng dediéiert physesch Born an Notze vun dësem Outil, fir d'Qualitéit vum Service kontinuéierlech ze verbesseren an den Erwaardunge vun der Ëffentlechkeet gerecht ze ginn. | MinDigital-CTIE | / | ▪ Zuel vun Avisen, déi geäussert ▪ Zefriddenheetsgrad | **2026 - 2030** |
| **1.07** | Entwéckele vun engem physesche Guichet a Mise en place vu mobillen Interventiounen als Ergänzung zum online Guichet inclusion-scolaire.lu, fir Alternativen a Form vun direktem Kontakt fir déi Leit unzebidden, déi léiwer eng Begleedung op der Plaz wëllen. | MENEJ-DGI | MENEJ-SNEI | ▪ Zuel vu Visiteuren am physesche Guichet pro ▪ Zuel vun duerchgefouerte mobillen Interventioune pro Mount | **2026 - 2027** |
| **1.08** | Sécherstellen, dass am Zesummenhang mat Informatioune fir eeler Leit accessibel alternativ Dispositiffen ouni Réckgrëff op digital Outile verfügbar sinn, fir de gläichberechtegten Zougang zu de Servicer ze erhalen. | MFSVA-SIMPA | / | ▪ Zuel vun Uriff ▪ Kategorië vun Informatiounsufroen | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **1.09** | Ergänze vun den digitalen Dispositiffen duerch net digital alternativ Léisungen am Kader vun der Lutte géint d'Net-Anusprochhuele vu Sozialhëllefen. Konkreet geet et drëm, als Ergänzung zur digitaler sozialer Plattform (déi am Kader vum Guichet social unique fir d'Sozialhëllefen entwéckelt gëtt), e physesche Guichet fir enAccueil de proximité, eng Telefonslinn an eng mobil Ekipp ze deployéieren, fir am Kader vum PAN fir d'Preventioun an d'Bekämpfung vun der Aarmut op déi Zilgruppen zouzegoen, déi am mannste mat den digitalen Technologië vertraut sinn. Dës dräi Dispositiffe stelle sécher, dass all Notzer, onofhängeg vu sengem Ekipement oder sengen digitale Kompetenzen, en zouverlässegen Zougang zu Informatiounen huet a vun enger personaliséierter Prise en charge profitéiere kann. | MFSVA | / | ■ Mise en place vun der Telefonslinn<br>■ Mise en place vun der mobiller Ekipp<br>■ Mise en place vum physescheGuichet | **2026** |
| **1.10** | Deployéiere vun eADEM-Espacen an den dräi Haaptagencë vun der ADEM vum Dezember 2025 un, fir d'Scanne vun den Demandë fir d'Chômageindemnisatioun ze begleeden. Dës Espacë bidde mënschlech Ënnerstëtzung fir Demandeurd'emploien, déi Schwieregkeete bei den online Demarchen hunn; op dës Manéier gëtt trotz der kompletter Dematerialiséierung vum Prozess e gerechten Zougang zu de Servicer séchergestallt. | MT-ADEM | / | ■ Zuel vun Demandeurd'emploien, déi bei hiren online Demarchen op d' eADEMËnnerstëtzung ugewise sinn | **Vun 2025 un** |
| **1.11** | Bereetstelle vun engem physesche Guichet am House of Entrepreneurship, dee vum Service fir Nidderloossungsgeneemegunge vum Wirtschaftsministère geréiert gëtt. Dëse Guichet, deen op Rendez-vous accessibel ass, begleet d'Entreprenere bei hiren administrativen Demarchen am Zesummenhang mat der Kreatioun an der Gestioun vun enger wirtschaftlecher Aktivitéit. | MECO | House of Entrepreneurship | ■ Zuel vu Rendezvousen | **2025 - 2030** |
| **1.12** | Ausweide vun de regionale Guichete vum House of Entrepreneurship, fir d'Begleedung vun den Entrepreneren ze verbesseren. Dës Guichete bidden an Zukunft, méiglechst no bei den Träger vun de Projeten, eng personaliséiert Berodungan de Beräicher Grënnung vun enger Entreprise, staatlech Bäihëllefen, Entwécklung, Digitaliséierung an Transmissioun vun Aktivitéiten | MECO | House of Entrepreneurship, Chamber of Commerce, Chamber of Crafts, SME National Observatory GIE | ■ Zuel vu Rendezvousen | **2026** |
| **1.13** | Promovéiere vun de Guichet-de-proximité bei den Zilgruppen, woubäi d'Demarchen an d'Servicer, déi vun de Lëtzebuerger Verwaltungen an ëffentleche Stellen ugebuede ginn, an de Mëttelpunkt gestallt ginn. | MFSVA | MinDigital | ■ Zuel vun erreechte Persounen | **KA** |

KA = Kontinuéierlech Aktioun

## ZIL 2
# De Bierger eng personaliséiert Ënnerstëtzung ubidden

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| **2.01** | Weiderféiere vun der besteeënder Offer vum Guichet.lu-Helpdesk, woubäi eng individuell Ënnerstëtzung – perséinlech am Accueil, iwwer Telefon, iwwer Videokonferenz oder per E-Mail – séchergestallt gëtt, fir weiderhin eng accessibel an de Besoine vun den Notzer ugepasste Begleedung ubidden ze kënnen. | MinDigital-CTIE | / | ■ Zuel vu Rendezvousen, déi geholl goufen<br>■ Zuel vun Uriff<br>■ Zuel vun E-Mailen | **2026** - **2030** |
| **2.02** | Stäerke vum Assistenzservice fir Cybersécherheet vum Luxembourg House of Cybersecurity, dee fir all Bierger do ass, dee mat enger komplexer Situatioun konfrontéiert ass (an Zesummenaarbecht mat der BEE SECURE Helpline). Dëse Service bitt eng technesch a psychologesch Begleedung un a verbreet bewäert Praktiken am Beräich vun der digitaler Hygiène. | MECO-LHC | NC3, KJT | ■ Zuel vun Demanden | **KA** |
| **2.03** | Sécherstelle vun enger personaliséierter Begleedung fir d'Notzer vun den eSanté-Servicer; dëst geschitt iwwer den Helpdesk, deen iwwer Telefon, per E-Mail oder iwwer en Online-Formulaire zougänglech ass. Op Rendez-vous kann och eng Presenzënnerstëtzung ugebuede ginn, fir spezifesche Besoine vun den Notzer Rechnung ze droen. | M3S-AeS | / | ■ Zuel vu Rendezvousen, déi geholl goufen | **2026** - **2030** |
| **2.04** | Ënnerstëtze vun der Promotioun vun de lokalen Initiativen, fir déi administrativ Sprooch méi accessibel ze maachen. Dispositiffe wéi den écrivain public gi bei den Zilgruppen, de Gemengeverwaltungen an de Schlësselacteure vum interkulturellen Zesummeliewe valoriséiert, fir d'Verständnis vun an den Ëmgang mat den administrativen Demarchen ze erliichteren. | MFSVA | Projetspartneren | ■ Zuel vun erreechte Persounen | **2023** - **2029** |

## ZIL 3
# Alternativen zu den digitalen Technologien ubidden

| | Aktiounen | Responsabelen Acteuren | Aner bedeelegt Parteien | Indicateuren/konkreet Resultater | Zäitplang |
|---|---|---|---|---|---|
| 3.01 | Am Kader vun der *Stratégie Gouvernement numérique 2026-2030* sécherstellen, dass net digital Alternative bäibehal ginn. D'Bierger behalen d'Méiglechkeet, hir Demanden iwwer konventionell Kanäl anzereechen. D'Demarchë kënne weiderhiniwwer Courrier gemaach oder direkt am Guichet op Pabeier agereecht ginn, fir eng universell Accessibilitéit vun den ëffentleche Servicer sécherzestellen. | MinDigital | / | ■ Veröffentlechung vun der Strategie | **2026 - 2030** |
| 3.02 | Veröffentlechen an Diffuséiere vun engem gedréckte Guide iwwer d'Offeren am Beräich vun der digitaler Inklusioun; dëse Guide riicht sech un d'"Relaisen", déi mat Bevëlkerungsgruppe schaffen, déi mat den digitalen Technologien net esou vertraut sinn. Vereinfacht Iwwermëttele vu Schlësselinformatiounen, fir déi betreffend Bevëlkerungsgruppen an déi verfügbar Servicer ze orientéieren an ze begleeden. | MinDigital | / | ■ Diffuséiert Guiden | **2026** |
| 3.03 | Bereetstelle vu Pabeierversioune vun de Consultatiounen op "Zesumme- Vereinfachen", fir d'Accessibilitéit vun de betreffenden Inhalter fir déi Bevëlkerungsgruppen ze garantéieren, déi mat den digitalen Technologien net esou vertraut sinn. | MinDigital | / | ■ Consultatiounen, bei deenen op Pabeierversiounen zeréckgegraff gëtt | **KA** |
| 3.04 | Bäibehale vun der Méiglechkeet, Dokumenter aus dem DSP erauszedrécken, esouwéi, bei Kommunikatiounsaktiounen, déi sech un déi concernéiert Zilgrupp riichten, Sensibiliséieren dofir, dass dëst wann néideg am Opdrag vum Notzer kéint vun engem habilitéierte Professionellen aus dem Gesondheetsberäich oder engem DSP-Assistent gemaach ginn. Dës Pabeieroptioun erlaabt et, d'Accessibilitéit vu Gesondheetsinformatioune fir Mënschen ze garantéieren, déi sech beim Notze vun digitalen Outilen net esou wuel fillen. | M3S-AeS | / | ■ Bäibehale vun enger "Pabeier"- Optioun | **2026 - 2030** |
| 3.05 | Drécke vun Dokumenter, déi a Brailleschrëft esouwéi an taktil Formater adaptéiert goufen, fir d'Accessibilitéit vun den Informatiounen ze garantéieren. Dës Supporte ginn am Aklang mat de gültegen Normen entwéckelt, fir de spezifesche Besoine vu sehbehënnerten oder blanne Mënsche gerecht ze ginn. | MENEJ-DGI | MENEJ-CDV | ■ Zuel vu Säiten, déi a Brailleschrëft editéiert a gedréckt goufen<br>■ Zuel vu Säiten, déi an adaptéierte visuelle Formater editéiert a gedréckt goufen<br>■ Zuel vun taktille Produktiounen | **KA** |
| 3.06 | Mise en place vun net digitalen Atelieren, bei deenen et ëm d'Preventioun bei de Videospiller geet an déi sech u Kanner a Jugendlecher riichten, déi keen Zougang zu den digitale Spiller hunn, déi an deenen aneren Atelieren abordéiert ginn. Dës Ateliere bidden alternativ Aktivitéiten un, déi et erlaben, déi selwecht Thematiken op eng inklusiv an adaptéiert Manéier ze abordéieren. | MENEJ-AQUEN | / | ■ Zuel vun organiséierten Atelieren | **Vum 30 Oktober 2025 un** |

# Annex 1: Partie-prenanten

Am Kader vun der Virbereedung vum Aktiounsplang hunn eng Rei vu Consultatioune stattfonnt, fir eng inklusiv a participativ Demarche ze garantéieren. Dës Echangen hunn et erlaabt, d'Avisen a Propositioune vun net staatlechen Acteuren entgéintzehuelen, déi vun den abordéierten Thematiken direkt betraff sinn. An der follgender Lëscht ginn d'Partie-prenante genannt, déi un dësen Diskussiounen deelgeholl hunn:

| |
|---|
| **Agence eSanté GIE** |
| **Akzent – Zenter fir accessibel Kommunikatioun GIE** |
| **Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés ASBL** |
| **CLAE ASBL** |
| **Club Aktiv Plus** |
| **CID – Fraen a Gender ASBL** |
| **Digital Inclusion ASBL** |
| **ErwuesseBildung ASBL** |
| **Fondation APEMH** |
| **Gero ASBL** |

| |
|---|
| **GoldenMe ASBL** |
| **IMS Luxembourg ASBL** |
| **Info-Handicap – Conseil national des personnes handicapées ASBL** |
| **Klaro - Centre officiel du langage facile** |
| **LISER** |
| **MyConnectivity GIE** |
| **Maison des associations ASBL** |
| **Respect.lu ASBL** |

# Annex 2: Ofkierzungsverzeechnis

| | |
|---|---|
| **ADEM** | Aarbechtsagence |
| **AeS** | Agence eSanté GIE |
| **ALFORMEC** | Association luxembourgeoise pour la formation médicale continue |
| **ALIA** | Onofhängeg lëtzebuergesch Autoritéit fir audiovisuell Medien |
| **ANSSI** | Agence nationale de la sécurité des systèmes d'information |
| **AQUEN** | Agence pour le développement de la qualité dans les secteurs de l'Enfance et de la Jeunesse |
| **ATP** | Verwaltung fir ëffentlechen Transport |
| **CCL** | Chamber of Commerce Luxembourg |
| **CDA** | Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa |
| **CDI** | Centre pour le développement intellectuel |
| **CDV** | Centre pour le développement des compétences relatives à la vue |
| **CEJHP** | Kompetenzzenter fir Kanner a Jugendlecher mat enger Héichbegabung |
| **CGIE** | Centre de gestion informatique de l'éducation |
| **CI** | Comité interministériel |
| **CGSD** | Commissariat du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État |

| | |
|---|---|
| **CGPD** | Commissariat du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État |
| **CGPO** | Zentrum fir Personalverwaltung an Organisatioun vum Staat |
| **CL** | Centre de Logopédie |
| **CNFPC** | Centre national de formation professionnelle continue |
| **CNPD** | National Dateschutzkommissioun |
| **COPIL** | Comité de pilotage |
| **CSL** | Chambre des salariés du Luxembourg |
| **CTIE** | Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat |
| **DISA** | Gesondheetsdirektioun beim Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet |
| **DGEF** | Direction générale de l'enseignement secondaire |
| **DGES** | Directorate for Secondary Education |
| **DLH** | Digital Learning Hub |
| **DGI** | Direction générale de l'inclusion |
| **DPC** | Direktioun fir Konsumenteschutz beim Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau |
| **DSP** | Elektronesche Gesondheetsdossier |
| **DPI** | Demandeur fir internationale Schutz |

| | |
|---|---|
| **ESS** | Sozial- a Solidarwirtschaft |
| **ENSA** | École nationale de santé du Luxembourg |
| **FEDAS** | Fédération des acteurs du secteur social au Luxembourg |
| **FNS** | Nationale Solidaritéitsfong |
| **FSE+** | Fonds social européen plus |
| **GroSuivi** | Groupement d’intérêt économique |
| **GT** | Aarbechtsgrupp |
| **GTL** | GovTech Lab |
| **HCPN** | Haut-Commissariat à la protection nationale |
| **HoSt** | House of Startups |
| **HoT** | House of Training |
| **IFEN** | Institut de formation de l’Éducation nationale |
| **IMS** | Inspiring more sustainability Luxembourg |
| **INAP** | Nationalen Institut fir ëffentlech Verwaltung |
| **KJT** | Kanner-Jugendtelefon |
| **LHC** | Luxembourg House of Cybersecurity |

| | |
|---|---|
| **LISER** | Luxembourg Institute of Socio-Economic Research |
| **LIST** | Luxembourg Institute of Science and Technology |
| **LLLC** | Luxembourg Lifelong Learning Center |
| **LMDDC** | Luxembourg Media & Digital Design Centre GIE |
| **LNDS** | Luxembourg National Data Service |
| **ME** | Staatsministère |
| **MAINT** | Inneministère |
| **MA** | Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau |
| **MCULT** | Kulturministère |
| **MinDigital** | Ministère fir Digitaliséierung |
| **MECO** | Wirtschaftsministère |
| **MENEJ** | Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend |
| **MEGA** | Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit |
| **MESR** | Ministère fir Fuerschung an Héichschoul |
| **MFSVA** | Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil |
| **MFIN** | Finanzministère |

| | |
|---|---|
| **MFP** | Ministère fir d'Fonction publique |
| **MMTP** | Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten |
| **MO** | Maison de l'orientation |
| **M3S** | Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet |
| **MT** | Aarbechtsministère |
| **NC3** | Luxembourg National Cybersecurity Competence Center |
| **NAP** | National Action Plan |
| **OEJQS** | Observatoire national de l'enfance de la jeunesse et de la qualité scolaire |
| **ONA** | Nationale Büro fir Opnam |
| **ONIS** | Nationale Service fir sozial Inclusioun |
| **OSAPS** | Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services |
| **PAN** | Nationalen Aktiounsplang |
| **SCRIPT** | Koordinatiounsservice fir Recherche a pedagogesch an technologesch Innovatioun |
| **SBI** | Social Business Incubator |
| **SFA** | Service fir Erwuessenebildung |
| **SFP** | Service fir Beruffsausbildung |

| | |
|---|---|
| **SIMPA** | Nationale Service fir Informatioun a Mediatioun am Beräich vun de Servicer fir eeler Leit |
| **SIP** | Informatiouns- a Pressedéngscht |
| **SIS** | Sozialentreprise |
| **SMC** | Departement fir Medien, Connectivitéit an digitalen Agenda |
| **SNEI** | Service national de l'éducation inclusive |
| **STATEC** | Nationalen Institut fir Statistiken |
| **UE** | Europäesch Unioun |
| **ULIDE** | University of Luxembourg Institute for Digital Ethics |
| **ZEV** | Zenter fir exzessiivt Verhalen a Verhalenssucht |
| **ZpB** | Zentrum fir politesch Bildung |
| **ZLS** | Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch |